INFO BLAT

°10 18

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 5. DEZEMBER 2018



L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFOBLAT 10 18

COMPTE-RENDU DU 5 DÉCEMBRE 2018

4-48

MODIFICATION DU PAG ET DES PAP

49

DEMANDE DE CERTIFICATS

49

INSCRIPTIONS ET DÉMÉNAGEMENTS

50

ACTES D'ÉTAT CIVIL

50

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Mirko Mengoni

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 10/2018, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 5 DÉCEMBRE 2018

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Serge Goffinet (LSAP)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Finances communales: présentation du budget rectifié 2018 et du budget initial 2019 par le collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Office social de Differdange: budget rectifié 2018 et budget initial 2019 — avis.**
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: application de l'article 20 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain «Interdictions pouvant frapper les immeubles pendant la période d'élaboration d'un PAG» — prolongation de servitudes portées sur des immeubles proposés comme «secteurs et éléments protégés d'intérêt communal/protection».**
5. **Actes et conventions:**
   a. Acte de vente d'un terrain de 2,36 a situé au lieudit «Route de Pétange» à Niederkorn;
   b. Conventions de servitude avec CREOS Luxembourg aux lieudits «Route de Pétange» à Niederkorn, «Avenue du Parc-des-Sports» à Oberkorn, «Parc Gerlache» à Differdange et «In der Neuwies» à Oberkorn;
   c. Avenant au contrat de location et à la convention d'exploitation d'un parking public au lieudit «Grand-Rue» à Differdange;
   d. Contrats de bail pour des ateliers d'artistes.
6. **Règlements communaux:**
   a. Règlements concernant la subvention des frais de travaux pour les immeubles protégés;
   b. Règlements temporaires de circulation.
7. **Changements au sein des commissions consultatives.**

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre l'une des séances les plus importantes, la première séance budgétaire. Le collège échevinal expliquera aux citoyennes et citoyens ce qui est prévu pour 2019 et au-delà. (Interruption)

Roberto Traversini constate qu'il a oublié d'excuser M. Goffinet.

Pour le bourgmestre, ce budget est un des meilleurs de ces 13 dernières années. Il est durable, orienté vers l'avenir et juste. Roberto Traversini reviendra sur ces points tout à l'heure.

C'est aussi un budget ambitieux, mais prévoyant et raisonnable. La prévoyance permettra de continuer à investir au cours des années suivantes et de diriger ainsi les sorts de la commune.

On dit souvent que Roberto Traversini fait trop attention à l'argent. Mais pour lui, c'est davantage un compliment qu'une critique. Après tout, il s'agit des deniers publics. C'est pourquoi il faut toujours veiller à ce qu'il reste de l'argent pour investir dans la ville.

Roberto Traversini passe aux chiffres même s'il sait que ce n'est pas ce qu'il y a de plus intéressant. Les conseillers communaux disposent d'un tableau récapitulatif.

En 2017, le boni du budget rectifié se montait à près de neuf-millions d'euros. En 2018, l'excédent ordinaire est de 28 millions d'euros et en 2019, il est prévu à 29 millions d'euros. Ces montants sont importants parce qu'ils permettent d'investir dans le budget extraordinaire.

Roberto Traversini sait pertinemment que dans deux semaines, on lui dira que l'excédent est dû au nouveau mode de financement de l'État. C'est vrai. Mais au cours des dernières années, le collège échevinal s'est aussi montré prudent. Il a essayé de multiplier les sources de revenus de la commune et de profiter de tous les subsides disponibles. Differdange compte d'ailleurs deux ou trois sources de recettes que les autres communes n'ont pas.

Au cours des trois ou quatre dernières années, les recettes, mais aussi les dépenses ont augmenté constamment, notamment en raison des nombreux recrutements: 198 personnes en 18 mois. Il est

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moie fir eis éischt Budgetssëtzung. Eng vun deene Wichtegsten, si sinn natierlech all wichteg. Wichteg, well mer d'Weiche fir d'Zukunft stellen an Iech an och eisen Awunner an Awunnerinne soen, wou mer 2019 an doriwwer eraus hiwëllen. E Budget spigelt net nëmmen ee Joer erëm, mä d'Zukunft vun enger Stad.

(Interruptioun)

Richteg, den Här Goffinet misst ech entschëllegen. Deen hat sech ofgemellt.

Mir presentéieren e ganz interessante Budget. Ech soen dat vläicht scho fir d'zweet oder fir d'drëtt, mä fir mech ass et ee vun de beschte Budgeten, dee mer an de leschten 13 Joer, op alle Fall säit ech dobäi sinn, presentéiere kënnen.

Et ass e Budget, an deem mer fir d'Zukunft denken. En ass ohalteg, zukunftsorientéiert a gerecht. Ech wäert nach op déi jeeweileg Punkten zréckkommen, wat ech mat Gerechtegkeet, zukunftsorientéiert an nohalteg mengen.

Et ass en éiergäizege Budget. Dat wäert Der och gesinn, wa meng Kolleegen a Frëndinnen aus dem Schäfferot hir Beräicher presentéieren.

Et ass e wäitsiichtege Budget. An et ass ee responsabele Budget.

Wäitsiichteg ass, wann een op d'Suen oppasst. Esou kann een déi nächst Jore weider investéieren. Et kann een eng Gemeng steieren. Et ass méi einfach ze steieren, wann ee Suen huet, wéi wann ee keng huet.

Et gëtt oft gesot, datt ech ze vill gutt op d'Sue géif oppassen. Ech huelen dat méi als Kompliment wéi …

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Als Kritik.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

… als Kritik. Merci, Här Ulveling.

Et sinn der Allgemengheet hir Suen. Dofir soll een all Euro ëmdréien a kucken, datt een herno Suen iwwreg huet, fir en Invest an d'Stad kënnen ze betätegen.

Ech wäert Iech elo kuerz Zuelen opzielen. Ech weess, datt dat net dat Interessantst ass. Dir hutt eng Tabell virleien. Dat ass de Resumé vun deenen Zuelen.

2017 hate mer am Rectifié e Boni vu bal néng Milliounen Euro. Dir gesitt 2018 en Iwwerschoss am Ordinäre vu bal 28 Milliounen Euro. An 2019 hu mer en Iwwerschoss am Ordinäre vu ronn 29 Milliounen Euro.

Firwat nennen ech déi Chifferen? Well am Fong geholl déi Chifferen ausmaachen, wat mer am Extraordinären investéiere kënnen. Dat ass ganz, ganz vill Geld. Ech weess och schonn, wat ech an zwou Woche wäert ze héiere kréien: „Dat ass duerch den neie Finanzéierungsmodus vum Staat". Natierlech ass et och dat. Awer net nëmmen.

Dat kënnt dohier, well mer wierklech déi lescht Joren extrem gutt opgepasst hunn, wou mer eis Suen ausginn. A mir hunn iwwerall gekuckt, wou mer kënne Subside kréien, wou mer anerwäerts Sue kënnen erakréie wéi nëmmen iwwer Taxen an iwwert de Staat. An Dir wäert gesinn, datt mer zwou, dräi Einnamequellen hunn, wat mengen ech net vill Gemengen hunn.

Weider gesitt Der, datt an deene leschten dräi, véier Joer d'Recettë konstant an d'Luucht gaange sinn. D'Depensë sinn och konstant an d'Luucht gaangen. Dat erkläert sech haaptsächlech doduerch, well mer schrecklech vill Leit agestallt hunn. Mir hunn an deene leschten 18 Méint 198 Leit agestallt. 198 Leit hunn an de leschten 18 Méint e Kontrakt vun der Stad Déifferdeng kritt.

Da kréien ech gesot: „Et ginn der jo och erëm fort". Richteg. Mä et ginn der awer net esou vill fort. Ech hat mat engem Responsabele vum Service geschwat. D'lescht Joer waren et knapps 20 Leit, déi eis Gemeng verlooss hunn, fir op eng aner Plaz schaffen ze goen. An dat war haaptsächlech an de Structure-d'accueilen.

2. Finances communales

Ganz interessant ass eisen Emprunt. Mir hunn et fäerdegbruecht, extrem vill ze investéieren déi lescht zwielef Joer. Enn dëses Joers leie mer bei engem Emprunt vun ëm déi 55 Milliounen Euro. Virun dräi, véier Joer ware mer nach bei 80 Milliounen Euro. Plus eng Ligne de crédit, wou mer stänneg am Defizit waren. Do sti mer extrem gutt. Mir hunn et fäerdegbruecht d'Finanze vun eiser Gemeng anstänneg ze sanéieren. D'Pro-Kapp-Verschëldung, kann ee soen, läit bei knapp 2.004 Euro.

Och ganz interessant ass den Amortissement. En Amortissement, wou een erëm gesäit, datt mer extrem gesond sinn. Virun dräi, véier Joer louche mer bei iwwer 5% Amortissement. Dëst Joer leie mer bei knapps 3,54% Amortissement. Wat och weist, datt eis Keess zimlech gutt ass.

D'Salairë maachen extrem vill aus. Déi maache ronn 50% vun eisen Depensen aus. Mir leie bei ronn 43 Milliounen Euro, déi mer just fir d'Salairen aus eiser Gemeng ausginn.

Wat een awer muss dobäi soen, vun deenen 43 Milliounen Euro muss een der 13 ofrechnen, well mer ganz vill Salairen integral vum Staat erëmkréien. Haaptsächlech an der Structure d'accueil. Dat heescht eise Foyer Kornascht.

Op deenen anere Strukture kënne mer bis zu 75% kréien. Natierlech wa mer all d'Kritären erfëllen, déi de Ministère eis gëtt. Do kréie mer e Remboursement vu ronn 13 Milliounen Euro, déi mer vum Staat erëmkréie fir divers Salairen. Do fält och nach deen een oder anere Salaire vum Office social respektiv de Pompjeeën dran.

Alles an allem gi mer ganz vill fir eist Personal aus. Déi Zuel vu bal 200 Leit, déi mer agestallt hu vum 1. Juli 2017 un, hunn ech Iech matgedeelt.

Et gëtt ëmmer vill iwwert den Enseignement geschwat. An ech wäert dat wahrscheinlech dann och de 14. Dezember ze héiere kréien, datt de Staat déi sämtlech Salairen iwwerhëlt. Dat ass richteg. Mä wann Der awer de Budget kuckt, gesitt Der, wéi vill d'Stad Déifferdeng zousätzlech an d'Schoulen investéiert. An net nëmmen an de Steen, mä an alles ronderëm: Computer, Sortien, Bicher. Well d'Bicher gi vun der Stad Déifferdeng bezuelt, net vum Staat. Och wa verschidde Leit dat mengen. Dat ass net esou. Do leie mer bei engem Milliounebetrag, deen d'Stad Déifferdeng an den Enseignement stécht.

Do kéint ee sech d'Fro stellen: Ass dat nach richteg esou oder net? Mä dat ass eng aner Diskussioun. Déi ee ganz gären eng Kéier zesumme féiere kéint. Just fir ze soen, datt den Enseignement d'Stad Déifferdeng nach vill kascht. Natierlech sinn déi Sue gutt investéiert. Mä et kann een awer eng Kéier driwwer diskutéieren.

D'Structure-d'accueilen: och explosiv an d'Luucht gaangen. Virun dräi Joer louche mer bei zéng Milliounen Euro Depensen. Elo leie mer bei 15 Milliounen Euro Depensen. Mir wäerten an een, zwee Joer iwwer 2.000 Kanner an eiser Stad betreien. Wa mer natierlech genuch Personal fannen, fir d'Kanner ze betreien. Dat ass erëm eng aner Klack.

Déi sämtlech Servicer gi stänneg an d'Luucht. Sief et d'Frais de fonctionnement, sief et Suen, déi mer an de Steen investéieren. D'Syndikater, dat brauch ech Iech net ze soen, dat hu mer nach net matgedeelt kritt, ob déi zréckginn. Dat ass e Budget vu wäit iwwer aacht Milliounen Euro, déi mer an eis Syndikater investéieren.

Eng Recette, déi stänneg klëmmt – an ech mengen net, datt vill Gemengen esou eng Recette hunn –, sinn eis Loyeren. Mir hunn an der Lescht vill Geschäfter kaf. Mir hu vill dran investéiert. Mir hu vill an eise 1535° investéiert. An dat spiert een elo lues a lues un eise Recetten. Hate mer 2014/2015 nach knapps 2,5 Milliounen Euro Recetten, hu mer dëst Joer 4,3 Milliounen Euro Recetten, just u Loyeren.

Bannent dräi Joer hu mer d'Recette vun de Loyere verduebelt. Dat kënnt dohier, well mer Saachen opkaf hunn. Wann een den Amortissement op 20 Joer kuckt, da maache mer domat éischtens emol fir d'Gemeng an zweetens fir eis Geschäftswelt eppes zimlech Positives.

D'Taxe bleiwe konstant. D'Taxe wäerten dëst Joer net an d'Luucht gesat ginn. Eis Finanzkommissioun wäert sech an Zukunft doriwwer e bëssen de Kapp zerbriechen, ob mer d'Taxen an

vrai que certains quittent la commune, mais il y en a nettement moins. L'année dernière, vingt collaborateurs ont quitté la commune — essentiellement dans les structures d'accueil.

Pour ce qui est de l'emprunt, Differdange a beaucoup investi au cours des 12 dernières années. Actuellement, la dette se monte à 55 millions d'euros contre 80 millions il y a trois ou quatre ans. Sans oublier le déficit dans la ligne de crédit. La dette par tête d'habitant est de 2004 €.

L'amortissement est lui aussi sain. Il y a quelques années, il s'élevait à 5 %. Maintenant, il est de 3,54 %.

Les salaires représentent 50 % des dépenses avec 43 millions d'euros. L'État en rembourse 13 millions pour les structures d'accueil, mais aussi pour l'office social et les pompiers.

Le 14 décembre, on fera certainement remarquer au bourgmestre que l'État prend les salaires de l'enseignement intégralement à sa charge. Mais d'un autre côté, la Ville de Differdange investit énormément dans les écoles — dans la pierre, mais aussi dans les ordinateurs, les sorties, les livres… Roberto Traversini rappelle que ceux-ci sont payés par les communes et non par l'État. Bref, la commune investit beaucoup dans l'enseignement. On peut se demander si c'est juste, mais la discussion mènerait trop loin.

Les dépenses portant sur les structures d'accueil ont explosé. Il y a 3 ans, elles se montaient à 10 millions d'euros et aujourd'hui à 15 millions. Dans un ou deux ans, la commune encadrera 2000 enfants.

Le cout des services augmente. Huit-millions d'euros sont prévus pour les syndicats.

Les loyers constituent une recette augmentant constamment et dont peu de communes bénéficient. Dernièrement, la Ville de Differdange a acquis des magasins et a investi dans le 1535°. Ces recettes se montaient à 2,5 millions d'euros en 2014-2015 et à 4,3 millions d'euros cette année.

En trois ans, les recettes des loyers ont doublé parce que la commune a acquis des immeubles. Avec un amortissement sur vingt ans, cette

politique est positive à la fois pour la commune et les commerces.
Les taxes n'augmenteront pas cette année. Mais la commission des finances évaluera la nécessité et le cas échéant les modalités d'une augmentation. Une des questions pourrait être de savoir s'il faut échelonner le prix de l'eau ou même proposer plusieurs litres gratuitement.
La dotation a augmenté de 10 ou 12 millions d'euros en un ou deux ans.
Au cours des 10 dernières années, la commune a investi 523 millions d'euros. Par exemple dans les structures d'accueil, les routes, les parkings, la culture, les halles, le sport… Roberto Traversini compare ce demi-milliard de dépenses extraordinaires à la dette de 55 millions d'euros. Cela montre quel capital a été investi dans la ville et ses habitants.
L'exercice 2018 se conclut avec un excédent de 1,7 million d'euros.
Au cours de l'année, la commune recourra éventuellement à un emprunt pour l'État pour la construction du bâtiment de police. Pour Roberto Traversini, ce n'est pas un prêt, mais un préfinancement. L'argent sera remboursé dès que la commune remettra les clés à l'État ou à la police.
Pour ce qui est de la ligne de crédit, avant, le receveur craignait les fins d'années parce qu'il ne savait pas comment verser les treizièmes mois.
Grâce aux excédents, la situation financière de la commune est solide. C'est ce qui permet à la commune de continuer à investir massivement dans l'avenir. L'année dernière, les dépenses extraordinaires s'élevaient à 65 millions d'euros et cette année à 85 millions d'euros. L'avenir, c'est aussi le développement urbain. Roberto Traversini espère que le PAG pourra être soumis au vote au début de l'année prochaine.
Parmi les projets importants figure la suppression de la ligne à haute tension dans tout Niederkorn. Differdange deviendra la première commune à enlever une ligne existante. Les frais se monteront à 3,4 millions d'euros contre les 6 millions initialement prévus. La com-

d'Luucht setzen, wéi mer se sollen an d'Luucht setzen, ob mer verschidden Dieren opmaachen, wat d'Waasser ugeet, e gestaffelte Waasserpräis respektiv verschidde Liter Waasser fir näischt ubidden. Mä dat ass eng Diskussioun, déi mer am Laf vum Joer wäerte féieren.

D'Dotatioun geet och an d'Luucht. Dir gesitt, datt déi bannen een, zwee Joer ëm bal 10, 12 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen ass.

Déi sämtlech Extraordinären, Dir hutt den Tableau virun Iech leien, do hu mer déi lescht zéng Joer 523 Milliounen Euro an d'Stad investéiert. Eng hallef Milliard Euro ass hei investéiert ginn. Sief dat an d'Structure-scolairen, sief dat an de Stroossebau, sief dat an eis Parkingen, sief dat an eis Kultur, eis Halen, sief dat an de Sport.

Do komme mer op e Chiffer vu 523 Milliounen Euro, géintiwwer – ech soen Iech de Montant – 55 Milliounen Euro Schold. Da gesitt Der, wat mer do fir eng Plus-value, wat fir ee Kapital mir an eis Stad gestach hunn. An net nëmme fir eis Stad, mä haaptsächlech och fir eis Awunner. Dat ass een enorme Chiffer.

Ënnert dem Strëch bleift nach eppes Klenges iwwreg, wat dëst Joer ugeet. Mir géifen dann och deen heiten Exercice mat engem Boni vu ronn 1,7 Milliounen Euro ofschléissen. Mä Dir gesitt och, datt en an all de Joren zimlech positiv no uewe gaangen ass. Zweetens och, datt keen Emprunt fir d'Stad do ass.

Mir wäerten eventuell am Laf vum Joer e Prêt fir de Staat ophuelen, well mer dem MDDI neierdéngs Konkurrenz maachen. Et ass net nëmmen, datt den MDDI hei zu Déifferdeng baut. Déi lescht Joren hu mir och d'Heft an d'Hand geholl, wat mengen ech och richteg ass, fir d'Europaschoul ze bauen, fir d'Primärschoul vun der Europaschoul. Elo gëtt vum Policegebai geschwat, datt d'Stad dat virfinanzéiert. Fir mech ass dat kee Prêt. Dat ass eng Virfinanzéierung. Deen Dag, wou mer dem Staat respektiv de Schoulen oder der Police de Schlëssel iwwerreechen, wäerte mer déi Sue komplett erëmkréien. Dofir gesinn ech dat net als Prêt.

D'Ligne de crédit war och eppes – dat wëll ech nach eng Kéier hei soen –, wou virun e puer Joer de Receveur ëmmer gefaart huet, wann Enn dës Joers komm ass. Well en heiansdo net wousst, wéi en den 13. Mount sollt bezuelen. Och do si mer op Null.

D'Iwwerschëss hunn ech Iech gesot. Et ass eng gesond an eng zolidd finanziell Situatioun, déi mer am Moment hunn.

Firwat ass dëse Budget zukunftsorientéiert? Et ass genau déi zolidd finanziell Situatioun, déi et der Gemeng erlaabt, weiderhi massiv an d'Zukunft vun Déifferdeng ze investéieren. Wéi gesot, déi 500 Milliounen Euro, d'lescht Joer 65 Milliounen Euro investéiert, dëst Joer stinn der 85 am Extraordinären, fir ze investéieren.

Zukunft heescht natierlech och Stadentwécklung. Do hu mer ganz vill Suen dran. Den Här Liesch wäert dorobber agoen. Alles, wat eise PAG ass. A mir hoffe wierklech, datt deen dann och ufanks d'nächst Joer, Här Liesch, hei zum Vott stoe wäert.

D'Plaze ronderëm, wat mer ganz wichteg fannen, wou d'Leit sech kënne begéinen. Dorop wäert ech zum Schluss zréckkommen. Eppes, wat ech awer wëll ënnersträichen, ass d'Héichspannungsleitung iwwer ganz Nidderkuer. Déi wäert dëst Joer ewechgeholl ginn.

Mir sinn déi éischt Gemeng, dat hunn ech mer vun der Sotel a vun engem aneren Energie-Liwwerant soe gelooss, déi eng bestoend Leitung ewechhëlt. Dat wäert natierlech eppes kaschten. Mer rechnen do mat 3,4 Milliounen Euro. Mä mir hunn dës Woch dee Montant konnten ëm d'Halschent reduzéieren. Virdrun hate mer ee Montant vun iwwer sechs Milliounen Euro, fir déi ganz Leitung ewechzehuelen. Net nëmmen iwwert dem Mattendall, och déi iwwert der rue Pierre Gansen.

Mir hunn elo eng Léisung fonnt, mat eisen Techniker, mat der Sotel zesummen, fir déi Leitung komplett aus eiser Gemeng ewechzehuelen an iwwer een anere Wee bis an d'Belsch ze kommen. Dat ass eng eemoleg Saach. Ech wollt dat awer hei soen. Wann alles gutt geet, wäert den Devis entweder de 14. Dezember oder an der Sitzung vu Januar stattfannen, fir endlech déi Leitung

ewechzehuelen, déi bei verschiddene Leit just iwwert de Kapp verleeft.

Am Budget steet en extrem grousse Montant – esou e grousse Montant hate mer nach net – fir Ukaf vun Terrain. Et ass extrem wichteg, datt mer déi nächst Jore vill Terrainen hunn, well da kënne mer eis Stadentwécklung gestalten. Ënner anerem fir Terrainen ze tauschen. Ëmmer méi Proprietäre vun Terraine wëllen net onbedéngt Suen, mä hätte gär eppes aneschters amplaz. Dofir sti bal sechs Milliounen Euro am Budget, fir Terrainen ze kafen.

Natierlech kucke mer och op ArcelorMittal. Déi hunn nach extrem vill Terrain hei. Wou mer virun enger wierklech grousser, grousser Decisioun stinn – mat Iech zesummen –, ob mer verschidden Terraine kafen oder net. Fir mech ass et ganz kloer, datt mer et solle maachen. Et ass natierlech och eng Saach vum Präis. Mä dofir stinn déi ganz vill Suen dran. Well et ass deen Terrain, deen een herno net huet, deen engem wäert an Zukunft wéi doen. Net nëmme fir eis ëffentlech Gebaier, mä och fir Wunnengen ze schafen.

Op d'PN15 wäerte meng Kolleegen agoen. Do hu mer bal dräi Milliounen Euro virgesinn, fir Haiser ze kafen. Net nëmme fir d'PN15, och fir bezuelbare Wunnraum. Dat ass eng Prioritéit, déi mer eis dëst Joer ginn, endlech déi lescht Barrière aus Déifferdeng ze schafen. Well wa mer déi net ofschafen, da kënne mer eise ganzen Zentrum net esou ëmgestalten an autofräi maachen, wéi mer dat wierklech wëllen. Déi PN15 ass d'Schlësselelement. An déi muss ewech. Da kënne mer weider kucken, wéi mer dat maachen, fir de Foussgänger an den Awunner den Zentrum erëm zréckzeginn.

D'Zukunft sinn natierlech och eis Kanner, eis Jugendlecher. Do wäerte mer och massiv dran investéieren. Net nëmmen an de Steen – do wäert den Här Ulveling drop ze schwätze kommen –, mä och an d'Konzepter. Dat ass dann d'Madamm Pregno, déi Iech erzielt, wat mer do wëlle maachen.

Et ass extrem wichteg, datt mer do dran investéieren. A wéi gesot, spéitstens 2020 rechnen ech, datt mer Structure-d'accueile fir 2.000 Kanner wäerten hunn. Wou dann och iwwer 2.000 Iesse wäerten zerwéiert ginn. Och dat ass Sozialpolitik. Den Elteren de Choix ze loossen, schaffen ze goen oder net. D'Elengerzéier hu kee Choix, mä déi hunn d'Méiglechkeet, hir Kanner a sécher Hänn ofzeginn.

Schoulen: Den Här Ulveling wäert op d'Zuelen agoen, mer wäerte massiv an nei Schoulen investéieren, a Quartiersschoulen awer och an al Schoulen. Fir déi wierklech op dee leschte Stand vun der Renovatioun ze bréngen.

D'Jugend ass extrem wichteg. Ech mengen, datt mer dat bewisen hunn déi lescht Joren. Net nëmmen, datt mer véier Jugendhaiser hunn. Mä, datt mer – an ech mengen, dat ass d'Kiischt um Kuch – et fäerdegbruecht hunn, um Plateau funiculaire, natierlech mam Fred, mam Erny, mat deem ale Schäfferot, Wunnengen ze schafe fir Jonker. 37 Jonker wäerten do kënne fir knapps 300 Euro wunnen, sech wäschen, si hunn alles an hirem Zëmmer, an hirem Studio. Mat eventueller Betreiung, wa se dat brauchen.

Et soll emol eng Gemeng eis dat nomaachen. Fir engem Jonken, deem et net esou gutt geet, fir 300 Euro eng Wunneng ze schafen, bezuelbar ze maachen. En plus wäerte mer keen Defizit maachen. Mir wäerten dat esou verlounen, datt mer d'Suen erakréien, fir dat ganzt Fonctionnement un d'Rullen ze kréien.

Déi Konventioun wäerte mer also ufanks Januar heihinner kréien. Fir mech ass dat wierklech d'Kiischt um Kuch. Mir wäerten och domadder weiderfueren. An deem ganze Budget gesitt Der, wat Wunnengen ugeet, datt mer eis Verantwortung nach méi iwwerhuele wéi schonn an der Vergaangenheet. Dat ass zukunftsorientéiert schaffen.

Firwat ass deen hei Budget nohalteg? Méi wéi jee heescht Zukunftsorientéierung och Nohaltegkeet. Mir mussen oppassen, wat fir eng Welt mer eise Kanner, den zukünftege Generatiounen hannerloossen. Dofir ass Ekologie – an den Här Liesch wäert drop agoen – extrem wichteg.

D'Energie wäert ee vun de Schlësselpunkte ginn an den nächste Joren, souguer Joerzéngten. Mir hale fest, datt

mune a trouvé une solution avec SOTEL pour être reliée avec la Belgique sans cette ligne à haute tension. Le devis sera présenté le 14 décembre ou en janvier.

Six-millions d'euros sont réservés à l'acquisition de terrains. Ceux-ci faciliteront le développement urbain en permettant par exemple des échanges, car de nombreux propriétaires ne souhaitent pas d'argent. ArcelorMittal dispose de beaucoup de terrains. Le conseil communal devra décider lesquels acheter éventuellement. Bien entendu, cela va couter de l'argent. Mais Roberto Traversini est d'avis qu'il faut le faire parce que c'est toujours le terrain que l'on ne possède pas qui manque le plus.

Trois-millions d'euros sont prévus pour acquérir des maisons — par exemple dans le cadre de la suppression du PN 15. Sans cette suppression, il ne sera pas possible de sortir les voitures du centre-ville. Le PN 15 est l'élément clé pour rendre le centre-ville aux piétons.

L'avenir appartient aux enfants et aux jeunes. Des investissements sont prévus dans la pierre, mais aussi dans les concepts.

En 2020, les structures d'accueil pourront encadrer 2000 enfants et servir plus de 2000 repas. Laisser les parents choisir s'ils veulent aller travailler ou pas fait aussi partie de la politique sociale. En tout cas, le cas échéant, les enfants sont laissés entre de bonnes mains.

Le collège échevinal compte investir massivement dans les nouvelles et les anciennes écoles.

Differdange dispose de quatre maisons des jeunes. Mais les appartements que l'ancien collège échevinal a réussi à construire sur le plateau du Funiculaire constituent la cerise sur le gâteau. Trente-sept jeunes y vivront pour trois-cents euros par mois. Aucune commune ne fait mieux. En plus, le projet n'engendrera pas de déficit, car les frais de fonctionnement seront couverts par les loyers. Le collège échevinal présentera la convention en janvier. La commune prend ses responsabilités en matière de logements.

Il faut veiller au type de monde que l'on veut laisser aux enfants. C'est pourquoi l'écologie est extrême-

ment importante. L'énergie sera un des points clés des prochaines années. Differdange ne doit dépendre ni des énergies fossiles ni de l'énergie nucléaire. Le collège échevinal tient à la création d'un parc éolien à condition qu'il ne nuise à personne.
M. Ulveling reviendra sur tout ce qui concerne les canalisations. Car écologie signifie aussi maintenir l'eau propre.
L'utilisation du plastique sera interdite lors des fêtes de la commune ou des associations louant une salle communale. Le collège échevinal ne peut plus tolérer que l'on pollue le monde de plastique. C'est un petit geste, mais il convient de le faire.
Roberto Traversini se rend compte que la commune n'a pas toujours agi comme il le fallait non plus.
Le collège échevinal compte créer un groupe de travail économique. L'objectif est de dynamiser le centre et toute la commune. Les marques ne suffisent plus à attirer les gens à Differdange. Il faut des concepts novateurs touchant à l'énergie.
Les thèmes du stationnement et de la mobilité occasionnent beaucoup de discussions. Mais les mesures commencent à fonctionner.
La commune a recruté comme jamais. Actuellement, 700 personnes ont un contrat avec la commune.
M. Ulveling parlera des infrastructures.
Le budget 2019 est équitable et social. Des investissements seront opérés pour les séniors. Differdange est la seule commune à disposer du projet Senior Plus. La nouvelle loi sur la protection des données cause quelques soucis tant pour Senior Plus que pour Baby Plus, mais une solution a été trouvée.
La commune continuera à recourir au CIGL dans les années à venir.
Differdange est une des seules communes à employer 35 CAE. Même si ce n'est que pour une année, ces personnes reprennent l'habitude de travailler et retrouvent une dignité. Cela améliore leurs chances de réintégrer le marché primaire de l'emploi. Certains y arrivent; d'autres non.
La Ville de Differdange sera maitre d'ouvrage de deux projets de construction d'appartements: dans

mer Déifferdeng esou opstellen, datt mer net méi vu fossillen oder vun Atomenergie ofhängeg sinn. Mir wäerte versichen, an Zukunft genuch Energie ze schafe fir eis Leit, déi bei eis wunnen. Mir halen um Wandpark fest. Natierlech, wann et kengem schued. Mä dat wäerte mer dann an den nächste Jore gesinn, ob et esou ass.

Op alles, wat Kanalisatioun ass, wat ënnert dem Buedem läit, wäert den Här Ulveling agoen. Mä Ekologie heescht och, knaschtegt Waasser sanéieren a proppert Waasser ze halen.

Mir wäerten de Plastik total op eise Fester verbidden, sief et vun der Gemeng, sief et vun deene Veräiner, déi e Lokal oder eng Plaz an der Gemeng notzen. Mir kënnen eis net méi erlaben, nach weider nozekucken, wéi mer eis Äerd mat Plastik verknaschten.

Ech weess, dat ass eng kleng Saach, mä mir kënnen dat, w.e.gl., net méi zouloossen. An och, wann et eng kleng Drëps ass, solle mer de Krunn zoudréien, fir datt déi kleng Drëps zréckbleift.

Et schafft en Aarbechtsgrupp drop, wéi mer dat mat de Veräiner maachen. Natierlech och mat eise Servicer. Well, ech mengen, dat soll een och soen, mer hunn och heiansdo Saache gemaach als Gemeng, déi net ze maache waren.

D'Spuere vun Energie geet weider. An der Ekonomie grënne mer ee Groupe de Travail économique, deen zesumme mat eis, zesumme mat Experten e Konzept ausschafft, fir den Zentrum ze dynamiséieren. Awer net nëmmen den Zentrum, d'ganz Gemeng. Dat ass wichteg. Well mer mierken, datt een d'Leit net méi mat Marken op Déifferdeng zitt, mä vläicht mat neie Konzepter, neie Kreativ-Konzepter, Konzepter, déi mat Energie ze dinn hunn, mat Alternativenergien, Start-uppen. Do wäerte mer dëst Joer extrem vill dru schaffen.

Parking a Mobilitéit: vill Gespréicher. Ech mengen awer, datt et lues a lues ufänkt ze wierken. Mä och do si mer nach net um Zil ukomm.

Mataarbechter: Ech hunn Iech gezielt, datt mer esou vill Leit agestallt hu wéi nach ni virdrun. Am Moment hu ronn 700 Leit e Kontrakt mat eiser Stad. Do musse mer eng Kéier op d'Brems drécken a kucken, wéi mer do weiderfueren, fir de Service un eise Bierger a Biergerinnen ze leeschten, wéi se dat verdéngen.

Op alles, wat Infrastruktur ugeet, wäert den Här Ulveling agoen.

Dëse Budget ass gerecht a sozial. Ech erklären Iech, firwat. Well mer weider vill an d'Senioren investéieren. Den Här Mangen wäert herno an den Detail goen. De Senior Plus, just fir ze soen, leeft a kenger anerer Gemeng. Quitte, datt mer déi eng oder déi aner Schwieregkeet hunn, och mam Baby Plus, well mer do e Gesetz geschaaft hunn iwwert alles, wat Donnéeën ass. Sou datt dat méi schwéier ass, weiderzegoen. Mä och do hu mer eng Léisung fonnt. Ob déi deem herno honnertprozenteg entsprécht, musse mer kucken. Mä mer hu Léisunge fonnt, fir déi kleng Puppelcher, déi op d'Welt kommen, weider ze ënnerstëtzen.

De CIGL wäerte mer selbstverständlech nach oft an den nächste Jore brauchen. Dofir stinn nach ëmmer Suen am Budget. Mir sinn, mengen ech, och eng vun den eenzege Gemengen, déi iwwer 35 CAEen huet. Déi aner froen oft, firwat mer dat maachen, mir kënne se souwisou net halen. Dat stëmmt, mä dat Joer, wou se bei eis e CAE-Kontrakt hunn, schaffe se mol. Esou kréie se awer erëm e bëssen d'Gefill, wat et heescht opzestoen, schaffen ze goen, eng Verantwortung ze iwwerhuelen, eng Dignitéit ze kréien. Dofir maache mer dat.

Mir hale keng CAEen. Dat wësse se. Mä dat Joer, wou se bei eis sinn, gi se éischtens emol encadréiert vun extrem gudde Viraarbechter a Meeschteren. A si ginn encadréiert vun eisem Jobcenter, fir duerno erëm op den Aarbechtsmarché ze kommen. Et sinn der, déi packen et. Et sinn der, déi packen et net. Mä och do iwwerhuele mer eis Verantwortung.

De Wunnengsbau: Dir gesitt am Budget zwou Plazen, wou mir selwer an de Wunnengsbau wëllen investéieren, selwer Wunnenge baue wëllen. Mir wëlle Bauhär ginn. Dat ass zum engen an der Groussstrooss an zum aneren zu Nidderkuer an der Kéier, wou d'Seniorere-sidenz war. Mir hunn decidéiert, déi of-

zeschéissen an eppes aneschters draus ze maachen.

Mir sinn der Meenung, datt mer solle Bauhär ginn. A mir sinn der Meenung, datt mer déi 20%, déi e Promoteur sech minimum an d'Täsch stécht, sollen huelen an de Leit ginn, fir méi bëlleg ze wunnen, respektiv méi bëlleg un en Haus oder en Appartement ze kommen. Dat wär gerecht a sozial, wa mer dat géife maachen. Natierlech heescht dat och aner Contrainten.

Mir wäerte weider an d'Studentewunnengen investéieren. Dat ass wichteg. Well, wat hu mer dovunner, wa mer zwou Unien hunn a soubal de Cours fäerdeg ass, sëtzen d'Studente sech an den Auto oder an den Zuch a verloossen eis Stad, fir dohinner wunnen ze goen, wou et méi bëlleg ass, wat se sech kënne leeschten? Dann huet een näischt dovunner.

Léierbouwe wäerte mer weider astellen a forméieren. Chômeurs à longue durée ass eng Moossnam, déi den Aarbechtsministère d'lescht Joer lancéiert hat. Eng flott Moossnam, fir all de Leit iwwer 50 Joer d'Méiglechkeet ze ginn, bei enger Asbl oder enger Gemeng e Kontrakt ze kréien, wou de Staat en Deel vun hirer Pai matdréit.

Eppes, wat och nach ni do war – den Här Mangen wäert drop agoen –, ass eis Aide humanitaire. Mir ginn am Moment 30.000 Euro un Hëllefen. Sief et, andeem mer Beem planzen, sief et a Bolivien, wou mer mat de Scouten hëllefen, en Informatiounszenter ze bauen. An Italien hu mer de Chalet gebaut.

Mir wäerten dat ëm dausend Prozent erhéijen. Mir stelle fest, datt een an enger Gesellschaft wéi eiser, där et gutt geet, deene Leit eppes soll ginn, deenen et net esou gutt geet. A mir wäerten d'Hëllef vun 30.000 Euro op ronn 300.000 Euro eropsetzen. Dat sinn 0,25% vun eisem ordinären Akommes, woumat mer de Leit entgéintkommen. Haaptsächlech an Afrika, an haaptsächlech u Fraen a Kanner.

D'AISK wäerte mer weiderhin ënnerstëtzen, ënnert dem Hutt vum Département de Logement. Dat heescht, mir hunn en Departement Logement geschaaft. Dat war och nach ni do. Do schaffen zwee Leit. Mir wäerten deen natierlech erweideren. Well wann ee selwer Wunnenge baue wëll, da brauch een natierlech kompetent Leit, déi oppassen, wat mat deene Wunnenge geschitt.

Ech si bal um Schluss, dann ass meng hallef Stonn eriwwer. Mir haten am Schäfferot ausgemaach, eis op eng hallef Stonn ze beschränken, datt et net langweileg gëtt. D'Liewensqualitéit: D'Zil vun den Investissementer däerfe mer ni aus den Ae verléieren. Et geet drëms, dass sech eis Awunner wuelfillen an datt se déi beschtméiglech Liewensqualitéit hunn a behalen.

Dofir wäerte mer weider an de Sport investéieren. Nennt mer eng Gemeng, déi de Kanner d'Memberskaarten deelweis oder ganz bezilt. Dat hate mer zesummen hei decidéiert, unanime. Wat extrem gutt ukënnt.

D'Ënnerstëtzung, de Qualité+, wou mer d'Sportsveräiner nach eng Kéier ëm 50% eropgesat hunn – firwat maache mer dat? Net onbedéngt, fir op d'Schëller geklappt ze kréien, mä well mer der Iwwerzeegung sinn, datt d'Veräiner eng extrem wichteg Aarbecht maachen. Alles, wat Beweegung ass, wat non-formal Bildung ass, wat d'Kanner net an de Schoule léieren, d'Gewannen, d'Verléieren, dat Emotionaalt bei engem Sport, kritt ee soss néierens.

Op der Sportleréierung hat ech gesot, an den nächsten 20, 30, 40 Joer wäerten d'Computere ganz vill Saache maachen. A souguer besser maache wéi mir hei ronderëm den Dësch. Mä wat se ni wäerte kënne maachen, dat sinn Emotioune spieren, deelen, matenee schaffen an net géinteneen. Dowéinst investéiere mir an de Sport. Vun Integratioun guer net ze schwätzen. Dat ass eppes, wat scho virun e puer Joer gesi ginn ass.

Mä et ass net nëmmen d'Integratioun. Et ass dat ganzt Zesummeliewen, wat een duerch de Sport kritt. A mir si wierklech frou driwwer, datt Dausende Kanner an eis Gemeng Sport maache kommen. Mir wäerten dofir och e Lichtathletikstadion bauen. Mir wäerten an den Thillebierg investéieren, wann deen Terrain eis endlech gehéiert. A wéi am Ufank gesot, et gesäit ganz gutt aus.

la Grand-rue et à Niederkorn, où se trouvait la résidence pour séniors. Les 20 % qu'empoche généralement le promoteur serviront à soutenir les gens à la recherche d'un logement.

Roberto Traversini annonce des investissements dans les logements pour étudiants. En effet, il ne sert à rien d'avoir deux universités si les étudiants doivent aller vivre ailleurs.

Des apprentis seront recrutés.

La Ville de Differdange embauchera des chômeurs de longue durée de plus de cinquante ans conformément à la mesure lancée par le ministère du Travail.

Roberto Traversini passe à l'aide humanitaire, qui s'élève actuellement à 30 00 €. En 2019, le montant sera augmenté de 1000 % pour passer à 300 000 €. Cela représente 0,25 % des revenus ordinaires. L'aide sera avant tout destinée à l'Afrique, aux femmes et aux enfants.

La commune continuera de soutenir l'AISK sous la direction du département du logement. Actuellement, deux personnes travaillent dans ce département, mais il sera agrandi. Comme le collège échevinal souhaite construire des appartements, il a besoin d'un service pour les gérer.

Roberto Traversini passe à la qualité de vie. L'objectif des investissements est de garantir que tous les habitants se sentent à l'aise.

Pour ce qui est des clubs sportifs, Roberto Traversini ne pense pas qu'il y ait une autre commune remboursant entièrement ou en partie les cartes de membre des enfants. Les clubs touchant le subside Qualité Plus de l'État reçoivent en plus 50 % de la somme de la part de la commune.

Lors du gala sportif, Roberto Traversini a constaté que dans vingt, trente ou quarante ans, les ordinateurs seront plus efficaces que les hommes dans de nombreuses tâches. Mais ils ne pourront jamais ressentir d'émotions, collaborer, etc. C'est pour cela que Differdange investit dans le sport.

Le sport contribue aussi à l'intégration et au «vivre ensemble». Des milliers d'enfants font du sport à Differdange. Le collège échevinal

construira un stade d'athlétisme et investira dans le Thillenberg.
Pour ce qui est de la culture, Differdange attend depuis cinq ans un subside de l'État. Roberto Traversini ne sous-entend pas que les autres centres culturels sont pires que celui de Differdange. Mais il ne comprend pas pourquoi les activités de l'Aalt Stadhaus et l'engagement des personnes qui y travaillent ne sont pas soutenus. Le bourgmestre se réjouit du fait que le poste soit occupé par une nouvelle ministre et fera tout pour obtenir l'argent auquel la commune a droit. Il ne suffit pas de verser 50 000 € pour le Sonotron, qui en a couté 500 000 €. Differdange est oubliée depuis cinq ans.
Le budget ne prévoit pas beaucoup de fonds pour 2022. Roberto Traversini lance un appel aux associations et aux conseillers communaux pour apporter des idées.
Le sud du pays espère aussi obtenir le label de l'UNESCO «Man and Biosphere». Cela servira à montrer à ceux vivant au-delà de Leudelange que le Sud est numéro 1 dans bien des domaines. Ce que les hommes et les femmes y ont créé et que la nature a repris est unique dans le pays. Les personnes habitant au-delà de Leudelange, mais aussi ceux autour du Grand-Duché, feraient bien de venir voir. Le Sud a peut-être commis l'erreur de ne pas croire suffisamment en lui.
Differdange est une des seules communes à protéger 1500 maisons. La commune a bien fait d'acquérir le Lommelshaff. Il reste à voir si on y réalisera un projet contre le gaspillage alimentaire, si on y intègrera la Maison de l'histoire, etc.
Differdange a besoin de lieux de rencontre, que ce soient des parkings, des aires de jeux, de plus de bancs… L'espace urbain doit être adapté aux habitants, et ce, de manière intergénérationnelle. Il faut se sentir à l'aise les uns avec les autres. L'aménagement du terrain de l'AS va commencer.
Pour ce qui est de la sécurité, les gens ne peuvent pas avoir peur de sortir le soir ou quand ils voient quatre jeunes discuter. La commune a créé un groupe de travail. Une réunion publique a eu lieu. Le collège échevinal compte installer des caméras dans une phase de test.

Den Här Ulveling wäert Iech soen, wat mer an d'Sportzentren investéieren.

Kultur: Hei loossen ech dem Tom och ganz gär d'Wuert. Mä hei hoffen ech, datt mer endlech dee Subsid kréien, wou mer scho fënnef Joer drop waarden. Dee Subsid fir d'Fonctionnement, dee Subsid fir d'Programmatioun. Bis elo huet d'Stad Déifferdeng null Euro vum Staat kritt. Dat muss ee sech op der Zong zergoe loossen.

Dat heescht, jiddweree kritt oder huet eppes kritt. Ech wëll net soen, datt déi méi schlecht si wéi mir. Mä et kann awer net sinn, fir esou ee Kulturzentrum, mat esou villen Aktivitéiten, mat esou vill Engagement vun deene Leit, déi do schaffen, datt de Staat eis bis haut nach kee Su ginn huet. A mir wäerten alles maachen, awer wierklech alles maachen – an ech si wierklech och frou, datt eng aner Ministesch op deem Posten ass –, datt mer endlech déi Sue kréien, déi mer scho laang zegutt hunn.

Et geet net duer, datt ee virun de Wahle 50.000 Euro kritt fir e Sonotron, wou mer annerhallef Millioun dran investéiert hunn, fir ze weisen, datt een Déifferdeng net vergiess huet. Fënnef Joer laang si mer vum Kulturministère vergiess ginn. An ech hoffen, datt dat ophält.

2022 – extrem wichteg. Et steet nach net vill dran, well et pro Projet wäert sinn. Et steet eng Zomm dran, wann d'Veräiner schonn Iddie lancéiere wëllen, oder eise Kulturschäffe mam Schäfferot, oder Dir selwer. Wann Der Iddien hutt, bréngt eis se, datt mer se op de Wee setze kënnen.

An dat zweet Grousst fir de Süden, net nëmme fir eis Stad, dat ass ze hoffen, deen UNESCO-Label ze kréien, „Man and the Biosphere". Fir net nëmmen dem ganze Land ze weisen – net nëmmen deenen hanner Leideleng, well déi menge jo oft, datt am Süden näischt wär, just Stëbs oder ech weess net wat –, datt mer am Fong geholl a verschidde Saachen d'Nummer 1 sinn.

Dat mécht keen eis no, wat duerch de Mann an d'Fra geschaaft ginn ass. Wéi d'Natur dat iwwerholl huet, mengen ech, ass hei am Land eemoleg. An ech wär frou, wann och déi hanner Leideleng géife kucke kommen. An och all déi ronderëm Lëtzebuerg. Datt déi endlech an de Süde kommen. Well mir hunn och villes ze weisen.

Mä do hu mir vläicht – ech perséinlech, an alleguerten – selwer Feeler gemaach an deene leschte Joren. Datt mer net genuch un eis gegleeft hunn. An do musse mer ganz vill weider investéieren, an alles wat Restauranten, Hoteller ugeet.

Iwwert de Patrimoine, mengen ech, brauch ech net weider ze schwätzen. Mir sinn eng vun deenen eenzege Gemengen, déi bal 1.500 Fassaden, Haiser geschützt hunn. Et steet haut nach um Ordre du jour, datt mer eppes wëlle verlängere vum Fassadeschutz.

Lommelshaff: Ganz kuerz gesot, ech mengen, mir hunn eis do wierklech e grousse Gefale gemaach, dee Lommelshaff ze kafen. Wann ee gesäit, wéi vill Iddie kommen, wat een dorausser kéint maachen, dann ass dat scho wierklech en Invest. Hei musse mer kucken, ob mer Gaspillage alimentaire op de Bauerenhaff maachen, ob mer d'Déifferdenger Geschichtshaus dra setzen. Dat steet am Budget. Den Här Ulveling wäert méi genee drop agoen.

Stadentwécklung heescht natierlech och Lieux de rencontre. Mir musse méi Lieu-de-rencontrë schafen. Sief dat Parkplaz, Spillplaz, sief dat am Zentrum, wou déi eng oder déi aner Bänk aneschters gesat gëtt, datt ee sech do ka sëtzen, wann d'Kand op engem Trampolin spréngt oder op enger Wipp ass. Mir mussen eise Raum, wou mer eis ophalen, nach méi un eis Awunner upassen. An dat intergenerationell. Datt ee sech matenee wuelfillt.

Den Terrain AS Déifferdeng gëtt endlech ugefaangen.

An net ze vergiessen: d'Sécherheet. Et kann net sinn, datt d'Leit fäerten, fir owes virun d'Dier ze goen. Et kann net sinn, datt d'Leit sech onwuel fillen, wann et ufänkt däischter ze ginn. Et kann net sinn, datt d'Leit sech onwuel fillen, wa véier Jonker beienee stinn a matenee schwätzen. Dat muss een eescht huelen.

Mir sinn do am Gaang. Mir hunn en Aarbechtsgrupp geschaaft. Mir haten eng ëffentlech Sitzung, wou d'Leit eis alles gesot hunn, wat se fillen. Mir wä-

erten op verschidde Plazen testweis Kameraen opstellen. Mir wäerten och e Gardiennage aféieren, datt verschidde Plazen iwwerwaacht ginn.

D'Leit soe mer am Zentrum, si ginn net op de Contournement parken, well se fäerten, do duerch d'Ënnerféierung ze goen. Dat kann net méi sinn. Am nächste Joer wäert dat ophalen. Mir wäerten eng Persoun dohi setzen, dass d'Leit wëssen, do geschitt mer näischt.

Et kann net sinn, datt een am Rollstull oder Leit mat enger Kutsch 600 Meter méi wäit musse goen, well de Lift net geet. Well mer et net fäerdegbréngen – säit Joerzéngten –, e Lift dohinner ze setzen, dee funktionéiert. Well mir mengen, e géif erëm futti geschloen. Dat kann net sinn. An dat wäert sech elo änneren.

D'Konklusioun: Et ass natierlech vill ze soen. Et ass en éiergäizegen, e ganz éiergäizege Budget. Mir investéiere ganz vill an d'Liewen, an d'Mënschen. Mir wäerten nach Problemer behalen. Mat dësem Budget wäerten d'Problemer 2020 net all geléist ginn. Mä mir erkenne se. Mir schwätze se un. Mir fäerten net, fir se unzeschwätzen. Mir wëssen, datt mer nach Problemer hunn: mat de Parkingen, mam Verkéier, der Sécherheet, de Schoulen eventuell, de Maisonrelaisen. Dat wësse mer alles.

Mä eent kann eis op alle Fall kee virwerfen, datt mer déi Problemer net géifen uschwätzen, beschwätzen an da probéieren, Léisungen ze fannen. Dat geléngt eis net ëmmer. Mä ech mengen, datt mer wéinstens Usätz hunn, oder de Wëllen do ass, fir eppes ze änneren.

Et ass e Budget, wou sech am Fong geholl jiddwereen zu Déifferdeng wuelfille kann. Ech soen Iech Merci. An ech ginn dem Tom Ulveling d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Häre, erlaabt mer am Ufank eng kleng Analys vum Budget ze maachen. 2018 hate mer e Boni vu 27 Milliounen Euro am uerdentleche Budget. 65 Milliounen Euro hate mer investéiert. 2019 solle mer 29 Milliounen Euro Boni am uerdentleche Budget hunn an 82 Milliounen Euro investéieren. Dat mécht e Gesamtbudget vun 172 Milliounen Euro, déi mir verwalten, en bon père de famille, zum Wuel vun eise Bierger. Dat sinn enorm Zommen, déi hei investéiert ginn.

Wa mer eis dëse Budget ukucken, gesi mer, dass mer dëst Joer vill Suen hunn, déi mer versichen, nohalteg an d'Zukunft ze investéieren. Mir gesinn, dass mer eis Schold konstant ofgebaut hunn, vu Joer zu Joer. Se läit elo ëm déi 55 Milliounen Euro, wéi de Buergermeeschter gesot huet. Dat ass eng Schold, déi mer am Fong just maachen, fir dem Staat seng Projeten ze finanzéieren, wat en eis duerno erëmbezilt.

Bei den Dépenses a Recettes ordinaires gesi mer, dass d'Schéier ausernee geet. Dofir kënne mer méi investéieren. D'Salairë sinn op 49,6%. Déi sinn 0,6% méi héich wéi dat Joer virdrun. Dat erkläert sech doduerch, datt mer méi Leit agestallt hunn. An awer hu mer 6% manner wéi am Konto 2017. Dat, well d'Salairë vun den Enseignanten ausgefall sinn.

D'Leit froen eis ëmmer: Wou kommt Der un déi Suen? Ech wollt emol eng Kéier déi gréisste Posten ervirhiewen. D'Dotation de l'Etat ass ëm 10 Milliounen Euro eropgaangen, op 77,4 Milliounen Euro.

Den Impôt foncier ass bal 10 Milliounen Euro. An dësem Budget schloen 20 Milliounen Euro an d'Gewiicht fir d'Gebai vum EIDE, deen dat elo iwwerhëlt, déi mer do erëmkréien. Déi mer virfinanzéiert haten. Wéi och déi 7,2 Milliounen Euro, déi de Promoteur eis fir den Terrain niewent dem Science Center elo wäert ginn, wann en ufänkt mat bauen.

Bei de Locatiounen, dat huet de Buergermeeschter scho gesot, hu mer all Joers méi erakritt. 4,3 Milliounen Euro kréie mer entweder iwwer Restauranten, Büroen, Immeublen oder de 1535° eran. Dës Rentréeë spruddelen an Zukunft weider.

D'Parkplazen am Park bréngen iwwer eng Millioun Euro eran. Vum CGDIS kréie mer dëst Joer dräi Milliounen Euro. Wat erlaabt, dass mer sou vill Suen hunn, déi mer kënnen investéieren.

Des gardiens surveilleront certains sites — notamment le parking du contournement. Il est inadmissible que les personnes en fauteuil roulant ou avec une poussette doivent faire un détour de 600 m parce que la commune ne veut pas installer un ascenseur de peur qu'il ne soit vandalisé.
En guise de conclusion, Roberto Traversini constate qu'il y aurait beaucoup plus à dire quant à ce budget ambitieux. Celui-ci ne parviendra pas à résoudre tous les problèmes. Mais le collège échevinal n'a pas peur de les aborder. Roberto Traversini mentionne les parkings, les voitures, la sécurité, les écoles… Personne ne pourra reprocher au collège échevinal de ne pas chercher des solutions. La volonté de changer est là.
Roberto Traversini cède la parole à M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) *rappelle qu'en 2018, l'excédent se monte à 27 millions d'euros avec des investissements à hauteur de 65 millions d'euros. En 2019, ces chiffres s'élèveront à 29 et 82 millions d'euros. En tout, la commune gère 172 millions d'euros en bon père de famille.*
Le collège échevinal souhaite investir de façon durable. La dette baisse de manière constante et s'élève désormais à 55 millions d'euros. Elle sert à préfinancer des projets de l'État.
Pour ce qui est du budget ordinaire, les salaires représentent 49,6 % des dépenses, soit 0,6 % de plus que l'année précédente. La somme totale baisse en revanche de 6 % parce que le salaire des enseignants n'est plus à la charge de la commune.
La dotation de l'État augmente de 10 millions d'euros pour passer à 77,4 millions d'euros. L'impôt foncier représente dix-millions d'euros. La commune touchera un remboursement de 20 millions d'euros pour l'EIDE et de 7,2 millions pour le terrain à côté du Science Center. 4,3 millions d'euros proviennent de la location de locaux, notamment des restaurants, bureaux, immeubles, 1535°…
Les places de stationnement engendrent des recettes de plus d'un-

million d'euros. Le CGDIS verse trois-millions d'euros.
Tom Ulveling trouve que le budget 2019 est réaliste avec des investissements dans la qualité de vie, les écoles, les maisons relais, les infrastructures sportives et culturelles… Il passe au ressort de la culture. Comme tous les ans, il se dit fâché du fait que la programmation de l'Aalt Stadhaus ne soit pas subventionnée par l'État. Il espère que la nouvelle ministre se montrera plus équitable et qu'elle reconnaitra le précieux travail accompli par le centre culturel.
Les recettes provenant de la culture s'élèvent à 185 000 €. Les investissements sont conséquents, mais c'est justifié, car la culture renforce la cohésion.
Les dépenses ordinaires pour la culture, les cultes et les loisirs passent de 11 à 12 millions d'euros et les dépenses extraordinaires de 10 à 16,5 millions d'euros. Comme la culture est importante, le collège échevinal a établi un plan culturel avec des objectifs et une optimisation de l'offre.
Parmi les nouveaux projets figure «Urban Art» pour 50 000 €. Tom Ulveling n'a pas abandonné l'idée d'une exposition de Campendonk. Soixante-mille euros sont destinés à un festival de standup. Un festival de théâtre pourrait avoir lieu en 2020. Les artistes pourront exposer leurs œuvres dans des vitrines dans l'espace urbain. L'ouverture de la nouvelle salle polyvalente coutera 50 000 €.
Un livre portant sur le «vivre ensemble» sera édité. Il s'agira d'un recueil de photos auquel les habitants peuvent participer.
L'école de musique coute 1,8 million d'euros. Les recettes se montent à 100 000 € en inscriptions, 665 000 € en subsides et 5000 € en location d'instruments. Grâce au nouveau directeur, les recettes ont doublé en deux ans. Tom Ulveling est optimiste pour l'avenir. Il reste le problème de place. Le collège échevinal cherche des solutions sur la place Nelson-Mandela.
La commune organisera un «Drummers' Day» tous les deux ans. Près de 400 personnes ont participé à la première édition. L'école du blues sera soutenue avec

Ech sinn der Meenung, dass dëst e realistesche Budget ass, wou mer vill an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger investéieren. Well mer investéiere vill a Schoulen, Maison-relaisen, Sportsinfrastrukturen an a Kultur.
Ech kéim zu mengem éischte Ressort, der Kultur. Wéi all Joers muss ech menger Roserei hei Loft maachen, well mer nach ëmmer keng Subside kritt hu fir d'Programmatioun am Ale Stadhaus. De Buergermeeschter huet et scho gesot. Et bleift ze hoffen, dass déi nei Ministerin, déi staatlech Subsiden an Zukunft méi gerecht an equitabel verdeele wäert. An dass si déi wäertvoll Aarbecht unerkennt, déi an eisem Kulturzenter geleescht gëtt.

An der Kultur si leedeglech eng 185.000 Euro u Recettë virgesinn, bei enger Hellewull vun Depensen, déi, wéi ech mengen, gerechtfäerdegt sinn. Et gëtt enorm vill an d'Kultur investéiert. All Joers méi. Kultur ass dat, wat eis zesummenhält an eist Matenee méi agreabel mécht.

E Récapitulatif iwwert d'Posten. Fir Kultur, Kultus a Loisirs hu mer an den ordinären Depensen dëst Joer 12 Milliounen Euro virgesinn. Also eng Millioun méi wéi 2018. Am Extraordinäre gi mer vun 10 op 16,5 erop. Wat heescht dat? Ma ganz einfach: Dëse Schäfferot investéiert massiv an d'Kultur. A well eis d'Kultur esou wichteg ass, hate mer jo déi lescht Joren e Kulturplang opgestallt, fir eis Ziler ze setzen an eist Angebot ze optimiséieren.

Ech wëll op e puer Projeten agoen, déi mer wäerte maachen. Am uerdentleche Budget, gesitt Der, dass mer en neie Projet wëlle lancéieren, den Urban Art. Dofir si 50.000 Euro virgesinn. Déi Expo vum Campendonk hunn ech nach net opginn. Eis Kontakter mat Penzberg signaliséieren, dass sech d'Situatioun deblockéiert. Et ass e klenge Poste virgesinn, fir dat an enger spéiderer Zukunft organiséieren ze kënnen.

Mir wëllen e Stand-up-Comedy-Festival organiséieren. Dofir si 60.000 Euro virgesinn. Mir schaffen un engem Theaterfestival, deen eventuell 2020 stattfanne kéint. Dofir si Suen am Budget virgesi fir Etüden an Devisen.

Et ass och virgesinn, Vitrinnen am Stadgebitt opzeriichten, wou Artisten hir Wierker kënne weisen. Heifir sti 5.000 Euro am Budget. Fir d'Ouverture vun där neier Hall de la Chiers hu mer e Montant vu 50.000 Euro virgesinn. Mir wëllen dat gediege feieren, well dës Hal an Zukunft vun eise Veräiner soll genotzt ginn. Dofir musse mer hinne bei enger Porte ouverte weisen, wat fir Méiglechkeete si do hunn.

Et ass virgesinn, e Buch iwwer Déifferdeng ze maachen. Hei soll et méi ëm d'Zesummeliewen an eiser Stad goen. Jiddwer Awunner ka sech och dru bedeelege mat Fotoen. Dat soll am Fong méi e Fotoband gi wéi vill grouss Texter.

D'Museksschoul, eng ganz wichteg Saach. Déi loosse mer eis bekanntlech all Joers 1,1 Millioun Euro netto kaschten. An zwar 1,8 Milliounen Euro kascht déi Museksschoul. Do kréie mer iwwer 100.000 Euro eran iwwert déi Coursen, déi ugebuede ginn, wou d'Leit sech aschreiwen. Mir kréie 665.000 Euro u Subsiden. Dann hu mer nach 5.000 Euro fir Locatioun vun Instrumenter.

Dat heescht, och do gi mer dëst Joer nach erop. Mir hu festgestallt, dass eis Museksschoul, zënter dass mer deen neie Museksschouldirekter hunn, wierklech explodéiert. Mir sinn elo um Duebele vun deem wéi virun zwee Joer. Dat stëmmt mech natierlech optimistesch fir d'Zukunft.

Deen eenzege Problem, dee mer hunn, ass d'Plaz. Do musse mer kucken, wéi mer dat an Zukunft geléist kréien. Et si scho Léisungen ugeduecht ginn, op der Place Nelson Mandela.

Da wëlle mer all zwee Joer en Drummer's Day organiséieren. Deen éischte war virun zwee Joer, dat war e grousse Succès. 300 bis 400 Leit hunn do matgemaach.

Mer wäerte weiderhin eis Bluesschoul ënnerstëtze mat 10.000 Euro netto. De Steampunk gëtt ausgebaut. D'lescht Joer hate mer mat Péiteng en Agreement fonnt, déi sech, genau wéi mir, mat 25.000 Euro, dru bedeelegt hunn, dass dat ka weidergefouert ginn.

Fir d'Bibliothéik hu mer e bësse méi virgesinn, fir d'Lundi-littérairen. Et ass virgesinn am Archivage e Groupe de

Travail ze grënnen, dee wéi eng Kommissioun soll fonctionnéieren. Deen déi 10.000 Fotoe soll beschréften, déi mer hunn an déi net beschréft sinn. Mat deenen een, wann een eng Recherche mécht, actuellement näischt kann ufänken. Dofir musse mer op dee Wee goe mat där Kommissioun, dass déi déi Saach an d'Hand hélt.

Bei eise Fête-publiquë bleift alles beim Alen. Megafuesend ass op 90.000 Euro erofgesat ginn. Live am Park geet liicht erop. D'Fest fir Nationalfeierdag gëtt och liicht eropgesat.

D'Recettë vun de Fester: De Blues Express bréngt 32.000 Euro eran, de Chrëschtmaart 17.000 Euro, d'Megafuesend 60.000 Euro, de Weekend des cultures 5.000 Euro, d'Béierfest 15.000 Euro. Dat si Gesamteinnahme vun 129.000 Euro. Mer setze weiderhi verstäerkt op Sponsoring, fir d'Fester kënnen ze organiséieren.

Bei den extraordinären Depense bleift och gréisstendeels alles beim Alen. Just am Musekssall vun der HMD sinn nei Still virgesinn. An nei Equipementer, notamment e Piano, fir d'Museksschoul.

Mäi Projet vum Nidderkuerer Pëssel-buer hunn ech net opginn. Mir sinn elo schonn ee Joer am Gaang drun ze dokteren, fir endlech erëm Waasser an dee Buer ze kréien. Dat schéngt net esou einfach ze sinn, well dat eben an engem geschützte Gebitt ass. Mä, wéi gesot, ech hunn et net opginn, dass mer iergendwann eng Kéier, wéi fréier, do erëm Waasser erauskréien.

Eng Mise en valeur vun eisem Patrimoine. Dir wësst, all Joers versiche mer een Objet erauszesichen, dee mer renovéieren. Dëst Joer gëtt dee ganze Parvis vum Monument Honsbësch renovéiert, dee jo wierklech e bëssen accidentéiert ass, mat 50.000 Euro. Soudass dat Monument, wat virlescht Joer ganz nei restauréiert gouf, sech an engem würdege Kader befënnt. Wou een dann och net muss fäerten, fir dohinner ze goen.

Et stinn 10.000 Euro am Budget fir den Deplacement vum Monument vun de Biergaarbechter, vun der Maartplaz fort. De Buergermeeschter huet gesot, fir Esch 2022 stinn emol 50.000 Euro am Budget. Am Laf vum Joer ass virgesinn, een anzestellen, deen dat soll begleeden. Fir zesumme mat eisen Awunner respektiv eise Veräiner, Projeten opzestellen.

Eng nei Iddi ass gebuer, dat sougenannten Haus vun der Geschicht. Wou mer emol 50.000 Euro als Etüd virgesinn hunn. Wat stelle mer eis dorënner vir? Mir wëllen am Fong d'Evolutioun vun der Stad Déifferdeng duerstellen an enger Ausstellung. Fir de Leit, déi op Déifferdeng kommen, oder och eise Kanner aus de Schoulen ze weisen, wéi Déifferdeng evoluéiert ass. Wat een do alles ka fannen. A fir vläicht déi Leit, déi fir Déifferdeng wichteg waren, och do nach eng Kéier ervirzebréngen. Mir hu jo schonn eng Kéier esou e Projet gehat.

Dann hu mer endlech virgesinn – dat ass och eng Saach, déi schonn e bësse méi laang schleeft, wou mer no Léisunge sichen an nach ëmmer net ganz richteg dat fonnt hunn –, dass eist Aalt Stadhaus handicapéiertegerecht ka benotzt ginn. An zwar esou, dass d'Leit net ëmmer musse schellen an da waarden, ob ee kënnt oder net. Dofir hu mer 50.000 Euro virgesinn. Mir hunn och virgesinn, nei Chrëschtchaleten ze bauen. An eng Sono mobile fir de Kulturservice ass virgesinn.

D'Pièce maîtresse, wat an d'Kultur investéiert gëtt, géif ech soen, ass d'Renovatioun vu Lasauvage. Wou mer d'nächst Joer wäerten ukommen. Do hu mer eng Millioun Euro virgesinn, mat engem Gesamtdevis vu bal 1,9 Milliounen Euro. D'Hall de la Chiers muss fäerdeg gemaach ginn. Déi wäert d'nächst Joer am September opgoen. Mir leien nach am Timing. Mer mussen nach dee Rescht vu 5,8 Milliounen Euro investéieren.

Ech wollt nach eppes zum Jumelage soen. Mer hunn do wëlles zesumme mat der Miami University, der Stad Oxford an dem internationale Lycée e sougenannte Summer camp/ Youth camp ze organiséieren. Mir wäerten eis nach mat eiser Partnerstad treffen, fir dat ze organiséieren. Doniewent ass e reegen Austausch mat Ahlen, wou mer eng Ausstellung solle kréien. A fir en Deplacement op Penzberg, déi hir 100 Joer feieren, hu mer 50.000 Euro virgesinn.

Mäin zweete grousse Ressort sinn d'Bauten. Erlaabt mer e klenge Bilan ze

10 000 €. Le Steampunk sera développé. La commune de Pétange participera aux frais à hauteur de 25 000 €.

Les investissements dans les lundis littéraires augmenteront légèrement.

Un groupe de travail actif dans le domaine de l'archivage annotera les 10 000 photos en possession de la commune.

Pour ce qui est fêtes publiques, les dépenses liées à Megafuesend passent à 90 000 € et celles pour Live am Park et la Fête nationale augmentent légèrement. En ce qui concerne les recettes, le Blues Express rapporte 32 000 €, le marché de Noël 17 000 €, Megafuesend 60 000 €, le Weekend des cultures 5000 € et la fête de la bière 15 000 € pour un total de 129 000 €.

Les dépenses extraordinaires évoluent peu à l'exception de nouvelles chaises pour l'HMD et d'un piano pour l'école de musique.

Tom Ulveling n'a pas oublié le projet Pesselbuer à Niederkorn, mais la difficulté réside dans le fait que le site se trouve dans une zone protégée.

Chaque année, le collège échevinal choisit un monument à rénover. Cette fois-ci, il s'agit du parvis du Honsbësch pour 50 000 €.

Dix-mille euros sont destinés au déplacement du monument des mineurs et cinquante-mille euros à Esch 2022.

La Maison de l'histoire doit présenter l'évolution de Differdange dans le cadre d'une exposition. Cinquante-mille euros sont prévus.

L'Aalt Stadhaus doit être adapté aux personnes handicapées. Cinquante-mille euros sont alloués à ces travaux. De nouveaux chalets seront achetés pour le Marché de Noël.

La rénovation de Lasauvage constitue la pièce maitresse des investissements culturels. Le devis se monte à 1,9 million d'euros, dont un million en 2019.

Le nouveau hall de la Chiers ouvrira en septembre. Il reste 5,8 millions d'euros à investir.

Pour ce qui est des jumelages, le collège échevinal entend organiser un «Summer Camp» avec la Miami University, Oxford et le lycée inter-

national. Des échanges sont prévus avec Ahlen, ainsi qu'une excursion à Penzberg.
Tom Ulveling passe au ressort des bâtisses. Il rappelle qu'il a déjà été échevin de 2002 à 2005. Les projets avancent lentement et souvent, lorsqu'on croit être arrivé au bout, les imprévus surviennent. En plus, s'il en compare les montants dépensés au nombre d'employés, on se rend compte qu'il manque du personnel. C'est pourquoi un ingénieur-technicien a été recruté cette année. Mais cela ne suffira pas, car la commune est censée construire une école primaire, un lycée et un commissariat pour le compte de l'État. Les frais de personnel seront remboursés, mais le temps passé sur ces projets ne pourra pas être récupéré. Il faudra donc recruter un employé supplémentaire.
Differdange a besoin de nouvelles écoles et de maisons relais. Il faut aussi rénover les structures existantes. Les projets scolaires sont planifiés avec le service scolaire dont M^me^ Pregno gère le ressort.
La commune investira 1,5 million d'euros dans l'EIDE, 1,5 million d'euros dans l'école du Mathendahl et 1,5 million d'euros dans la maison relais du Mathendahl. Des conteneurs seront installés à Niederkorn. Ils serviront aussi lors de la rénovation de l'École des filles.
Trois-cent-mille euros sont destinés à une nouvelle maison relais Um Bock.
Des investissements importants sont prévus pour l'hôtel de ville.
Le bâtiment B du 1535° sera remis en état pour 850 000 €.
Tom Ulveling mentionne ensuite l'école de la place Nelson-Mandela, le commissariat et un parc de stationnement. Un accord a été trouvé avec l'Arbed concernant le parking, qui sera aménagé sur un site différent de celui prévu au départ. M. Liesch reviendra sur ce point. Cent-mille euros sont alloués au Lommelshaff. Le centre médico sera rénové en deux phases. La transformation du bâtiment de BIL coutera 100 000 €. Deux-cent-cinquante-mille euros sont prévus pour le mobilier et deux-cent-mille euros pour le CID, dont il est question depuis longtemps.

maachen no engem Joer Bauteschäffen. Ech war dat zwar schonn eng Kéier 2002 bis 2005, mä ech géif et esou resümeieren: Et ass vill Aarbecht. Et gëtt een dauernd gebremst. Bref, et kënnt ee lues virun. A wann ee mengt, et wier een endlech um Zil, da kann een erëm ufänken, da kommen Imprevuen, da muss hei an do erëm gekuckt ginn, an esou weider.

Wann ee kuckt, wéi vill Suen hei am Spill sinn, wéi vill Milliounen hei investéiert ginn, an et kuckt een op där anerer Säit, mat wéivill Leit een dat muss maachen, da kënnt een zur Konklusioun: Dee Betrib, deen am meeschte Suen ausgëtt, huet bei wäitem am mannste Leit. Dofir hu mer dëst Joer een zousätzlechen Ingénieur-Technicien agestallt. Mä dat geet sécherlech net duer.

Dir wësst, dass eise Service fir de Staat eng Primärschoul, e Lycée an och elo nach e Polizeigebai baue soll. An dat, nodeem mer de Lycée provisoire scho gebaut hunn. Mir kréien zwar d'Fraise vun eisem Personal erëm. Awer, déi Zäit, déi se op dëse Projete verbrauchen, kënne se net un eisen eegene Projet opwenden. Dofir mengen ech, dass à court terme nach muss ee Mataarbechter agestallt ginn.

Bei de Baute sinn et d'Schoulen an d'Sportsinfrastrukturen, déi eis um Häerz leien. Eis Kanner sollen an adequate Schoulen opwuessen a sech entfale kënnen. An dat mat genuch Maison-relaisen. Dat ass en Investissement an eis Zukunft. Op där anerer Säit musse mer eise Bestand erëm fit maachen a Renovatioune virhuelen.

Bei all eise Schoulprojete schaffe mer enk mam Schoulservice zesummen. Ech wëll der Madamm Pregno, déi dëse Ressort huet, villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

An d'École primaire EIDE wäerte mer 1,5 Milliounen Euro investéieren. An d'Mathendahl-Schoul 1,5 Milliounen Euro. Och an d'Maison relais Mathendahl 1,5 Milliounen Euro. An d'Bock-Schoul 360.000 Euro. Eng Container-Schoul mat sechs Klassen an enger klenger Maison relais zu Nidderkuer soll 250.000 Euro kaschten. Dat, well mer do am Moment en Enkpass hunn.

Déi Klasse wäerte mer dann och nach oprechterhale fir d'Meederchersschoul zu Nidderkuer – dat Joer drop vläicht –, wou mer am Gaang sinn, en Ubau ze plangen. Wou déi ganz Schoul an engems renovéiert gëtt. Soudass mer déi Container dann nach wäerte kënne benotzen, wann d'Mathendahl-Schoul bis dohinner da vläicht op ass.

Mir hunn eng Maison relais um Bock virgesinn, eng nei Konstruktioun fir 300.000 Euro. Wou um éischte Stack och de politeschen Deel am neie Stadhaus an Zukunft soll hikommen. Do wäerte mer e ganz groussen Invest maachen.

Am 1535°, an de sougenannte Bâtiment B wëlle mer d'nächst Joer 850.000 Euro investéieren, dee fit maachen, fir nach zousätzlech Fläche fir eis Kreativwirtschaft zur Verfügung ze stellen.

An der Planung sinn, ech hunn et virdru gesot: eng Annex an der École des filles, Nidderkuer, d'Schoul op der Place Nelson Mandela souwéi d'Polizeigebai. Wou mer 350.000 Euro virgesinn hu fir en APD. Mir sinn am Gaang, eng Etüd ze maache fir d'Parkhaus. Dat wäert den Här Liesch Iech herno méi genau zielen. Wou mer elo en Deal hu mat der ARBED, deen eis, mengen ech, erméiglecht, d'Parkhaus op enger ganz anerer Plaz ze bauen. Wat fir eis natierlech och en Avantage wäert hunn.

Dann, dat hat de Buergermeeschter och scho gesot, fir de Lommelshaff sinn 100.000 Euro virgesinn. De berühmte Centre médico muss fit gemaach ginn: eng nei Fassad an nei Fënsteren an enger éischter Phas. Duerno, an der zweeter Phas, bannendran alles renovéieren. D'Transformatioun vun der BIL, wou de Service social dra kënnt, wäert eis 110.000 Euro kaschten. E Mobilier 250.000 Euro. An, do wäert ech méi spéit nach eng Kéier drop zréckkommen, de CID, vun deem mer elo laang a vill geschwat hunn, mä wou mer elo awer ënnerwee sinn. Do hu mer 200.000 Euro virgesinn.

Virdrun hat ech gesot, mir mussen eis Gebaier ënnerhalen a fit maachen. Dofir hu mer virgesinn, d'nächst Joer während der Schoulvakanz un der Schoul um Fousbann d'Fassad an den Daach nei ze maachen. Dat soll 1,5 Milliou-

nen Euro kaschten. Et ass virgesinn an der Woiwer-Schoul 16 Klassesäll ze renovéieren, fir 2,1 Milliounen Euro. Ech krut gesot, dat wär méiglech, an enger Schoulvakanz ze maachen. Bannent zwee Méint. Dat gëtt also extrem sportlech. Ech hoffe jo, dass dat dann esou wäert opgoen.

Den Daach vun der Meederchersschoul zu Déifferdeng ass ondicht a muss reparéiert ginn. Dofir hu mer eng Depense vun 110.000 Euro virgesinn. Den ale Lino an der Schoul zu Lasauvage gëtt erausgeholl. Dat kascht 110.000 Euro. De Foyer du Jour Kornascht ass och e leedlecht Gebai, wou den Daach muss erneiert ginn an Etanchéitéitssaache musse gemaach ginn, wou mer 200.000 Euro investéieren.

Mir hunn en Dekont am Ale Stadhaus vun 150.000 Euro. D'Trapen op der Place Millche ginn erneiert fir 80.000 Euro. Och d'Trape vun der Miami University bis an d'Déifferdenger Schoul mussen erneiert ginn. Dofir sinn 120.000 Euro virgesinn.

D'Bréck zu Nidderkuer, déi déi zwee Schoulhäff verbënnt, muss nogebessert ginn. Déi ass am Gaang ze raschten. Dat muss een nokucken an nei usträichen. Dat ass e Projet, deen 110.000 Euro soll kaschten. An der Villa vun der Maison relais Déifferdeng am Park muss d'Terrass nei gemaach ginn. An der Maison relais Déifferdeng ass eng akustesch Renovatioun virgesinn. Do ass de Kaméidi net méi auszehalen.

De Lift um Parking, de Buergermeeschter huet et gesot, gëtt elo endlech an d'Rei gesat a wäert an Zukunft mat enger Kamera equipéiert sinn. Et ass net hinnehmbar, dass en, soubal e gefléckt ass, all Kéiers erëm futti geschloe gëtt. Do huet de Buergermeeschter jo schonn aner Mesuren ugekënnegt, fir deem entgéintzewierken. Ech fannen et wierklech eng Frechheet, dass verschidde Leit, well se ebe behënnert sinn oder well se Kanner hunn, e risegen Detour musse maachen. Nëmme well do e puer Idioten, et kann een et net anescht nennen, sech all Kéiers do acharnéieren an dee Lift do futti maachen.

D'Maison relais Uewerkuer, do hate mer viru Kuerzem en Devis hei am Gemengerot. Déi gëtt komplett renovéiert an den neie Gegebenheeten, der Konformitéit ugepasst. Mir investéiere 600.000 Euro an en administratiivt Gebai, wat soll op der Place Nelson Mandela opgeriicht ginn. D'Lach ass schonn do. Wou eise Service scolaire an eventuell de Service écologique wäerten hikommen.

Dann zum Sport. Och do gëtt vill investéiert. Dir wësst, dass mer fir de Staat de LIHPS bauen. Do si mer mat dräi Milliounen Euro dobäi. An den Hall sportif Nidderkuer, deen den Här Muller sengerzäit geplangt huet, sollen dräi Milliounen Euro investéiert ginn. Déi nei Sportshal um Bock gëtt ugefaangen. Dofir sinn 300.000 Euro virgesinn. Am Centre sportif Déifferdeng, also der Sportshal, muss mat de Renovatiounen ugefaange ginn. Mat 200.000 Euro si mer do ënnerwee.

Fir d'Alentouren an de Parc des Sports sinn 1,5 Milliounen Euro virgesinn. Fir dass dat och alles soll fäerdeg sinn, wann eis nei Hall de la Chiers kann ageweit ginn – wa se dann nach esou wäert heeschen, dat musse mer nach kucken.

Eng grouss Etüd fir de Stade d'athlétisme, wat de Buergermeeschter ugekënnegt huet, fir 300.000 Euro. Et ass virgesinn, natierlech wann d'Besëtzverhältnisser gekläert sinn, um Stade Thillebierg 122.000 Euro ze investéieren. Et ass kloer, mir wäerten dat eréischt maachen, wann dat eis gehéiert. Mir waarden nach ëmmer op en definitive Präis vun ArcelorMittal, ier mer lassleeën. Och ass eng Etüd virgesi fir den Aquasud, fir e Bassin auszebauen. Dofir sinn 150.000 Euro virgesinn.

Wéi gesot, et gëtt vill gebaut. Op där anerer Säit stinn natierlech och Recettë vu staatleche Subsiden am Budget. Ech weess net, ob ech Iech déi elo all soll opzielen, well se all schéin der Rei no do stinn. Ech mengen, mir kënnen eis dat erspueren. Dir kënnt dat alles noliesen.

Da géif ech op de Stroossebau iwwergoen. Nei Trottoire si virgesi fir 100.000 Euro. En neit Kanalsystem zu Lasauvage fir 1,2 Milliounen. An de Balcon soll renovéiert gi fir 45.000 Euro. An der Strooss, déi Accès gëtt an de Reggio, muss den Talus stabiliséiert

La façade et le toit de l'École du Fousbann seront refaits pour 1,5 million d'euros. Seize salles de classe seront rénovées dans l'École du Woiwer en deux mois pendant les vacances scolaires pour 2,1 millions d'euros.

Le toit de l'École des filles de Differdange doit être réparé pour 110 000 €. Le linoléum de l'école de Lasauvage sera remplacé pour 110 000 €. Deux-cent-mille euros sont prévus pour les travaux de rénovation du Kornascht.

Le décompte de l'Aalt Stadhaus se monte à 150 000 €.

Tom Ulveling mentionne ensuite des travaux concernant les escaliers de la place Millchen, les escaliers de la Miami University, l'École de Differdange, le pont reliant les cours de récréation des écoles de Niederkorn, la villa de la maison relais du parc de Differdange et la maison relais de Differdange.

Comme l'a dit le bourgmestre, l'ascenseur du parking sera réparé et équipé d'une caméra. Tom Ulveling juge intolérable que les personnes handicapées doivent faire un énorme détour parce que quelques idiots s'acharnent sur l'ascenseur dès qu'il est réparé.

La maison relais d'Oberkorn sera entièrement rénovée.

La commune investira 600 000 € dans le bâtiment administratif sur la place Nelson-Mandela.

Trois-millions d'euros sont destinés pour le LIPHS, qui sera construit pour le compte de l'État. La même somme est également prévue pour le hall sportif de Niederkorn. Trois-cent-mille euros sont alloués à la construction de la nouvelle salle de sport du Bock. Les travaux de rénovation du centre sportif de Differdange commenceront. 1,5 million d'euros serviront à réaménager les alentours du Parc des Sports.

L'étude concernant le stade d'athlétisme coutera 300 000 €. Cent-vingt-deux-mille euros seront investis dans le stade du Thillenberg dès qu'il appartiendra à la commune. Une étude sur l'agrandissement d'Aquasud sera effectuée pour 150 000 €.

Ces projets sont subventionnés par l'État, mais Tom Ulveling n'entrera pas dans les détails.

En ce qui concerne la voirie, de nouveaux trottoirs sont prévus pour 100 000 €. Le balcon et le système de canalisations seront rénovés à Lasauvage. Le talus sur la route d'accès au Reggio sera stabilisé.
Un nouveau système de canalisations sera installé au Woiwer de Berto jusqu'à la station Gulf pour un-million d'euros.
Tom Ulveling mentionne ensuite les travaux du Wangert et du Haut-Wangert et de la rue Bessemer.
Un accès à la future maison de retraite sera aménagé sur les Woiwerwisen pour 900 000 €.
Tom Ulveling passe ensuite aux travaux dans la rue Pierre-Krier, la rue Dupong, la rue Saint-Pierre et la rue Jean-Baptiste-Charlé. Il mentionne la cinquième phase de rénovation de Niederkorn. Cinq-cent-mille euros seront investis dans la rue Belair et la rue Pasteur.
La suppression du PN 15 constitue la pièce maitresse de la mobilité dans la ville. Il reste à trouver un accord avec les CFL, qui financeront la majeure partie du projet.
L'aménagement de réseaux dans la cité Breitfeld, la rue de la Montagne et l'avenue Charlotte couteront 950 000 €.
Pour ce qui est parcs, l'aménagement du terrain de l'AS coutera 500 000 €.
Le CIGL touchera 400 000 € pour l'aménagement d'aires de jeux. Les collaborateurs du CIGL disposent d'un vrai savoir-faire. Les travaux requièrent un peu plus de temps, mais coutent aussi moins cher.
Des investissements sont prévus dans les cimetières — notamment pour le reprofilage des chemins et l'installation de nouveaux colombaires. Cent-cinquante-mille euros serviront à aménager des vestiaires et des sanitaires au cimetière d'Oberkorn. La place devant la morgue et l'escalier d'accès au cimetière de Niederkorn seront rénovés pour 170 000 €.
Le collège échevinal a la ferme intention de construire le nouveau CID à Niederkorn à côté du garage Collé. Le PAP est en train d'être réalisé. Tom Ulveling estime que les travaux devraient commencer en 2020. Ensuite, il faudra prévoir un temps de construction de deux ans.

ginn. Dofir sinn 127.000 Euro virgesinn.

An den ënneschten Deel vun der rue Woiwer, vum Berto bis bei d'Gulf, soll en neit Kanalsystem kommen. Dat wäert eng Millioun Euro kaschten.

An der Montée du Wangert an Haut-Wangert si 750.000 Euro virgesinn. D'rue Bessemer 800.000 Euro. E Projet, deen am Ganzen 2,8 Milliounen Euro kaschte wäert. An dann, ganz wichteg, fir dass mer endlech mat deem neien Altersheim ukommen, dat soll vu Servior gebaut ginn, do ass d'Zoufaart op d'Woiwerwise virgesinn. Dofir stinn 900.000 Euro am Budget.

Fir d'Renovatioun vun der rue Pierre Krier an der rue Dupong hu mer 600.000 Euro virgesinn. Fir d'rue Saint Pierre an d'rue Jean-Baptiste Scharlé zu Nidderkuer si 500.000 Euro virgesinn. Dat ass d'Phas V zu Nidderkuer.

An dann nach e grousse Projet, vun deem och scho relativ laang geschwat ginn ass, dee mer dann och elo endlech wäerten ulafe loossen, ass déi berühmt rue Belair an d'rue Pasteur, wou mer 500.000 Euro wäerten investéieren. Do wäerte mer eis a relativ kuerzer Zäit och mat den Awunner treffen, fir deenen dee Projet virzestellen an ze kucken, wat si fir Doleancen hunn.

Dann – de Buergermeeschter huet et ugekënnegt – d'Suppressioun vum PN15, déi eis wierklech um Häerz läit a wou mer wäerten alles versichen ze maachen, fir dat an d'Rei ze kréien. Wéi gesot, et ass eng Pièce maîtresse fir déi ganz Mobilitéit an eiser Stad. Ech géif mengen, déi Sue wäre gutt ugeluecht. De viregte Schäfferot hat scho Projete weise gelooss. Et si Méiglechkeeten do. Natierlech muss en Accord fonnt gi mat der CFL, déi dee gréissten Deel vun deenen Aarbechte musse bezuelen. Mä ech mengen, do si mer gudder Hoffnung.

D'Neiverleeë vu Reseauen an der Cité Breitfeld, rue de la Montagne an Avenue Charlotte an Zesummenaarbecht mat Sudgaz sollen 950.000 Euro kaschten.

Da kéim ech op d'Parkanlagen. Am uerdentleche Budget sinn 120.000 Euro virgesinn. Fir den Amenagement vum AS-Terrain, den Här Buergermeeschter huet et gesot, fir déi lescht Phas also, nodeem d'Jugendhaus elo opgaangen ass, ass eng hallef Millioun Euro virgesinn.

Fir de CIGL hu mer 400.000 Euro virgesinn, fir eis Amenagementer ze maachen, bei de Spillplazen an esou weider. Dat ass eng gutt Zesummenaarbecht, déi mer mat deenen hunn. Et geet zwar e bësse méi lues, mä ech mengen déi Leit hunn e gewëssenen Know-how mëttlerweil. Dat muss ee wierklech soen. An déi maachen immens flott Saachen, hunn immens gutt Iddien. Et dauert zwar e bësse méi laang, mä ech mengen, et kascht och manner, richteg, Här Bertinelli. Mä, wéi gesot, dat klappt. An ech mengen, mir sollen op deem Wee weidergoen, fir mam CIGL zesumme verschidde Projeten ze maachen.

En anere wichtegen Invest maache mer an eis Kierfechter. All Joers schwätze mer dervun. A mir fänken un, et geet awer ni duer. Et besteet e groussen Nohuelbedarf. Reprofilage vun de Weeër: 235.000 Euro. Nei Colombairen: 150.000 Euro. Fir d'Astandhale vu Weeër a Gebaier stinn 100.000 Euro am uerdentleche Budget. Um Kierfecht zu Uewerkuer amenagéiere mer Vestiairen a Sanitäranlagen, haaptsächlech fir eis Leit, déi do schaffen. Dofir sinn 150.000 Euro virgesinn. D'Plaz virun der Morgue an déi Trap, déi den Zougang huet zum Kierfecht zu Nidderkuer, si virgesinn ze erneieren. Dofir sinn 170.000 Euro virgesinn.

Dann zu mengem leschten anere grousse Ressort, dem CID. Ech wëll hei eng ganz kloer Ausso maachen, vu mir, de Schäfferot steet natierlech ganz kloer hannendrun: Mir bauen dee CID zu Nidderkuer an zwar niewent de Garage Collé. D'Emprisen um Terrain si fäerdeg. De PAP ass an der Maach. D'Zoufaartsstross si mer am Gaang ze bauen. Dat geet relativ gutt virun. De Rameprogramm steet. Ech rechnen, dass mer 2020 domadder ukommen. Mat enger Bauzäit vu gutt zwee Joer, kënnt Der Iech ausrechnen, wéini mer do wäerten ëmzéien. Mer hunn am Budget nach verschidden Invester an deem ale CID virzegesinn, fir dass mer an den nächste puer Joren nach uerdentlech schaffe kënnen.

Am CID ass ausser de Leit, déi wichteg sinn, och de Fuerpark extrem wichteg. An dee gëtt och all Joers ganz vill investéiert. D'lescht Joer waren et 2,2 Milliounen, dëst Joer 1,2 Milliounen Euro. Dat net, well mer dëst Joer vill manner investéiere wëllen, mä well dat eent scho bestallt a virbestallt ass, iwwerschneit dat sech esou. Soudass een awer ka soen, dass mer all Joer am Schnëtt gutt 1,5 bis 1,7 Milliounen Euro investéieren.

Heizou ze soen ass, dass mer all Joers déi Gefierer aussortéieren, déi iwwer zwielef Joer al sinn. Wann ee weess, wéi vill déi Gefierer benotzt ginn, net nëmme vun eise Leit, mä och nach deelweis vu Veräiner – Gefierer, déi dauernd ënnerwee sinn –, da weess een, wa se zwielef Joer halen, dass se vun eise Servicer gutt a Stand gehale ginn.

Mä iergendwann eng Kéier huet et kee Sënn méi, nach eppes drun ze hänken. Mir hunn d'Reegel vun zwielef Joer elo festgehalen. Ech wëll Iech just soen, deen eelste Won, dee mer de Moment am Asaz hunn, ass vun 1996. Dat ass de sougenannte Werdingswon. Deen hate mer deemools ofkaf. Zwou Camionsbennë si vun 1999 respektiv 2003. Déi mussen elo wierklech entsuergt ginn, well an de Bennë schonn esou vill Lächer sinn, dass een näischt méi transportéiere kann.

Mir hunn zwee nei Müllween bestallt, mat enger méi déifgeluechter Kabinn, fir dass de Chauffer e besseren Iwwerbléck huet. Dat ass elo state of the art. Dir wësst, dass mer elektresch Gefierer privilegéieren, wann et nëmme geet a wann et nëmme méiglech ass. Dëst Joer hu mer elektresch Autoen, elektresch Kiermaschinnen an zwee Müllween bestallt. Déi Müllween hunn eng elektresch Hüttung an eng elektresch Press.

Mer wëllen eis e vollelektresche Müllwon uschafen. Dat wäert awer nach e bëssen daueren. Mer denken, dass de Marché dat am Joer 2020 wäert hierginn. Dofir si mer am Gaang ze kucken, ob mer net e Pilotprojet mat enger Firma kéinte maachen, déi esou Gefierer hierstellt. Well et ass natierlech ëmmer e Risiko. Déi Gefierer, déi ee keeft, déi jo net grad näischt kaschten, déi musse fiabel sinn an déi muss ee kënnen asetzen. Dofir gi mer vläicht op de Wee, fir esou e Pilotprojet ze maachen. Vläicht seet den Här Liesch nach eppes dozou. Ech weess et net.

Mir hu 625.000 Euro fir Camionettëbennen, Salzstreebennen a Méimaschinne virgesinn. 200.000 Euro fir Gefierer fir eis kommunal Servicer. Véier elektresch Autoen an dräi elektresch Motoen. 400.000 Euro fir en Unimog a Camionen, Bennë fir de Streedéngscht.

Fir technesch Equipementer sinn 245.000 Euro virgesinn. Mer wëlle lues a lues al Equipementer erneieren, fir dass, wa mer an deen neie CID plënneren, mer schonns déi Equipementer, Maschinnen hunn, déi vum ITM zougelooss sinn. Net, dass mer dann erëm misste Suen doranner investéieren. Dofir wäerte mer op de Wee goen, an deenen nächsten dräi, véier Joer, bis mer eraplënneren, dat ze erneieren.

Nei Spillplaze fir 250.000 Euro. Aire de jeux an der rue des Mines: 80.000 Euro. De Mäerchepark an Arboretum si mat 35.000 Euro virgesinn. Déi ginn op d'nächst Joer reportéiert. Zu Uewerkuer hu mer wëlles, e Parc de détente mat Geräter ze maachen, fir 35.000 Euro. Um Thillebierg kucke mer, ob eng iwwerdeckte Spillplaz méiglech ass. Dofir sinn emol 122.000 Euro virgesinn.

Dee berühmte Vëloswee tëschent Nidderkuer an Déifferdeng ass nach ëmmer aktuell. Mir hoffen, dass mer deen iergendwann eng Kéier hikréien. Dofir sinn 100.000 Euro virgesinn.

Zum Schluss wëll ech Iech all Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech hoffen, dass ech näischt vergiess hunn. Ech sti fir Froen déi nächste Sitzung zur Verfügung.

Ech wëll awer och all menge Mataarbechter aus menge Servicer villmools Merci soe fir hiren Asaz, fir hir Ureegungen an hir Disponibilitéit. Mir sinn en Team am Déngscht vun eise Bierger. A mir versichen, déi eis uvertraute Suen nohalteg a pragmatesch ze verplangen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Liesch, w.e.gl.

Quelques investissements sont aussi prévus dans l'ancien CID.
1,2 million d'euros seront investis dans le parc automobile du CID contre 2,2 millions cette année. Chaque année, la commune remplace les véhicules de plus de 12 ans. Les services communaux les entretiennent comme il faut, car autrement, ils ne tiendraient pas aussi longtemps quand on sait combien ils sont utilisés par la commune, mais aussi par les associations. Le véhicule le plus ancien date de 1996. Deux bennes datent de 1999 et 2003. Elles sont pleines de trous et doivent être remplacées, car elles ne sont plus aptes à transporter des marchandises.
La cabine des nouveaux camions de ramassage des ordures est plus basse pour offrir une meilleure vue aux chauffeurs. Le collège échevinal privilégie les véhicules électriques quand c'est possible. Cette année, la commune a acheté des voitures électriques, deux balayeuses électriques et deux camions de ramassage des ordures avec une presse électrique. Il faudra attendre encore un peu pour disposer d'un camion de ramassage des ordures entièrement électrique. Le collège échevinal réfléchit à la mise en place d'un projet pilote avec une entreprise. Mais les véhicules doivent être fiables.
Tom Ulveling mentionne ensuite des camionnettes, des saleuses et une tondeuse et des voitures et motos électriques.
Deux-cent-quarante-cinq-mille euros sont prévus pour l'équipement technique, qui doit être conforme aux dispositions de l'ITM.
Des investissements de 250 000 € sont prévus pour les aires de jeux. Un parc de détente sera aménagé à Oberkorn pour 35 000 € et une aire de jeux couverte au Thillenberg pour 122 000 €.
Cent-mille euros sont destinés à la piste cyclable entre Niederkorn et Differdange.
Tom Ulveling remercie les conseillers communaux de l'avoir écouté. Il se tient à disposition pour d'éventuelles questions. Il remercie aussi les collaborateurs des différents services pour leur engagement au service des citoyens. L'argent est

dépensé de manière pragmatique et durable.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *commence par une définition de l'urbanisme, la science relative à l'étude et à la description des villes d'un point de vue social, géographique, historique et urbanistique. Il constate qu'il reste du pain sur la planche à Differdange. Souvent, on pense essentiellement aux pierres et aux infrastructures, mais pas à la composante sociale, qui est pourtant celle qui rend une ville vivante. La composante historique est plus rarement oubliée, car les Differdangeois savent d'où ils viennent.*
Pour Georges Liesch, il s'agit avant tout d'améliorer la qualité de vie des citoyens, des salariés et des visiteurs de Differdange. Differdange doit être moderne sans oublier son passé. Voilà le crédo du budget de l'année dernière.
Le PAG est un des instruments de l'urbanisme, mais il se réduit surtout à ce qui peut être construit à quel endroit. Les autres composantes de l'urbanisme ne sont traitées que peu ou pas du tout.
Georges Liesch ajoute que le nouveau PAG est en train d'être terminé. Le budget prévoit des fonds importants. L'évaluation environnementale stratégique est pratiquement achevée. Le PAG devrait donc pouvoir être présenté au public prochainement.
Les PAP constituent la mise en pratique du PAG. M. Ulveling a présenté les différents projets. Georges Liesch en cite quelques-uns: la construction de logements, le stade d'athlétisme du Woiwer, le nouveau CID, le commissariat de police, l'extension de LUNEX… L'extension de LUNEX fait partie des projets faisant avancer Differdange en attirant une population différente. La commune doit soutenir cet élan. La même chose est vraie pour le stade d'athlétisme, qui attirera aussi des personnes différentes à Differdange.
Un des projets les plus intéressants pour Georges Liesch même s'il ne figure au budget qu'avec 50 000 € est celui du développement de la ville. Comment mettre en pratique la définition qu'il a donnée tout à l'heure? La commune aura besoin

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif ufänke mat Urbanismus a mat enger klenger Definitioun: „Urbanistik ist die Wissenschaftsdisziplin, die sich der Erforschung und Beschreibung von Städten unter sozialen, geographischen, historischen und städtebaulichen Gesichtspunkten widmet“. Esou kann een et op ville Plazen, ënner anerem, Wikipedia noliesen.

Wann een déi Definitioun e bëssen auserneepléckt, da mierke mer, dass mer eigentlech nach net do ukomm sinn.

Mir verstinn, mengen ech, alleguerten ënner Urbanistik ëmmer ganz vill Invest an de Steen, an Infrastrukturen, an Objeten. A vergiessen, mengen ech, heiansdo dat soziaalt Gefüge, wat een domadder wëll erreechen. Eigentlech dat, wat eng Stad lieweg mécht. Wat net Gebaier sinn, net Stroosse sinn, mä dat, wat sech do ronderëm ofspillt.

Den Historique vergiesse mer net esou oft. Well mer wëssen, wou mer hierkommen. Mä et bleift also do eppes ze maachen.

Et geet ëm d'Liewensqualitéit vun eise Bierger, vun alle Salariéen, déi dagdeeglech op Déifferdeng schaffe kommen – an dat sinn der vill –, vun de Visiteuren, déi sech heihinner verlafen, en Dag hei verbréngen, hei akafe kommen. Fir deenen hir Liewensqualitéit an hir Openthaltsqualitéit hei zu Déifferdeng ze verbesseren.

Mir wëllen eng attraktiv, modern Stad ginn, déi trotzdeem hier Vergaangenheet net vergësst a se och stolz weist. Dat ass eigentlech de Credo vum Budget vum leschte Joer, wat den Urbanismus ugeet, wéi och vun dësem Joer. Een Instrument dovun ass natierlech de PAG. Mä, wéi scho gesot, de PAG reduzéiert sech eigentlech ganz vill op, wat kéint gebaut ginn, wou kéint gebaut ginn, wéi wëlle mer eis developpéieren. E geet och dorobber an, en definéiert dat och. E beschreift awer alleguerten déi Punkten uewen nëmme wéineg oder guer net.

Trotzdeem, de PAG geet a seng Ligne droite. Dir gesitt, am Budget steet nach ëmmer e grousse Montant, fir e fäerdeg ze maachen. D'SUP ass souwäit fäerdeg. Januar, Februar wäert et eng lescht Lektür ginn. Da misst de PAG souwäit sinn, dass mer domadder an d'Ëffentlechkeet an an de Gemengerot kënne kommen. Fir déi Iddien, déi an deene leschten zwee Schäfferéit entstane sinn, virzestellen.

PAPen, dat ass dann d'Ëmsetzung vum PAG. Dat heescht, wat mer konkret do wëlle maachen, do bauen. Do geet et erëm eng Kéier ëm d'Bauen. Den Här Ulveling huet déi Projeten explizit duergestallt. PAPen hu mer der e puer, déi ëmmer erëmkommen. Wou mer en Developpement hunn, wat Logement ugeet.

Ech nennen der just e puer: de Liichtathletikstadion vu Woiwer, neie CID, Policegebai, Extensioun LU:NEX. Am spannendste sinn déi, déi en neie Moment an eis Stad bréngen, déi en Impuls ginn. Ech denken do un eng Extensioun LU:NEX, wou am Gaang ass, eng ganz aner Bevëlkerungsschicht hei zu Déifferdeng ze wuessen. Wat mer mussen ënnerstëtzen. Dass mer kucken, deen Elan, dee mer do hunn, weiderzefëieren.

De Liichtathletikstadion bréngt en Impuls fir eis Stad. Net nëmmen d'Gebai. Dat bréngt och aner Leit op Déifferdeng. Ech mengen, dat ass och ganz wichteg.

E Projet, deen am Budget steet mat just 50.000 Euro – elo kann ee soen, dat si Peanuts, dat ass net vill –, ass fir mech trotzdeem ee vun de spannendsten Dossieren: Et geet ëm den Développement de la Ville. Hei geet et drëm, wéi mer déi Definitioun, déi ech virdru gelies hunn, wëllen ëmsetzen. Wéi wëlle mer dat, wat mer an deene leschte Joren zu Déifferdeng gebaut hunn, an och dëst Joer an an deenen nächste Joren nach wëlle bauen, mat Liewe fëllen? A wéi wëlle mer dat un d'Dréie kréien?

Do wäerte mer eis extern Hëllef huelen. Well do si mer, mengen ech, alleguerten hei net d'Experten. Mir wäerten eis do berode loossen. Dofir stinn déi 50.000 Euro dran, fir eng extern Berodung ze kréien. Wéi kënne mer eis Stad, dat wat mer geschaaft hunn, un d'Liewe kréien? Wéi kréie mer dat un d'Dréien? Wéi erhéije mer d'Liewensqualitéit

vun all deene Leit, déi ech virdrun opgezielt hunn?

D'Héichspannungsleitung, e spannende Projet, den Här Buergermeeschter hat et kuerz ëmrass. Et gesäit ganz gutt aus. Mer hu souguer eng Alternativ fonnt, déi eigentlech nach méi wäit geet wéi dat, wat mer ugeduecht haten. Awer zum selwechte Präis, wat jo ëmmer gutt ass. Déi wäerte mer Iech virstellen, soubal se sprochräif ass.

E ganz interessante Projet, de Lommelshaff. Wou mer als Gemengerot dobaussen – an dat wëll ech wierklech betounen – gelueft goufen, fir déi Initiativ, déi mer geholl hunn, dass mer de Lommelshaff kaf hunn. Dat ass natierlech elo op eise Schëlleren. Et ass elo un eis ze definéieren, wat mer dorausser maachen. Mer sinn do schonn op e ganz neie Wee gaangen. Mir sinn net higaangen an hu gesot, elo huele mer dat, wat mer scho kennen a mir kucken, ob mer dat do eragequëtscht kréien, ob et erapasst oder net. Dat wollte mer grad net maachen.

Fir den Haff Lommel stinn elo wuel Suen dran, et geet awer haaptsächlech drëm, deen ze stabiliséieren, ze konservéieren. Fir dass dat, wat elo do steet, net weider degradéiert. An do wëlle mer nei Weeër goen, aner Weeër goen. Fir zu Uewerkuer, an deem Eck do, en neien Impuls ze schafen. Mat deem Impuls, dee scho vis-à-vis entstanen ass ouni eis Hëllef. Dass mer do eng flott Synergie fannen. Dorëms geet et beim Haff Lommel. An och do wäerte mer eis extern berode loossen, wéi een dat kéint maachen.

Dann hu mer eng Zone d'activité am Haneboesch, déi schonn e puer Joer um Bockel huet. Déi net einfach war. Wou vill Punkten ze kläre waren. Viru bal zwee Joer hate mer en Appel gemaach, wou mer gefrot hunn, wéi eng Betriber sech do wéilten néierloossen, op deene siwe Lousen, déi mer do hunn. Mir waren iwwerrascht iwwert déi vill Kandidaturen, déi mer kritt hunn.

Mir hate souguer mussen e Choix maachen. E puer si leider net méi dobäi, aus Zäitgrënn, well et hinne vill ze laang gedauert hat. Well se vill méi eng schnell Äntwert gebraucht hunn op hire Problem. Mir fannen anerer, dat ass net dee grousse Problem. Mä et weist, wéi wichteg esou Zone-d'activitéë sinn, Kleng- a Mëttelbetriber Plaz ze schafen, dass déi sech an eiser Gemeng kënnen néierloossen. E wichtege Projet fir eis Stad, eis Gemeng. Och wann et un der Peripherie läit, ass dat heiten e ganz wichtegen Impuls fir eis Stad.

Urbanismus ass och Ëmgestaltung, Neigestaltung vu Quartieren. An och do gi mer aner Weeër. An der rue Belair, der rue Wangert hate mer am Virfeld mat de Leit geschwat. Mir hate Biergerversammlunge gemaach, wou mer de Leit eis Iddie presentéiert hunn a se ëm hir Meenung gefrot hunn, ier mer de Projet a Steen meesselen an ëmsetzen. Net ëmmer kënnt dat dobäi eraus, wat mir eis virstellen. Well eis Vuë vläicht net déi si vun de Leit, déi am Quartier wunnen. Mä et fënnt ee sech. A virun allem hu mer d'Bierger mat agebonnen, si wësse wat geschitt, wéi et geschitt an hir Iddie konnte mat afléissen.

Dat sinn déi grouss Ziler an Ëmsetzungen, déi mer an der Urbanistik an deenen nächste Jore wäerte weider verfollegen.

D'Urbanistik begräift och all déi aner Felder, déi ech a meng Kolleegen aus dem Schäfferot Iech presentéieren. En Ënnerkapitel vun der Urbanistik ass d'Mobilitéit. Ech liesen hei och ee Saz vir: „Mobilität für alle erfordert ein breit gefächertes Angebot unterschiedlicher Transportmittel“. Sou steet et am Koalitiounsprogramm vun dësem Schäfferot. An et ass genau dat, wat mer wëllen erreechen.

Et geet ëm Multimodularitéit. Et geet net ëm ee géint deen aneren, et geet net Bus géint Auto, Camion géint Vëlosfuerer, Vëlosfuerer géint Foussgänger. Mä et geet drëm, eng breet Offer ze schafen. Soudass jiddweree sech mat senger Mobilitéit, mat sengem Besoin zu Déifferdeng a ronderëm deplacéiere kann, wéi en et brauch a wéi et grad passt.

Mir wëssen alleguerten an eiser schnellliweger Zäit, dass d'Mobilitéit essentiell ass. An dass se net méi esou ass wéi eng Generatioun virdrun, wou et sech säit Joerzéngten ëmmer ëm déiselwecht Mobilitéit gehandelt hat, mä si ännert. Net nëmmen am Joer, am Mount, si ännert an der Woch a si ännert vun Dag zu Dag, jee nodeem wéi d'Situatioun

d'un soutien externe pour répondre à la question. Comment rendre vivant tout ce qui a été créé pour améliorer la qualité de vie des gens? Le bourgmestre a mentionné la ligne à haute tension. Les travaux seront plus importants que prévu, mais pour le même prix.

La commune a reçu beaucoup de louanges pour l'acquisition du Lommelshaff. Il reste à définir ce qu'on en fera. Le collège échevinal ne veut pas y implanter des structures déjà existantes, mais créer quelque chose de nouveau. Les fonds prévus dans le budget visent surtout à stabiliser et à conserver la ferme. Ensuite, il faudra donner une impulsion au site, en synergie avec ce qui a été créé en face.

La zone d'activités Haneboesch existe depuis quelques années. Il y a deux ans, un appel à candidatures a été lancé pour les sept lots disponibles. Le nombre de candidatures a surpris le collège échevinal. Il a fallu faire un choix. Certaines entreprises se sont retirées entretemps, parce qu'elles ne pouvaient plus attendre. Mais cela démontre l'importance des zones d'activités pour petites et moyennes entreprises. Même si le Haneboesch est en périphérie de la ville, il s'agit d'une zone importante.

L'urbanisme est aussi synonyme de réaménagement des quartiers. Georges Liesch mentionne la rue Belair et le Wangert. Le résultat des réunions d'information est souvent différent de ce à quoi s'attend le collège échevinal parce que les habitants ont des points de vue différents. Il faut alors trouver des compromis. Mais les habitants savent que leurs idées sont entendues.

Le collège échevinal tentera d'atteindre tous ces grands objectifs.

Un des grands chapitres de l'urbanisme est celui de la mobilité. La mobilité pour tous nécessite une offre vaste en transports en commun, comme le précise le programme de coalition du collège échevinal. Il ne s'agit pas d'opposer le bus à la voiture, le camion au vélo ou le cycliste au piéton. Chacun doit pouvoir se déplacer à Differdange et autour comme il l'entend et en fonction de ses besoins à un moment donné. La mobilité n'est plus comparable à celle des

décennies précédentes. Elle évolue en permanence, d'un jour à l'autre. La politique doit tenir compte du fait que celui qui se déplace doit pouvoir disposer d'une multitude de solutions.
Bien entendu, cela signifie que la voiture, qui a la part du lion actuellement, doit laisser de la place aux autres. Il n'est pas toujours possible de construire des éléments parallèlement. Parfois, il faut fermer une voie pour en ouvrir une autre.
Le nouveau gouvernement a créé une cellule pour analyser la qualité de l'air dans le pays et prendre des mesures. Differdange est concernée et il faut agir rapidement. Pour Georges Liesch, il est intolérable que certains se déplacent exclusivement en voiture à Differdange et que les habitants en souffrent. Il faut à la fois une bonne qualité d'air et une mobilité qui fonctionne.
Si la commune fait l'autruche, ce sera le chaos sur les routes dans quatre ou cinq ans. Grâce à la nouvelle entrée en ville, la situation s'est améliorée. Mais la marge de manœuvre risque de disparaitre en deux ans si rien n'est fait. Il s'agit de profiter du temps qu'il reste pour prendre des mesures et maitriser la mobilité.
Dans ce contexte, le budget de Vël'OK sera doublé pour passer à 220 000 €. Ce système fonctionne bien et il faut donc le développer, notamment dans les quartiers et là, où les stations existantes ne suffisent plus.
Le collège échevinal entend construire un «park & ride» à la périphérie avec une navette en direction du centre-ville spécialement pour les personnes n'ayant pas besoin de voiture en cours de journée. Un parking sera aménagé au Haneboesch, là où stationnent actuellement les camionnettes. Il constituera un des piliers du système de «park & ride» autour de la ville.
Un bon système de signalisation sera mis en place. En effet, les nouveaux habitants, les personnes travaillant à Differdange et les visiteurs ont des difficultés. Dans certaines communes voisines, un tel système existe déjà et il est efficace. Georges Liesch trouve que la même ass. An dat muss eng modern Mobilitéitspolitik hierginn, dass deen, dee sech deplacéiere wëll, op eng Villfalt vu Saachen zréckgräife kann.

Wann ee seet, et soll jiddwereen dovunner profitéieren, geet dat natierlech nëmmen, wann deen, dee quasi alles huet am Moment – an dat ass den Auto –, muss eppes hierginn, fir dass déi aner eppes kréien. Net ëmmer fanne mer et, dass mer parallel kënne Saachen opbauen. Leider musse mer och heiansdo do Weeër goen, wou mer engem vläicht e Wee méi schwéier maachen oder ganz zoumaachen, fir engem aneren e Wee kënnen opzemaachen.

Et geet och ëm Loftqualitéit. A leschter Zäit ass dat ganz vill e Sujet an eisen Nopeschlänner, mä et ass och e Sujet zu Lëtzebuerg. Et ass jo net fir näischt, dass eis nei Regierung extra eng Cellule geschaaft huet, fir d'Loftqualitéit hei am Land ze ënnersichen a Mesuren ze huelen. A mir sinn och betraff hei zu Déifferdeng. Dat wonnert jo och keen.

Eis Wäerter, déi mer d'lescht Joer gemooss hunn, weisen eis, dass mer drénggenden Handlungsbedarf hunn. Et kann also net sinn, dass sech déi eng nëmme mam Auto an Déifferdeng beweegen, wéi se wëllen, an anerer, déi zu Déifferdeng wunnen, dorënner ze leiden hunn. Dat kann net sinn. Mir mussen also e Wee fannen, wou béid zu hirem kommen. Déi eng op eng gesond Loft, an déi aner op eng Mobilitéit, déi awer funktionéiert.

Mir mussen de Verkéierskollaps verhënneren, dee mer an deenen nächste véier, fënnef Joer riskéieren ze kréien, wa mer Vogelstrausspolitik maachen an näischt ënnerhuelen.

D'Situatioun huet sech am Moment verbessert, duerch dee Projet, deen am leschte Schäfferotskoalitiounsprogramm ëmgesat gouf, nämlech d'Entrée en ville. Ech mengen, wéi d'Kräizung a Betrib gaangen ass, huet jiddwereen déi Entlaaschtung gespuert fir den Autosfuerer.

Mä ech mengen, mir sollten eis do awer net an d'Täsch léien. Dee Virsprong, dee mer eis do geschaaft hunn, gëtt all Dag e Stéck opgefriess. An an e puer Joer, wa mer net reagéieren, ass dee Puffer fort. An dann hu mer näischt méi, fir an d'Dëppen ze geheien, fir deen nach eng Kéier erofzedrécken. Wa mer net elo an där Zäit, déi mer hunn, deene puer Joer, déi mer hunn, reagéieren an elo Moossnamen ergräifen, fir d'Mobilitéit vu muer ze steieren an ze gestalten.

Am Budget fannt Der eng ganz Partie Punkten, déi drop hinzilen, fir dat ze erreechen. Mir wäerten de Budget vum Vël'OK-System verduebelen. Vu lescht Joer 110.000 Euro op elo 220.000 Euro. Mir hu verstanen, dass de Vël'OK-System, dee gutt ugeholl gëtt vun de Leit, nach méi muss ausgebaut ginn a méi wäit muss an d'Quartieren eragoen. D'Statioune musse verduebelt ginn, wou mer haut scho mierken, dass et mat enger Statioun net duergeet.

Mir wäerten e weidere Punkt aus dem Koalitiounsprogramm ëmsetzen, nämlech e Park&Ride schafen, wou d'Leit an der Peripherie hiren Auto stoe loosse kënnen. Mat enger schneller Navette, déi se an den Déifferdenger Zentrum bréngt. Fir all déi Leit opzefänken, déi op Déifferdeng schaffe kommen an eigentlech wärend dem Dag hiren Auto net brauchen. Dee muss och net an Déifferdeng erafueren.

Mir wäerten d'Parkhaus um Haneboesch, wat schonn deemools geplangt war, wou haut d'Camionnettë stinn, an Ugréff huelen. Well dat och ee Standbeen wäert gi vun engem Park&Ride-System, dee mer ronderëm eis Stad wëllen opzéien.

Mir wäerten awer och an d'Foussgänger investéieren, nämlech an eng gutt Signaliséierung. Mir kennen eis Stad. Awer vill vun eis, déi, déi nei bäikommen, hunn e bësse Schwieregkeeten. Déi, déi op Déifferdeng schaffe kommen, hunn nach vill méi Schwieregkeeten. An déi, déi nëmmen op Déifferdeng akafe kommen oder en Dag hei verbréngen, si mengen ech oft ganz verluer. Mir brauchen eng gutt Signaliséierung.

Mir hunn an eisen Nopeschgemengen, déi dat schonn ëmgesat hunn, gesinn, wéi flott dat ass a wéi dat kéint ausgesinn. A mir hunn decidéiert, deeselwechte Modell ze iwwerhuelen. Einfach aus Lisibilitéitsgrënn. Fir dass d'Leit, déi sech hei am Süde beweegen, déiselwecht Signalétiquen erëmfannen, déiselwecht Modeller. A sech esou

schnell orientéiere kënnen, wa se iergendwou hi wëllen.

Mir mussen awer trotzdeem kucken, den Autosverkéier drastesch an eiser Stad ze reduzéieren. Ee Projet, dee mer wëllen ugoen, ass de Rondpoint zu Nidderkuer. Alleguerten, déi heibanne sëtzen, kennen d'Situatioun. Wann ee vun Déifferdeng Richtung Nidderkuer wëll fueren, kuckt ee fir d'éischt op d'Auer: Si mer net grad virun der Schoul oder no der Schoul? Well dann huet ee vläicht besser, en anere Wee ze fueren. De Rondpoint ass dann zou.

D'Schüler hunn natierlech absolutt Prioritéit. Dat ass richteg esou, an dat soll och esou bleiwen. Mir gesinn do den Nodeel vun engem interurbane Rondpoint, matten an engem Duerf. Soubal e Rondpoint a Konflikt mat Foussgänger kënnt, ass de Rondpoint net déi adequat, net déi richteg Léisung fir eng Mobilitéit, déi ee brauch.

Mir wäerten dee Projet ugoen, dëse Rondpoint ëmgestalten. Mä net nëmme wäerte mer de Rondpoint ëmgestalten, mä mir wäerten och probéieren, de Kär vun Nidderkuer opzewäerten. An dee ganze Quartier ronderëm déi zwou Schoule besser mat der neier Sportshal, besser urbanistesch ze gestalten, wéi dat am Moment de Fall ass.

Verkéiersberouegung wäerte mer och, dat hunn ech schonn d'lescht Joer hei gesot, an der rue Emile Mark, rue de Soleuvre maachen. Dat ass eng kruzial Strooss. Déi Leit, déi haut an der rue Emile Mark an an der rue de Soleuvre wunnen, kënnen opootmen, well de Verkéier iwwert de Contournement geet.

Mä nach eng Kéier gesot: Dee Puffer schmëlzt all Dag dohin. A mir mussen déi Strooss, wat eng Nationalstrooss ass, ëmbauen, ëmgestalten. Dass et eng Quartiersstrooss gëtt an net e parallelen Zubringer, Abführer vum Zentrum vun Déifferdeng.

Mir wäerten do relativ kuerzfristeg e Rendez-vous mat eisem neien ale Minister hunn. Do hu mer eng grouss Lëscht vu Punkten, déi mer mat him wëllen diskutéieren. A wou mer wëlle ganz effikass a schnell virukommen. D'Pläng si sou gutt wéi fäerdeg. Et geet drëm, de Ministère, d'Ponts et Chaussées an d'Leit mat an d'Boot ze huelen, Neel mat Käpp ze maachen an endlech mat der Ëmsetzung unzefänken.

E weidere Punkt op eiser Lëscht ass de PN15. Et ass jo net esou, dass mer näischt an den Auto wëllen investéieren. Mir wëllen, dass déi Autoen, déi an Déifferdeng zirkuléieren, relativ zügeg derduerch kommen, ouni musse laang am Stau ze stoen, wou se dann onnéideg Ofgasen an d'Loft bréngen.

De PN15 ass e kruziale Punkt. Et ass quasi déi lescht Barrière, de leschte Bahnübergang hei an der ganzer Südstreck. Déi Barrière ass haut, laut CFL, 35 Minutte vu 60 zou. A si hunn eis ganz kloer an däitlech gesot, dass dat an Zukunft net besser wäert ginn, mä éischter an déi aner Richtung geet.

D'Obligatiounen, déi si hunn, wat d'Sécherheet ugeet, d'Usprëch vun de Leit, déi mam Zuch wëlle fueren, ginn an d'Luucht. Dat ass och gutt esou. Dat bedéngt, dass déi Barrière also an Zukunft nach méi laang zou wäert sinn. Si ass elo scho méi laang zou, wéi se op ass. An dat wäert sech net verbesseren.

Et ass also kruzial, dass mer dee PN15 do uginn. Dir gesitt am Budget e stolze Montant vun Acquisitiounen, well dat ënnerläit der Gemeng. Mir mussen also kucken, dass mer déi Terrainen, déi Haiser, déi vläicht betraff sinn, kréien, fir der CFL dee Projet do ze ginn. Dass si dat bauen. Dee ganze Bau wäerte si finanzéieren. Mä d'Acquisitioun vun den Terraine läit bei eis.

De Parking Entrée en ville vun deem mer scho laang hei schwätzen, huet erëm eng nei Nues kritt. Ganz onerwaart. Mir ware scho quasi bei der Decisioun, fir d'Parkhaus ze bauen op dem Parking Haut-Fourneaux, wéi – ganz iwwerraschend, muss ech awer trotzdeem soen – d'ArcelorMittal eng Kehrtwende gemaach huet an hirer Politik, wat hir Bienen ugeet.

Wann et bis elo esou war, dass et ganz schwéier war, vun ArcelorMittal Terrainen ze kréien, ze kafen, da gi se am Moment an eng aner Richtung. Si konzentréiere sech op hire Core-Business an hunn hir Politik geännert an deem Sënn, dass se sech vu Saachen, déi se net direkt brauchen – Terrainen, Gebaier –

signalétique devrait être utilisée dans tout le sud.
Le projet du rondpoint à Niederkorn est important pour réduire les problèmes sur les routes. Si l'on se rend de Differdange à Niederkorn, il vaut mieux éviter la rentrée et la sortie des classes scolaires. Bien sûr, les élèves ont la priorité. Mais un rondpoint en pleine ville a des désavantages. Dès que le site est fréquenté à la fois par des voitures et des piétons, un rondpoint n'est plus adapté. C'est pourquoi il sera transformé. Par ailleurs, le centre de Niederkorn sera revalorisé et les deux écoles seront reliées à la nouvelle salle de sport de manière optimale.
Il faudra aussi calmer le trafic dans la rue de Soleuvre et dans la rue Émile-Mark. Les automobilistes peuvent déjà passer par le contournement, mais la marge de manœuvre se réduit. Il faut faire de cette route nationale une route de quartier. Le collège échevinal prévoit de rencontrer le ministre compétent pour lui proposer des mesures.
Le projet du PN 15 montre que le collège échevinal entend aussi investir dans la voiture, mais les voitures doivent pouvoir circuler rapidement à travers Differdange sans être coincées dans les embouteillages. Le PN 15 est le dernier passage à niveau du sud. La barrière est fermée 35 minutes sur 60 et la situation est censée empirer. La sécurité ainsi que les attentes des voyageurs priment, ce qui est normal. Le budget prévoit des acquisitions de terrains et de maisons pour permettre aux CFL de réaliser les travaux nécessaires.
Le projet du parking de l'entrée en ville a évolué de manière inattendue. Le collège échevinal était sur le point de faire construire ce parking sur le site des hauts-fourneaux lorsqu'ArcelorMittal a modifié la politique concernant ses biens. Alors qu'il était difficile d'acquérir des terrains appartenant à ArcelorMittal, la situation a changé. Désormais, le groupe se sépare assez facilement des biens dont il n'a plus besoin à condition que le prix proposé soit correct.
(Interruption)

Georges Liesch constate qu'avant, il n'était même pas question de prix puisqu'ArcelorMittal ne voulait pas vendre.
Désormais, il est question d'aménager un nouveau quartier — une sorte de plateau du Funiculaire 2.0 — sur le site mis à disposition pour le parking. Les premières esquisses sont prêtes. Des discussions sont en cours avec ArcelorMittal et le Science Center. Cela démontre que le collège échevinal entend soutenir le Science Center contrairement à ce que l'on dit. Il a immédiatement réfléchi à la meilleure façon de l'intégrer dans le nouveau quartier. Georges Liesch se dit content que la commune ait été invitée à faire partie du groupe de travail mis en place par le ministère. En effet, elle a aussi son mot à dire.
Georges Liesch passe à l'écologie, qui fait aussi partie de l'urbanisme. En effet, elle sépare naturellement tout ce qui se trouve à l'intérieur du périmètre de construction, mais aussi ce qui se situe autour. Georges Liesch pense que personne n'a encore réellement compris ce que signifie la phrase «il n'existe pas de planète B». On en parle beaucoup, mais sa réelle signification et ses conséquences nous échappent encore. Il ne suffit pas de laisser aux enfants un pays, où l'économie se porte bien et où on essaie de régler le problème du logement. Si l'on ne parvient pas à créer un environnement intact, tout le reste ne sert à rien. Car si les générations futures doivent financer les mesures pour réparer les dommages occasionnés par les changements climatiques, les problèmes de chômage et logement apparaitront vite futiles.
Les conséquences du slogan «il n'y a pas de planète B» sont complexes. D'après les scientifiques, pour freiner le changement climatique, chaque citoyen devrait se limiter à produire deux tonnes de CO_2 par an. Or le Luxembourg produit 15 t par habitant, soit 8 fois plus. Sur internet, il existe des outils pour calculer son empreinte écologique. Ensuite, il faut se demander ce qu'on peut abandonner pour descendre à une production de deux tonnes. Le budget de Differdange ne peut pas changer les relativ einfach trennen. Natierlech zu engem gewëssene Präis.

(Interruptioun)

Wat virdrun net esou war. Virdru war de Präis net emol an der Diskussioun, well et ass ee guer net bis dohinner komm.

Hei ass et esou, dass mer zesumme mat ArcelorMittal en Terrain huelen, dee mer vun hinnen zur Verfügung gestallt kritt hunn, fir e Parking ze amenagéieren, deen nach am Moment funktionéiert, fir op deem ganze Plateau en Amenagement ze maachen. Net nëmmen e Parkhaus, mä e Quartier. Dat geet also méi wäit wéi just dat, wat mer geduecht haten. Et geet hei ëm en Developpement vun engem Funiculaire 2.0 just vis-à-vis. Net méi an net manner.

Dorunner schaffe mer. Éischt Projeten, éischt Skizzen, wéi een dat kéint maachen, wéi et kéint ausgesinn, si gemaach. Et sinn och scho Gespréicher gefouert gi mat den Haaptacteuren. D'Haaptacteure sinn natierlech ArcelorMittal an d'Gemeng Déifferdeng.

Mä awer och mat de Leit vum Science Center. Et gëtt jo ëmmer hei tëschent den Zeile gesot, dass dëse Schäfferot de Science Center net wéilt oder net géif ënnerstëtzen. Dat ass absolutt net de Fall. Dat war eisen zweete Gedanken, wéi mer dëse Projet ugaange sinn. Nodeem mer gekuckt hunn, wéi kéinte mer eis Stad developpéieren op deem Quartier, war eise Gedanken de Science Center, deen och zu dësem Quartier wäert gehéieren. Wéi kënne mer deen integréieren? An do ass mat de responsabele Leit geschwat ginn.

Mir ënnerstëtzen de Science Center an deem ganzen Developpement. A mir sinn och frou, dass mer invitéiert goufen an deen Aarbechtsgrupp, dee jo vum Ministère ausgeet, fir doriwwer ze schwätzen. Well ech mengen, mir hunn do och eppes mat ze decidéieren.

Ech kommen dann eriwwer bei d'Ekologie. Elo kann ee soen, dat passt vläicht net onbedéngt bei Urbanistik – an awer. D'Ekologie trennt natierlech alles, wat innerhalb vum Bauperimeter ass. Wat Urbanistik natierlech dann ënnergräift, mä alles dat, wat ronderëm ass, och.

Ech mengen, mir hunn alleguerten heibannen – an ech schléisse mech do och mat an – nach net begraff, wat deen einfache Saz „Et gëtt kee Planéit B“ eigentlech beinhalt. Ee Saz, deen een oft op de soziale Medie liest. Wou et scho Gruppe gëtt, wou Leit flott Iddie posten, wat ech wierklech genial fannen. Mä ech mengen, mir hunn nach net begraff, wat dat heescht. D'Konsequenzen dovunner.

Et ass einfach, dee Saz ze soen an dann ze soen, jo, dat ënnerstëtze mer. Well et geet net duer, eise Kanner e Land ze hannerloossen, deem et wirtschaftlech gutt geet. Wou de Logement eng geléiste Problematik ass – dorunner schaffe mer. Mä wa mer et net fäerdegbréngen, eng intakt Ëmwelt ze schafen, dann hunn all déi aner Saachen eigentlech net vill Sënn.

Wann eis zukünfteg Generatiounen extrem vill Sue mussen ausginn, fir d'Schied, déi de Klimawandel wäert mat sech bréngen, ze finanzéieren, da brauche mer eis net laang Suergen ze maachen iwwer Aarbechtsplazen an iwwer Logement. Well da sinn déi Generatiounen, déi elo kommen, mat ganz anere Problemer befaasst.

D'Konsequenze vum Slogan „Et gëtt kee Planéit B“ sinn net einfach. Fir Iech e Beispill ze ginn, d'Wëssenschaftler soen haut: Fir dass mer et packen, de Klimawandel iergendwéi och nëmmen e bëssen ze begrenzen, misste mer eis limitéieren op zwou Tonnen CO2 pro Bierger pro Joer. Ech kann Iech soen, hei zu Lëtzebuerg leie mer bei 15 Tonne pro Bierger. Dat ass also net nëmmen 10% manner, mir schwätzen hei vun zwou Tonnen a vu 15 Tonnen. Dat ass Faktor 8.

Ech invitéieren Iech alleguerten hei am Gemengerot an och dobaussen déi Leit, déi dat heite liesen: Et gëtt ganz vill Toolen um Internet, fir säin CO2-Footprint ze berechnen iwwer ee Joer. Maacht deen Exercice eng Kéier. An da stellt Der Iech duerno d'Fro: Wat hätt ech d'lescht Joer kéinten ewechloossen, fir op déi zwou Tonnen ze kommen? Da begräift een, wat fir eng Dimensiounen dat doten huet.

Dat geet net einfach mat engem Budget, dee mer hei presentéieren. Dat geet nëmme mat engem Sënneswandel, a

mat engem ganz drasteschen a virun allem, leider, ganz schnelle Sënneswandel. Mir hunn net zwanzeg Joer Zäit, oder eng oder zwou Generatiounen, fir dat do hinzekréien.

Mir wëllen als Gemeng Virreider si fir eis Bierger. Hinne weisen, wat geet, wou Méiglechkeete sinn. Hinnen d'Aen opmaache fir nei Techniken, nei Méiglechkeeten, déi et gëtt. Dass se sech bei eis inspiréieren. An natierlech wëlle mer d'Leit förderen, finanziell, awer och mat Rot, wéi se dat bei sech kënnen ëmsetzen. Dir fannt am Budget eng ganz Partie Projeten, déi dorop hiweisen.

Ech huele kuerz zwee Projeten eraus. De Projet NOE/NOAH: Et geet hei ëm en europäesche Projet, wou mer eis Kandidatur viru Jore gestallt hunn, deen elo Feu vert kritt huet. Wou mer kënnen iwwer finanziell Mëttele vun der EU verfügen. Wou mer Personal kënnen astellen iwwert déi dote Mëttelen, fir eng Reconversion écologique innerhalb vum gebaute Raum ze kréien.

Et ass genau dat, wat ech virdru gesot hunn, wat eis an eiser haiteger Urbanistik eigentlech feelt. Nämlech déi Reconversion sociale et écologique tëscht eise Quartieren, tëscht eise Stroossen, tëscht eise Plazen, déi mer gebaut, awer nach net mat Liewe gefëllt hunn.

Mir wäerten Terraine kafen. Dat wäert och eemoleg sinn hei am Land, dass eng Gemeng 122 Hektar Land keeft, Bëscher, eng ancienne Carrière. Elo kënnt Der mer soen, dat ass net esou spektakulär, dat hunn anerer och gemaach. Mä anerer hunn dat sécher net gemaach mat engem Terrain, dee guer net zu Lëtzebuerg läit. Mir kafen 122 Hektar Land beim Roudenhaff. Just dass deen Terrain vis-à-vis vum Roudenhaff a Frankräich läit.

Mir gesinn d'Ekologie net mat Grenzpfosten. Mir gesinn net, dass den ökologesche Wäert vun engem Terrain op zéng Meter hannert der Strooss ophält. An dat ass de Gedanken, dee mer, mengen ech, mussen hei féieren. Och mat eisen Nopeschgemengen, wou mer an engem intensiven Austausch stinn, dank dem TNT.

Wou elo nach eng weider Gemeng bäikomm ass, fir déi doten Terrainen dann och ze bewirtschaften. Wat maache mer domadder? Wat fir eng Iddien hu mer? Do gëtt et scho ganz flott Iddien, wat een domadder kéint maachen.

Eis Projeten „Plan vert“ an „Urban Green“ wäerte mer weiderféieren, an därselwechter Intensitéit wéi mer dat bis elo gemaach hunn. Eisen Zäreprojet ass e Schwieregen. Mir schaffe scho Joren dorobber. A mir bréngen et einfach net fäerdeg, an engem Land wéi Lëtzebuerg, esou e klenge Projet an enger normaler Zäit ze ficeléieren. Et stéisst een ëmmer erëm un nei Doleancen, un nei Problemer.

Jiddwerengem ass bewosst, dass den Zäreprojet u sech e wäertvolle Projet ass. Et geet hei ëm d'Formatioun vu Leit, déi am Chômage sinn. Et geet drëm, hinnen eng Formatioun am Maraîchage ze ginn. Et geet ëm d'Produktioun vu Biogeméis fir eis Maison-relaisen. An awer bréngen mer et net fäerdeg, hei an deem klenge Lëtzebuerg esou e Projet an enger schneller Zäit, raisonnabeler Zäit – schnell wëll ech emol guer net an de Mond huelen – ze accordéieren.

Dir kennt mech, ech ginn net op. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer et packen, an dass ech et nach erliewen a menger politescher Zäit, déi Zären anzeweien. Duerfir stinn erëm eng Kéier Suen am Budget, déi mer vum leschte Joer op dëst Joer reportéiert hunn, fir dat hinzekréien.

Mir wäerten am Naturgebitt dat nohuelen, wat an deene leschte 15 Joer – an dat huelen ech och op meng Kap – vergiess gouf, vernoléissegt gouf. Duerch eis Natur gëtt et immens flott Weeër, déi net nëmmen do si fir de Sonndesspadséierer. Och fir deen, mä och fir Leit, déi sech am Alldag wëlle vun A no B deplacéieren.

Et stellt ee fest, wann een dat emol e bësse probéiert, dass et Weeër gëtt, déi oft méi kuerz si wéi iwwert den Trottoir. Sécher méi agreabel. Mä et misst ee se just kennen. Am Budget sti Suen, fir d'Signaliséierung vun eise Weeër duerch d'Gréngzon ze gestalten. Panneauen, déi drop hiweisen, wou de Wee higeet, wéi laang ech fir dohinner brauch.

Manner wichteg ass, wéi vill Kilometer et sinn. Wichteg ass: Sinn ech an zéng

choses. Il faut une prise de conscience dramatique et malheureusement très rapide.
La commune doit faire figure de pionnier et sensibiliser les habitants aux nouvelles technologies. Il faut aussi les soutenir financièrement et avec des conseils.
Differdange a obtenu le feu vert pour la participation au projet européen Noé-Noah. L'objectif est de réaliser une reconversion écologique dans l'espace urbain. C'est précisément ce qui fait défaut à l'urbanisme actuellement: la reconversion sociale et écologique entre les routes, les places et les quartiers. Le collège échevinal va faire quelque chose d'unique en acquérant un terrain de 122 ha se situant en France, à proximité de la Ferme rouge. L'écologie ne connait pas de frontières. La valeur écologique d'un terrain ne s'arrête pas dix mètres derrière une rue. Il est essentiel de mener ce type de réflexions avec les communes voisines — notamment pour ce qui est de l'exploitation de ces terrains. Georges Liesch rappelle que les échanges avec ces communes sont nombreux grâce au TNT auquel s'est jointe une nouvelle commune récemment. Les projets du plan vert et de l'«Urban Green» seront poursuivis. Le projet des serres date de plusieurs années. Au Luxembourg, ce type de projets ne parvient jamais à être conclu en un temps normal. Georges Liesch rappelle qu'il s'agit d'offrir à des chômeurs une formation dans la plantation de légumes biologiques pour les maisons relais. Malheureusement, les délais ne sont plus raisonnables. Georges Liesch se dit cependant convaincu qu'il arrivera à inaugurer ces serres avant sa retraite politique.
Le collège échevinal va rattraper les retards accumulés ces 15 dernières années dans les zones vertes. Il ne s'agit pas seulement de chemins de randonnée pour le dimanche. Souvent, les zones vertes permettent de rallier une destination plus rapidement qu'en empruntant un trottoir. Le budget prévoit la signalisation des zones vertes. Il n'est pas important d'indiquer les kilomètres à parcourir, mais le temps nécessaire pour atteindre une destination. Il faut par exemple cinquante mi-

nutes pour arriver à Lasauvage depuis Differdange, soit autant qu'avec les transports en commun.
Le collège échevinal continuera à investir dans le patrimoine de la ville.
Le budget prévoit un petit projet exemplaire: l'assainissement d'un étang de refroidissement se trouvant en partie en France. Cet étang servait à livrer l'industrie du fer et de l'acier à Hussigny. À travers une collaboration avec les communes voisines, il est question de rendre cet étang accessible au public. À côté de l'étang se situe l'entrée d'une ancienne galerie qu'il s'agit de mettre en valeur. Georges Liesch signale qu'il existe de nombreuses galeries et rappelle la découverte récente de la mine Renkert, qui sera elle aussi mise en valeur. Lorsque les gens passeront à proximité, ils se poseront forcément des questions sur ce site historique. Pour des raisons de sécurité, l'accès à la galerie est cependant interdit. En revanche, l'accès aux chauvesouris sera préservé. Georges Liesch explique que Differdange en compte des espèces très rares.
Comme l'a dit le bourgmestre, la commune va interdire le plastique dans toutes les fêtes, et ce, dans tous les locaux où les associations en organisent. Il est temps d'agir, car ce qui arrive dans les mers et intolérable. La commune enverra des lettres aux associations au cours des prochaines semaines.
Georges Liesch passe au projet de l'UNESCO «Man and Biosphere». Differdange a beaucoup à offrir dans ce domaine et c'est pourquoi la commune est partenaire dans ce groupe de travail. Quand la région recevra ce label, Differdange en profitera beaucoup aussi, notamment dans le domaine du tourisme doux et dans la mise en valeur du patrimoine historique.
Georges Liesch passe à l'énergie, un domaine où les conséquences ne sont pas encore comprises. Au printemps, il remettra au conseil communal un dossier sur ce qui a été accompli à Differdange au cours des vingt dernières années. Les émissions de CO2 de la commune ont augmenté, mais les émissions par tête d'habitant ont baissé. Cependant, pour la nature, seules les

Minutte vun Déifferdeng zu Nidderkuer? An enger Véierelstonn? An 20 Minutten? Wéi laang brauch ech vun Déifferdeng op Lasauvage? Wann een engem dat haut zu Déifferdeng seet, da rëselt dee just de Kapp a seet, dat ass jo vill ze wäit. Ech kann Iech soen, et ass een a 50 Minutten do. Dat ass bei guddem Wieder emol guer net esou schlecht. Mam ëffentlechen Transport braucht Der bal grad esou laang.

Mir wäerten eis Vergaangenheet net vergiessen. Mir hunn e Patrimoine hei zu Déifferdeng, Dir kennt deen alleguer, deelweis vill besser wéi ech. A mir wäerten doranner investéieren. Am Budget fannt Der Sue fir e Projet – an och dat ass erëm eng Kéier e klenge Projet, an awer exemplaresch – fir d'Sanéierung vun engem Killweier.

Där Killweieren hu mer eng Partie hei zu Déifferdeng, mä deen heiten ass speziell, well en zur Halschent a Frankräich läit. An dee Killweier ass benotzt ginn, fir d'Stolindustrie an d'Eisenindustrie zu Héiseng ze beliwweren. D'Halschent vun deem Weier läit op eisem Terrain. Do hu mer e flotte Projet mat eisen Nopeschgemengen, fir dee Weier an d'Rei ze setzen, accessibel ze maachen an de Leit ze weisen. Et kënnt een haut schonn e bësse bis bäi.

Nieft deem Weier ass eng al Entrée vun enger Galerie, déi mengen ech vill Leit heibannen net kennen. Déi mer erëm en valeur setzen, fir de Leit den Historique vun dëse Galerien déisäit vum Talus méi bekannt ze maachen. Och dës Säit vum Talus hu mer der natierlech eng ganz Partie. Déi al Postkaarten, déi iwwerall, och op de soziale Medien, zirkuléieren, weisen, wou déi iwwerall waren.

Eng, déi mer jo erëmfonnt hunn, eis Mine Renkert, wäerte mer en valeur setzen. Mir wäerte se also net einfach erëm zoutippen, nodeem mer se elo fonnt hunn. Mä mir hu wëlles, se a Stand ze setzen. Sou wäit, dass een – zumindest wann ee laanschtkënnt – weess, wat hei war, wéi hei geschafft ginn ass a wéi dat deemools ausgesinn huet.

Natierlech ass den Accès fir d'Leit zou. Aus Sécherheetsgrënn. Mä den Accès fir d'Fliedermais wäerte mer oploossen. Mir schafen also hei en neit Reservat fir d'Fliedermais, wou mer hei an der Gemeng der scho ganz vill hunn, ganz rar Fliedermais. Mir schafen hei en neit Habitat fir déi Fliedermais.

De Buergermeeschter huet et scho gesot, mir wäerten de Plastik op alle Fester verbidden. Sief dat ëffentlecher, oder wéi hei gesot ginn ass, op alle Lokaler, Plazen, wou eis Veräiner an anerer eppes wëllen organiséieren. Mir wëllen a kënnen net weider nokucken. An ech mengen, de Moment ass do, fir dat ze maachen.

Och bei der Bevëlkerung dobausse mierkt een, dass d'Leit verstanen hunn, dass dat, wat een haut an de Mierer gesäit, net méi witzeg ass. Dass et drëm geet, Neel mat Käpp ze maachen. An dat kann nëmme sinn, wa mer dat hei konsequent duerchzéien. Duerfir wäerten d'Bréiwer, déi un d'Veräiner erausginn an deenen nächste Wochen, och deementspriechend verfaasst sinn.

E besonnescht A hu mer op e Projet, dee wäit iwwert dat erausgeet, wat eis Gemeng ka liwweren. Ech schwätze vum UNESCO-Projet „Man and the Biosphere". Mir sinn aktive Partner an dësem dach groussen Aarbechtsgrupp. Well mer wëssen, dass mir hei zu Déifferdeng Filetsstécker hunn, e Kärstéck hunn, dass mer vill ze bidden hunn, fir an dësem UNESCO-Projet matzemaachen. An dass mer op där anerer Säit, wann d'Regioun dësen UNESCO-Label kritt, och vill dovunner profitéiere wäerten. Sief dat am duussen Tourismus, dee mer alleguerte gären hätten. Sief dat doduerch, dass mer eis historesch Bauten en valeur setzen.

Ech kommen dann eriwwer bei d'Energie. Och dat en Thema, wou mer, mengen ech, alleguerten nach net begraff hunn, ëm wat et geet. Wann een eis Statistike kuckt – an ech wäert Iech am Fréijoer hei eng relativ grouss Informatiounsmapp, eng Presentatioun liwweren, wéi et mat eiser Energie hei zu Déifferdeng steet. Wat ass geschafft ginn an deene leschten 20 Joer? A wat läit virun eis?

E klenge Resumé ass deen heiten: Eisen Energiebedarf, insgesamt, ass an der Gemeng eropgaangen. Firwat? Mir si gewuess. Mir krute Gebaier bäi, mir bauen nach Schoulen, mir bauen nach Sportshalen. Alles dat verbraucht Ener-

gie. De Pro-Kapp-Verbrauch geet erof. Den CO2-Ausstouss pro Kapp geet souguer ganz drastesch erof. Déi lescht Koalitiounen hu gutt geschafft. Mä der Natur ass et zimlech egal, ob de Pro-Kapp-Verbrauch erofgeet. Der Natur ass just wichteg: Wéi vill CO2 ass et insgesamt? An dee geet net esou wäit erof, wéi mer eis dat wënschen.

Ee grousse Projet ass do, dass mer musse kucken, eis Albauten ze sanéieren. Dir fannt am Budget eng Hellewull vu Projeten, déi an der Summervakanz attackéiert ginn. Wou mer Albausanéierung maachen. Als Beispill, just zwou Zuelen: Eis al Maison relais Uewerkuer – wann ee se al kann nennen – huet e Verbrauch vun 247 Kilowattstonne pro Metercarré, pro Joer. Eis nei Maison relais, déi mer gebaut hunn, huet der nach 49. Dat ass 1/5.

An et ass genau deen dote Multiplikator, dee mer musse fäerdegbréngen an eisen Albauten. Mir mussen et fäerdegbréngen, e Fënneffacht bis en Zéngfacht erofzekomme vum jëtzege Verbrauch. An dat ass net einfach. An dat kascht richteg Geld. Mä dat Geld ass gutt investéiert an de Klimaschutz, an domadder an eis nächst Generatiounen.

Mir hunn hei an der Gemeng quasi kee Masutt méi. Mä mir hunn nach vill ze vill Gas. Elo kann ee soen, wéi kann een dat da behaapten, wann ee selwer Aktionär ass als Gemeng an enger Sudgaz? Et ass awer richteg. Mir mussen net nëmmen den Energieverbrauch erofkréien hei an der Gemeng an och an anere Gemengen, mä mir mussen och de Ressourcëverbrauch, deen oft vergiess gëtt, drastesch erofsetzen.

Eis Ressourcë sinn endlech. Déi kaschten och vill Geld. A si bedeiten och vill CO2. Mir sinn aktive Partner an der Sudgaz. An ech hunn do vollt Vertrauen an déi nei Direktioun, déi mat op deen dote Wee geet, dass Sudgaz sech endlech – an ech wëll dat wierklech soen, endlech – méi breet opstellt a vum pure Gasgedanken erofkënnt. A seet, mir mussen eis als Sudgaz an Zukunft méi breet opstellen, aner Saachen, aner Pisten uginn. An déi nei Direktioun vu Sudgaz, mat hirem neie Büro, ass do op deem richtege Wee.
Duerfir kann een als Gemeng, wou een Aktionär bei Sudgaz ass, och soen, dass mir an Zukunft wäerten drastesch manner Gas verbrauchen.

Pellets an Holz si keng Alternativ. Well dat si schlussendlech och Ressourcen. Dovu musse mer erofkommen. Och wa mer an deene leschte Jore fäerdegbruecht hunn, de Masutt quasi hei aus der Gemeng ze verbannen an duerch Holz a Pellets ze ersetzen. Dat war e gudden éischte Schrëtt.

Mä deen nächste Schrëtt muss sinn, dass mer eise Pelletkonsum drastesch erofsetzen. Nei Gebaier ginn am Passiv gebaut. Dat ass näischt Neies méi. An awer musse mer dat anhalen. Mir wäerte vill Diech isoléieren. Mir stieche ganz vill Suen an energetesch Sanéierungen.

Eise Wandpark, wat den Här Buergermeeschter ugeschwat huet, ass net vergiess. Mir hunn e Retard, doduerch dass mer d'lescht Joer eis Buerungen net konnte maachen, well mer e bësse laang op eng Etüd gewaart hunn, a well och mattendran e gudde Frënd a Minister gestuerwen ass. Mä eleng dat ass Usporn, fir dëse Projet weiderzeféieren. Hie war iwwerzeegt, dass eise Projet e gudde Projet ass. Ech sinn dat och. An ech wäert hei net lassloossen, bis mer déi éischt Wandrieder do uewen um Bierg dréie gesinn.

Eis Schoule wäerte mer sanéieren. Den Här Ulveling ass dorobber agaangen, fir an der Summervakanz – dat ass effektiv e ganz sportlechen Timing – déi Sanéierungsaarbechten ze maachen.

E Projet, wouriwwer ech net zefridde sinn, net zefridde ka sinn, ass dee mat de Subside fir eis Bierger. Mir hunn deen an d'Welt geruff an hu gesot, mir stelle vill Sue prett, fir eise Bierger Subsiden ze ginn, fir energetesch Sanéierungen ze maachen. An eis Iddi war: Mir hänken eis un déi Suen, déi de Staat gëtt, a mir ginn de Leit nach eng Kéier 50% vun deem Subsid bäi. Dat ass fir eis administrativ natierlech einfach. A mir hate geduecht, fir de Bierger wär dat och accessibel an einfach.

Mir hate geduecht, fir de Bierger wär et accessibel an einfach. An ech mengen, dat wär et och, wären net virdrun déi Demarchen, déi d'Leit beim Staat musse maachen, fir an de Genoss vun en-

émissions globales comptent. Et celles-ci ne baissent pas assez vite.
Parmi les projets dans ce domaine figure l'assainissement des bâtiments. Georges Liesch cite la maison relais d'Oberkorn, qui consomme 247 kWh par mètre carré et par an. La nouvelle maison relais n'en consomme que 49. Réduire la consommation à un cinquième ou même un dixième est l'objectif à atteindre dans les anciennes bâtisses. Cela coute cher, mais c'est de l'argent investi pour les générations futures.
La commune n'utilise plus le mazout, mais dépend beaucoup trop du gaz. Il est vrai qu'elle est actionnaire de Sudgaz, mais il ne faut pas oublier que les ressources ne sont pas infinies. Elles coutent cher et entrainent des émissions de CO_2. Georges Liesch dit avoir confiance en la nouvelle direction de Sudgaz, qui devra explorer de nouvelles pistes à l'avenir. Pour cette raison, un actionnaire de Sudgaz peut parfaitement chercher à réduire dramatiquement sa consommation de gaz.
Le bois et les pellets ne sont pas des alternatives, car ce sont aussi des ressources. Il faudra donc réduire dramatiquement leur utilisation en construisant des bâtiments passifs. De nombreux toits vont être isolés. Le projet de parc éolien n'est pas abandonné. Le retard dans les études est dû entre autres à la mort d'un ministre et ami. Celui-ci était convaincu qu'il s'agissait d'un bon projet et Georges Liesch n'abandonnera pas tant que les éoliennes ne tourneront pas sur la colline.
M. Ulveling a parlé de l'assainissement des écoles pendant les grandes vacances. Le calendrier est strict.
Georges Liesch n'est pas satisfait du projet des subsides pour les assainissements énergétiques. Ces subsides se montent à 50 % des subventions accordées par l'État. Le collège échevinal pensait que les démarches étaient relativement simples. Mais dans la pratique, les montants prévus pour les subsides n'ont pas été versés entièrement. Par ailleurs, la plupart des subsides concernaient l'acquisition de nouveaux frigos ou d'autres appareils. Or ce n'est pas ce qui coute le plus

cher. Par conséquent, il faut élaborer un nouveau concept, éventuellement avec le ministère. La procédure doit être simplifiée de manière dramatique. Les habitants de Differdange ne s'en sortent visiblement pas. Il est inacceptable que les personnes qui auraient le plus besoin de réduire leurs frais de chauffage ne comprennent pas comment faire une demande de subside. Si en revanche la commune décide de séparer ses subsides de ceux de l'État, elle aura peut-être besoin de nouveaux collaborateurs pour gérer les dossiers.

Georges Liesch passe à l'informatique. Même si ce sujet n'intéresse pas tout le monde, il nous concerne pourtant tous. L'informatique doit apporter de l'intelligence dans l'espace urbain. Differdange dispose déjà de feux tricolores intelligents. Mais il faut aussi un éclairage s'adaptant aux conditions externes et signalant les pannes. L'informatique doit par exemple aussi gérer l'arrosage des arbres.

La Ville de Differdange dispose déjà d'un service informatique performant. Mais elle ne doit pas se reposer sur ses lauriers et installer du matériel informatique lorsqu'elle investit dans les infrastructures.

Georges Liesch passe à l'installation de caméras dans le parc Gerlache. Il n'en est pas enthousiaste. Mais le collège échevinal doit renforcer le sentiment de sécurité des riverains. Il s'est basé sur ce qui a été dit lors de la réunion d'information publique. Les caméras de surveillance autour du parc étaient une des mesures proposées.

Differdange ne dispose toujours pas de raiders électroniques bien qu'ils figuraient dans le dernier budget. Georges Liesch en prend l'entière responsabilité. Il promet que les raiders seront installés au cours des prochains mois. Les gens doivent pouvoir y accéder non seulement à l'hôtel de ville, mais sur les places publiques.

gem Subsid ze komme fir eng energetesch Sanéierung.

Um Terrain stelle mer fest, dass eis Suen net opgebraucht ginn. Oder wann, ass et fir nei Frigoen an esou Saachen. Dat ass natierlech flott. Mä et ass net do, wou et wéideet. Mir mussen aner Weeër fannen, déi Suen, déi d'Gemeng bereetstellt, ënnert d'Leit ze bréngen.

Mir mussen dat Konzept iwwerdenken. Entweder mam zoustännege Ministère kucken, wéi een zu enger drastescher Vereinfachung vun dëser Prozedur kënnt. Déi esou ëmständlech ass, dass ee muss e Bac +5 hunn, fir doduerch ze kommen. A vill Zäit, soss kritt een dat an der Praxis einfach net hin. Oder vill Suen hunn, fir een ze chargéieren. An dat ass hei zu Déifferdeng net de Fall. Mir hunn net déi Leit, déi dat hikréien.

An dat ka jo awer net si fir déi Leit, déi genau dovunner géife profitéieren, wa se muer hir Heizkäschte kéinten ëm e Fënneffacht erofdrécken, déi dovunner finanziell géife profitéieren. Dat kann net sinn. Mir mussen e Wee fannen, sief et mam Ministère, oder mir mussen als Gemeng aner Weeër goen, fir de Leit ze hëllefen. Sief et, dass mer da musse Personal astellen, fir dat selwer ze iwwerpréiwen.

Lescht Kapitel ass d'Informatik, da sinn ech fäerdeg. Ech hunn net op d'Auer gekuckt, mä da sinn ech awer fäerdeg. Ech weess, Informatik ass net onbedéngt jiddwerengem säint. Mä ech mengen, spéitstens nom Rifkin ass et e Sujet ginn.

Mir hunn net missen op de Rifkin waarden, mä de Rikfin huet et eigentlech an e Kontext bruecht vun allem. Mir brauchen eng Informatik vu muer, déi Intelligenz an den urbane Raum bréngt. An da sinn ech erëm eng Kéier bei Urbanistik. Mir brauchen haut Intelligenz, net nëmme bei enger intelligenter Luuchtesteierung, déi mer elo hei zu Déifferdeng hunn.

Mir brauchen intelligent Stroosseluuchten, déi mellen, wa se futti sinn, déi hir Liichtkraaft automatesch un d'Begebenheeten upassen. Mir brauchen Informatik an eiser Bam-Gestioun, déi de Beem Waasser gëtt, wa se ës brauchen, genau da wa se ës brauchen an d'Quantitéit déi se brauchen. Mir brauche muer iwwerall Intelligenz. An dat geet nëmme mat enger gudder Informatik.

Mir hunn eng gutt Informatik hei an der Gemeng an deene leschte Joren opgebaut. Mir hunn e Service opgebaut, dee wierklech alles ofdeckt. Mä mir däerfen do net stoe bleiwen. Mir mussen an Infrastrukturen investéieren, dass iwwerall wou opgerappt gëtt, Informatikmaterial mat geluecht gëtt. Dat ass wichteg fir déi nächst Generatioun, fir dass all déi Méiglechkeeten, déi sech erginn, kënnen ausgeschëpft ginn.

Et ass nach e Punkt dran, wou vill Kolleegen heibanne wëssen, dass ech net esou frou doriwwer sinn. An awer droen ech e mat. Mir wäerte Kameraen am Park Gerlache installéieren. Ech perséinlech si kee Frënd vu Kameraen. D'Decisioun vum Schäfferot kann ech awer mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

Et geet hei ëm d'Sécherheetsgefill vun de Leit ronderëm de Park. An dat Sécherheetsgefill musse mer verbesseren, mat enger Hellewull vu Moossnamen. Mir hunn déi Mesurë mat de Bierger zesummen analyséiert, diskutéiert an ech géif och bal mengen decidéiert. Well, en fin de compte, hu mer als Schäfferot dat ugeholl, wat aus där Versammlung erauskomm ass. An do war eben och dee Sujet vun de Kameraen. D'Kamerae wäerten zumindest dozou bäidroen, dass sech d'Sécherheetsgefill ronderëm de Park fir d'Leit wäert verbesseren. An dat ass awer extrem wichteg.

Elektronesch Raideren op den ëffentleche Plazen, hei sinn ech net zefridden. Mir haten dat dëst Joer am Budget. D'Joer ass bal um Enn, a si sinn net do. Dat fannen ech net gutt. Hei musse mer och méi schnell ginn. Hei kann ech kengem aneren d'Schold gi wéi mir selwer. De Projet ass vu mir net mat Determinatioun weidergedriwwe ginn. Duerfir stinn déi nach net do. Dat fannen ech net gutt. An ech verspriechen, dass déi ganz schnell an deenen nächste Méint wäerten opgeriicht ginn.

Déi elektronesch Raideren, Informatiounstafelen, déi net nëmmen hei bei der Gemeng solle sinn, mä souwéi ech et gesinn, op allen ëffentleche Plazen de Leit sollen accessibel sinn, egal wou se sinn. Et kann net sinn, dass ee vu

Lasauvage muss op Déifferdeng de Raider kucke kommen, wat do hänkt. Net an där Zäit, an där mer haut liewen. Dat ass net d'Realitéit, wéi ech mer se virstellen. An dat musse mer änneren. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Liesch. Madamm Pregno Laura, et ass un Iech.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Häre aus dem Gemengerot, léif Bierger, ech géif dann och relativ zügeg duerch meng Ressorten féieren – oder ech probéieren emol, zügeg duerch meng Ressorten ze féieren. Dat hunn och scho meng Virleefer hei gesot. Kucke mer emol, ob d'Fraen hiert Wuert halen.

Mäin éischte Ressort ass d'Égalité des Chances, wou ech mech an der Haaptsaach ëm de Beräich Égalité tëschent Mann a Fra këmmeren. E ganz interessante Beräich, wou mer d'nächst Joer nach wäerte mussen Akzenter setzen. D'nächst Joer ass 100 Joer Wahlrecht fir Fraen zu Lëtzebuerg. Ech mengen, dat ass e ganz wichtegt Thema, wou een d'Bevëlkerung muss drop sensibiliséieren.

Dass dat u sech nach net esou laang hier ass, wat mir haut schonn als normalen Acquis betruechten. Wat awer net ëmmer esou einfach ass. Wa mer déi rezent Diskussioune gesinn, wéi vill Fraen elo an der Regierung/ an der Chamber vertruede sinn, respektiv direkt eragewielt goufen. Ech mengen, do ass definitiv e grousse Problem an der Politik. An ech géif mengen, dass et drëms geet, weider un der Genderpolitik ze schaffen, fir dass dat och normal gëtt.

Ech hu gelies, dass d'Gläichberechtegung tëschent Mann a Fra méi wéi 30 Joer brauch fir sech an der Gesellschaft ze implantéieren. Mir sinn nach wäit dovun ewech. Mir schaffen awer ganz vill mat deem Service drun, fir ganz fréi, sief et an de Crèchen, an de Maison-relaisen an an de Schoulen ze intervenéieren.

Fir eis Kanner an deenen Themeberäicher fit ze maachen, dass d'Gläichberechtegung tëschent Mann a Fra eng normal Saach gëtt. Souwuel op den Aarbechtsplazen, am Alldag, am Liewen, am soziale Liewen, am Familljeliewen an doriwwer eraus. Dat ass dee gréissten Domän, wou mer d'nächst Joer an deem Ressort wäerten dru schaffen.

En anere Ressort, dee mer ganz um Häerze läit, ass d'Jugend. Do hutt Der wahrscheinlech gesinn, dass eng Rei Depensë méi héich gi sinn. Dat ass virun allem doduercher, dass mer véier Jugendhaiser hunn um Territoire vun der Gemeng Déifferdeng. Véier Haiser, wou ganz vill Jonker hir Fräizäit verbréngen.

Zënter Juni ass déi nei Jugendfabrik um Fousbann op. Déi ganz flott leeft. E ganz anert Konzept vun engem Jugendhaus. Wou et virun allem drëms geet, dass Beweegung a Sport am Mëttelpunkt stinn. Wat wierklech e groussen Erfolleg ass. Et sinn nach e puer Saachen, déi funktional net esou klappe wéi se sollen. Mä dorunner schaffe mer.

Mir hu ganz vill investéiert an opsichend Jugendaarbecht. Mir mierken, dass et awer net duergeet. Mir mierken, dass ëmmer nach eng ganz Rei Jonker duerch de Sift falen. Sief et, dass se op eemol aus der Primärschoul an aner Lycéeë ginn an dann aner Gemenge frequentéieren, oder dass se iergendwann aus dem Lycée oder iergendenger Mesure erausfalen an op eemol doheem bleiwen. A weder an enger Aarbechtsmesure nach an enger Schoulmesure ageschriwwe sinn.

Dat mécht eis vill Suergen. Well dat ass awer Potential. Et si Liewen, déi do op der Kipp stinn. Mir wäerte weider dru schaffen, fir déi Jonker iergendwéi ze erreechen. Ech mengen, dass mer nach vill méi mussen an déi opsichend Jugendaarbecht investéieren. Virdrun ass rieds gaange vun der Sécherheet ronderëm den Zentrum an de Park. Och do mengen ech, gëtt et vill Mëssverständnesser, déi tëschent jonken a manner jonke Leit optrieden. An och do wäerte mer dru schaffen, fir u sech Prejugéen ofzebauen.

En effet, un habitant de Lasauvage ne peut pas être obligé de se rendre à Differdange pour lire le raider. Des modifications sont nécessaires.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *essaiera de présenter ses ressorts de manière brève. C'est ce qu'elle a dit aux autres échevins et elle tentera de tenir parole.*
Le ressort de l'égalité entre les hommes et les femmes est intéressant. Le droit de vote des femmes au Luxembourg fêtera son centenaire en 2019. Il faut sensibiliser la population, car cet acquis qui est considéré comme normal aujourd'hui est relativement récent. Et quand on voit le nombre de femmes faisant partie du gouvernement ou de la Chambre des députés, on se rend compte que la politique a un problème. Il reste du pain sur la planche.
Laura Pregno a lu qu'il faut trente ans pour que l'égalité homme-femme s'implante dans la société. Mais la commune intervient auprès des enfants à la crèche, dans les maisons relais et à l'école pour que l'égalité homme-femme devienne une normalité au travail, au quotidien, dans la société, au sein de la famille…
En ce qui concerne la jeunesse, certaines dépenses augmenteront en 2019. La commune de Differdange compte quatre maisons des jeunes. La «Jugendfabrik», qui met l'accent sur le sport, fonctionne bien. Il reste quelques améliorations à apporter.
La commune investit beaucoup dans le travail sur le terrain auprès des jeunes. Malheureusement, il est difficile d'atteindre tout le monde, car certains jeunes fréquentent un lycée dans une autre commune ou bien restent à la maison sans profiter d'une mesure professionnelle ou scolaire. Cela inquiète Laura Pregno, car il s'agit de potentiels et de vies. Tout à l'heure, il a été question de sécurité dans le centre-ville et dans le parc. L'échevine pense qu'il existe des malentendus entre les jeunes et les moins jeunes. Il faut lutter contre les préjugés. La commune a recours à un médiateur ayant travaillé comme «streetworker». Il faudra voir comment faire se rencontrer les différentes popu-

lations actives autour du parc, car les mesures répressives, les caméras de surveillance et la police à elles seules ne peuvent pas suffire. Il est nécessaire de trouver des solutions pour les jeunes. Car il y a des destins derrière ces personnes.
Le travail réalisé dans le domaine de la jeunesse est conséquent, mais Laura Pregno a souvent l'impression qu'il n'est pas coordonné. C'est dommage. Il faut donc élaborer un concept de collaboration entre les différents services pour tendre la main aux jeunes. Ce qui compte, c'est le résultat. Le concept devrait être prêt au printemps.
Le plan communal de la jeunesse est un thème qui revient régulièrement. Il est vrai que contrairement à d'autres communes, Differdange ne dispose pas d'un dossier. Mais même sans paperasses, les activités sur le terrain sont nombreuses. Il faut juste dresser un état des lieux.
La commission des jeunes a de bonnes idées pour développer des activités parallèlement à la Jugendkonschtwoch ou Endlech 18.
Des logements verront le jour sur le plateau du Funiculaire. Les jeunes font face à deux problèmes: le travail et le logement. Sans travail, pas de logement et sans logement, pas de travail. C'est un cercle vicieux.
Sur le plateau du Funiculaire, il sera possible d'habiter pour pas cher. Les jeunes y seront encadrés. Car parfois, un évènement déstabilisant survient dans leurs vies et ils n'arrivent pas à se relever. Tous n'ont pas la chance d'avoir des parents, de la famille ou des amis pour les aider.
Le bâtiment où se trouveront ces logements comprendra aussi une crèche inclusive. La crèche fonctionnera selon les mêmes critères que le foyer du jour Kornascht. Il est important de créer des structures de ce type, car les maisons relais ne suffisent pas.
L'échevin aux bâtisses a mentionné tout à l'heure les rénovations et les constructions destinées aux enfants en âge d'aller à l'école. Laura Pregno le remercie pour la collaboration.

Ech kann dat eleng selwer net. Dat ass net méiglech. Ech hu mer dofir extern Hëllef geholl vun engem Mediateur. Dee ganz bewandert ass an der Jugendaarbecht. Dee selwer als Streetworker geschafft huet.

Mir wäerte probéieren, e Konzept op d'Been ze stellen, wéi mer déi verschidden, soen ech emol, Gesellschaften, déi do ronderëm dee Park liewen an agéieren, iergendwéi kënnen zesummekréien. Well ech ganz sécher sinn, dass déi repressiv Methoden eleng net duerginn. Et geet net duer, just Kameraen opzestellen a vermehrt Police oder Agent municipauxe laanschtzeschécken. Et muss ee Léisunge fanne fir déi Jonk, déi do sëtzen. Well si sëtze jo wahrscheinlech net einfach just esou do. Do si Liewen, do si Schicksaler hannendrun. An et geet drëms, do ze intervenéieren.

Iwwert dat Joer, wou ech dee Ressort betreien, ass mer opgefall, dass ganz vill am Jugendberäich geschafft gëtt. Mä oft hunn ech d'Impressioun, dass déi lénks Hand net weess, wat déi riets mécht. An dat ass schued. Well dowéinst falen och erëm Jonker duerch de Sift.

Wann ee géif Hand an Hand schaffen, kéint ee Léisunge fannen, wéi een de Jonken am beschte géif weiderbréngen. Och do gëtt un engem Konzept geschafft. Fir déi Servicer, déi do sinn, méi zesummenzebréngen, méi no ze bréngen. Fir dass deene Jonken, soen ech emol, méi Hänn kënne gereecht ginn. Soudass herno iergendeng Hand en hëlt. Well et kënnt op d'Resultat un. A mer mussen iergendwéi kucken, do beschtméiglech weiderzekommen.

Ech denken, dass dat Konzept am Fréijoer wäert fäerdeg sinn. Dass et da wäert stoen. An dass een da ka mat Resultater kucken, wéi een do ka spéitstens no der Summervakanz weiderfueren.

Ee Konzept kënnt ëmmer erëm, hunn ech jo schonn all déi Joren héieren: de Jugendkommunalplang. Ech mengen, dass do ëmmer mat Begrëffer duerch d'Géigend geschoss gëtt. Ech hu mer der ganz vill vun anere Gemengen ugekuckt. Da fannen ech ëmmer Paperassen an Dossieren, wou ganz vill drasteet. Da soen ech mer, ok, esou en Dossier hu mer vläicht net, mä dat, wat bei deenen anere Gemengen drasteet, hu mir schonn um Terrain. Mir hu schonn esou vill, dass et eben, wéi gesot, drëms geet, déi Saachen, déi mer hunn, méi no zesummenzebréngen.

Ech war deslescht e puermol an der Jugendkommissioun. Déi hu ganz flott Iddien, déi mer wäerten ausbauen. Fir vläicht parallel zur Jugendkonschtwoch oder „Endlech 18“ nach aner Saachen unzebidde fir déi Jonk.

Den Här Buergermeeschter ass virdrun drop agaangen, dass um Plateau Funiculaire Logementer wäerten entstoen. Dat ass fir jonk Leit eng wichteg Saach. Mir kennen zwee Problemer: dat eent ass d'Wunnen, dat anert ass d'Aarbecht. Ouni Aarbecht kee Wunnen, ouni Wunne keng Aarbecht. Dat ass dann esou en Däiwelskrees.

Hei ass et méiglech, fir bëllegt Geld ze wunnen. Ënner richteg gudde Bedéngungen. Wou ech mengen, och Jonker e Recht drop hunn. Déi dann awer och betreit ginn. Well oft wësse mer, dass se eng Aarbecht kréien, oder e CAE, an da geschitt iergendeppes am Liewen, dat se esou destabiliséiert, wat dee Jonken einfach aus dem Rudder gehäit an dann eben iergendwéi Saache futti mécht, déi dann net méi ze reparéiere sinn.

An et gëtt vill jonk Leit, déi net déi Chance hunn, dass se iergendwéi nach Elteren, Famill oder Frënn ronderëm sech hunn, déi hinnen iwwer schwéier Zäiten ewechhëllefen.

An deem Gebai vun deene Logementer wäert ënnendran eng inklusiv Crèche entstoen, wou mir als Gemeng matschwätzen, wéi eng Kanner do opgeholl ginn. Et ass esou, déi Crèche wäert no den nämmlechte Kritäre funktionéiere wéi eise Foyer du Jour Kornascht zu Nidderkuer. Dat ass och sozial schaffen, dass mer eis opmaachen an och méi Strukture schafe fir Kanner vu klengem Alter. Well d'Maison-relaisen eleng ginn net duer.

Den Här Bauteschäffe war virdrun drop agaangen, dass ganz vill geschafft gëtt an alles wat Renovatioune respektiv nei Strukture sinn, fir Kanner am Grondschoulalter opzehuelen. Ech soen em Merci fir déi ganz flott Zesummenaarbecht, déi ech mat him a senger Equipe hunn. Hien designt, mä mir

kënnen definitiv matschwätzen, wéi mir deen Design brauchen. Well mir wëssen, wéi et um Terrain ausgesäit. A mir wëssen, wéi eng Strukturen a Raimlechkeete mir brauchen. Déi souwuel am beschten un d'Kanner ugepasst sinn, wéi och op d'Ufuerderunge vum Personal kënnen äntwerten, Fir dass d'Personal och eng gutt Aarbecht maache kann.

Enner gudder Aarbecht ass natierlech ze verstoen, dass eist Personal sech permanent weiderbilt. Mir schaffe mat Mënschen, mir schaffe mat Kanner. Do ass et immens wichteg, dass ee sech permanent den Erausfuerderunge vun deenen Neiegkeeten, deenen Aflëss, deem Input, deem mer all Dag ausgesat sinn, stellt. Dass mer dorop kënnen äntwerten.

Dat ass net ëmmer esou einfach. Mir hu grouss Equippen um Terrain. Tëschent ronn 15 a 25 Persoune pro Equipe. Déi vill matenee schaffen. Déi och enger Belaaschtung ausgesat sinn, well Kanner sinn ustrengend a maachen nun emol vill Kaméidi an hirer Fräizäit. An dat ass och gutt esou. Mä mir schaffen ëmmer erëm drun, dass mer kënne vun hei uewen, soen ech elo emol, Input ginn. Dass mer se ëmmer erëm a Formationcontinuë schécken, fir dass se wierklech eng flott Aarbecht um Terrain leeschte kënnen.

An dat maache se och definitiv. Mir hunn am leschte Joer gemierkt, dass mer Stabilitéit an eis Equippe kruten. Mir hu manner Wiessel. Mir hunn ëmmer erëm Leit, déi fort ginn. Jo, dat ass wouer. Mä ech denken, als Educateur, wann een eng Rei Joren an enger Maison relais geschafft huet, da wëll een emol „auf zu neuen Ufern“. Da wëll ee vläicht eng nei Erausfuerderung. An dat ass och richteg.

Déi Leit sinn ze encouragéieren, wa se dat wëlle maachen. Mä mir bréngen et awer fäerdeg, wann an eisen Equippen emol Konflikter entstinn, déi Konflikter geléist ze kréien. Dat ass u sech flott. Well aus Konflikter entstinn oft nei Iddien, nei Synergien an nei Energien. An déi kënne mir erëm opgräifen, fir eis Kanner beschtméiglech ze encadréieren.

Mir mussen ëmmer drun denken: Maison relais ass Fräizäit. Et ass net formell Bildung. D'Kanner solle wiele kënnen, wat se an där Zäit maachen. Sou wéi mir fréier gewielt hunn, ob mer op d'Spillplaz, an de Bësch oder an d'Sandkëscht spille gaange sinn. Hei ass et natierlech méi begrenzt. Si sinn an enger Struktur, an enger Infrastruktur. Mir kënnen do awer vill Verschiddenes, duerch déi Funktiounsraimlechkeete bidden. Fir dass d'Kand de Moment selwer wiele kann tëschent deene sechs Bildungsberäicher, déi och vum Ministère virgesi sinn.

Mir hunn e lescht Haus wat nach net komplett nom Weltatelier, wéi mir dat nennen, funktionéiert. Dat ass Niddercuer. Si hunn awer am September mat der Formatioun ugefaangen. Am Laf vum Joer wäerte si sech do komplett ëmstellen. Soudass se net méi no deem Konzept schaffen, wou all Educateur säi Grupp huet, an dee ganze Grupp bastelt oder pickt dann elo. Nee, dat funktionéiert dann net méi esou. D'Kand wielt: Ech wëll elo léiwer mat Bauklätz bauen oder ech wëll an de Gaart spille goen oder ech wëll, ech weess net, e Rollespill maachen. A ka sech dann esou seng fräi Zäit selwer zesummebastelen.

An deem Sënn gëtt d'Renovatioun vun der Maison relais Uewerkuer designt, soen ech emol. An och déi nei Strukturen. Souwuel de Mattendall wéi och herno d'Quartiersschoul, déi ganz no vun hei ass, um Nelson Mandela. Wou mer am Gaang sinn ze kucken, wéi mer Schoul a Maison relais beschtméiglech zesummekréien.

Och do kënnt eng nei Kichen hin, déi dann d'Kichen am Zentrum ofléist. A wou d'Kanner och kënnen, wéi mer dat elo schonn zu Uewerkuer an der Maison relais hunn, direkt gesinn, vu wou hiert Iesse kënnt, wat mam Iesse geschitt. Dass et do ee gëtt, deen dat kacht. Dass dat frësch gekacht gëtt.

An da weider kënne mer dann och nach denken, dass vläicht, wéi gesot, um Lommelshaff eppes entsteet, wou d'Kanner gesinn, wou déi Ingredienten hierkommen, mat deenen hiert Iesse gemaach gëtt. Well mer mierken, dass do e bëssen de Lien verluer geet tëschent deem, wat um Teller ass, a wou et hierkënnt.

Car le département de l'enfance sait de quelles structures et quels locaux Differdange a besoin pour répondre aux besoins des enfants et du personnel.
Le personnel suit des formations continues. Ces personnes travaillent avec des enfants. Il est donc important de pouvoir répondre aux nouveaux défis auxquels ils sont confrontés quotidiennement. Les équipes se composent de 15 à 25 personnes. Gérer des enfants n'est pas évident. La commune veille à ce que le personnel éducatif se forme en permanence.
Depuis l'année dernière, les équipes sont plus stables. Bien sûr, certains éducateurs quittent Differdange, mais au bout de plusieurs années, il est normal de se lancer de nouveaux défis. Il faut encourager ces personnes. Mais quand des conflits au sein des équipes surviennent, il est généralement possible de les régler. Les conflits génèrent souvent de nouvelles synergies permettant d'encadrer les enfants de façon optimale.
Le temps passé dans les maisons relais fait partie du temps libre. Les enfants doivent pouvoir faire ce qu'ils veulent. Bien entendu, leur liberté est limitée puisqu'ils se trouvent dans une structure. Mais ils peuvent choisir parmi les six thèmes prévus par le ministère.
La maison relais de Niederkorn est la dernière à ne pas fonctionner selon le modèle du Weltatelier. La transition aura lieu dans le courant de l'année. Ces enfants pourront alors aussi choisir librement leurs activités.
Laura Pregno rappelle que la maison relais d'Oberkorn sera rénovée et que des structures seront construites au Mathendahl et sur la place Nelson-Mandela. Il s'agit de combiner de façon optimale l'école et la maison relais. Les enfants pourront aussi voir comment leurs repas seront préparés sur place. Au Lommelshaff, ils auront même la possibilité de voir d'où proviennent leurs aliments. Cela permettra de rétablir le lien entre l'assiette et la provenance de ce qui s'y trouve.

Les cuisines des maisons relais préparent beaucoup de bons repas. La commune peut être fière de la qualité proposée. De nombreux produits sont biologiques, locaux et issus du commerce équitable.
La crèche, la maternelle et la maison relais en forêt connaissent un énorme succès. Quarante enfants les fréquentent. Les différents acteurs trouvent qu'il ne faut plus agrandir le site. Mais le budget prévoit des fonds pour réaliser des études concernant la création d'une nouvelle crèche nature. Ce n'est pas tellement la forêt qui compte, mais le fait d'être à l'extérieur dans la nature.
De nombreux établissements scolaires seront assainis. Les calendriers sont souvent serrés. Laura Pregno s'est fait expliquer que tout fonctionnera en septembre. Une bonne organisation est nécessaire, car il ne suffit pas de construire des locaux. Il faut pouvoir les utiliser de manière pertinente.
Le collège échevinal soutient la création de jardins scolaires comme celui de Differdange-centre. Pour la première fois, le budget 2019 prévoit des fonds pour soutenir les écoles dans ce type de projets. Les enseignants doivent investir du temps libre. Mais Laura Pregno espère que ces projets se concrétiseront partout.
De plus en plus de classes préparent leurs propres repas. Ici aussi, le budget prévoit un soutien financier.
Des fonds sont également prévus comme tous les ans pour les livres, le matériel, le prix de fin d'année, etc.
Une semaine de la création aura lieu en mai. Quatre enseignants ont proposé d'organiser quarante ateliers pour les enfants du fondamental. Laura Pregno pense qu'un jour, une école créative verra peut-être le jour sur le modèle de l'École Nature et l'École technique.
Le projet Pedibus a été élaboré par le prédécesseur de Laura Pregno, mais il était trop complexe à réaliser. Il figure cependant dans le PDS d'une école.

Mir kënne stolz sinn op eis Kichen, déi sou vill a gutt kacht. Mir hunn eng ganz gutt Qualitéit. Mir hu virun allem ganz vill Bioproduiten, souwäit et geet. Mir hu ganz vill lokal Produiten. An natierlech och Fairtrade, souwäit et geet.

Et ass kee Geheimnis, wann ech soen, dass eis Bëschcrèche an eis Bëschspillschoul zesumme mat Bësch-Maison-relais e grousse Succès ass, zu Nidderkuer. Mir hunn den Ausbau gestoppt. Mir funktionéiere mëttlerweil mat e bësse méi wéi 40 Kanner do uewen. All Acteur, deen do uewen intervenéiert, huet sech ausgeschwat, dass dee Site net soll méi wuessen.

Wuesstum ass jo och net ëmmer gesond. Dat wësse mer jo och. Mir wëssen awer, oder mir gesinn, a mir liewen dat a mir spieren, wéi flott dat Konzept ass. Wéi gutt et de Kanner an dem Personal do uewen an der Natur geet a wat se alles dovunner droen. Am Budget hu mer virgesinn, fir Etüden ze maachen, wou um Terrain vun der Gemeng eng weider Bëschcrèche, oder ech nennen dat emol einfach Naturcrèche, kann entstoen. Well et ass jo net forcement un de Bësch gebonnen. Mä et geet drëms, sou vill wéi méiglech dobaussen an der Natur ze sinn. An déi Proximitéit zum Bësch, déi ass net iwwerall ginn.

Wat d'Schoulen ugeet, ginn eng ganz Rei Gebaier renovéiert, sanéiert. Mir maachen dat heiansdo mat sportlechem Timing. Wou ech hoffen, dass mer net ze vill wäerten an d'Dronkenelle kommen am September. Ech krut awer verséchert, dass am September alles géif stoen a funktionéieren. Dass eis Kanner kënnen an d'Schoul goen. Do geet et drëm ze organiséieren, ze strukturéieren, wéi mer dat maachen. Well dat eent ass d'Raimlechkeete renovéieren a bauen oder renovéieren, an dat anert heescht, se och erëm sënnvoll ze notzen.

Wéi et am Koalitiounsaccord steet, encouragéiere mer d'Schoulgäert. Mir hunn een, dee ganz gutt funktionéiert zu Déifferdeng am Zentrum. Déi wierklech super Projeten do maachen, ganz vill Zäit dran investéieren. Wou elo fir d'éischt wierklech e Budgetsartikel do ass, fir dass mer si finanziell ënnerstëtze kënnen.

Mir encouragéieren all aner Schoul, fir dat ze maachen. Mir wëssen, et ass vill Aarbecht. Et ass vill Fräizäit gefrot vun den Enseignanten. Lénks a riets hu sech e puer Interessente gewisen. An ech hoffen, dass dat sech och e bësse konkretiséiert.

An deem Kader, vu Geméis oder Uebst ziichten, mierke mer, dass ëmmer méi Klasse gären zesumme kachen. Dëst Joer hu mer Sue fräigeschalt, fir dat ze erméiglechen. Dass een do ka flott Aktivitéiten op den Dësch carrement bréngen. Wou zesumme gekacht gëtt an dann och herno zesummen an der Klass giess gëtt.

Am Budget fannt Der all déi Saachen, wéi och déi aner Joren: Poste fir Bicher, fir Material, de Prix de fin d'année, dee jo d'lescht Joer schonn e gudde Krack an d'Luucht gesat gouf.

Dann, e ganz flotte Projet ass d'Kreativschoul oder Kreativwoch. Et sinn eng véier Enseignanten u mech erugetrueden, déi Loscht haten eppes am kreative Beräich ze organiséieren. Do ass eng Woch am Mee, wou wäerten eng 40 Atelieren organiséiert gi fir eis Grondschoulkanner, am Beräich vun der Kreativitéit. Dat Ganzt wäert zu Lasauvage stattfannen.

D'Klasse kënne sech aschreiwe fir deen een oder deen aneren Atelier. A wie weess, vläicht gëtt aus där Kreativwoch iergendwann eng Kreativschoul, wéi mer dat vun der Naturschoul an der Technikschoul kennen. Dat hänkt awer dovunner of, wéi déi Enseignante sech dat weider denken. Op jidde Fall si mer Preneur fir all esou Projeten, déi vun der Base kommen. Well wa se vun de Leit selwer gedroe ginn, dat sinn déi, déi ëmmer am beschte geléngen.

En anere Projet, deen och aus enger Schoul kënnt, ass de Pedibus. Deen ass viru Jore vu mengem Virgänger schonn eng Kéier en long et en large ausgeschafft ginn. Duerno konnt en net realiséiert ginn, well et wierklech immens komplizéiert ass.

Ech hunn eng Schoul, déi dat an hirem PDS, an hirem Plan de Développement Scolaire stoen huet. Ech wäert si doranner ënnerstëtzen, fir ze kucken ob do iergendeppes méiglech ass. Dofir ass eng relativ grouss Zomm am Budget

vertrueden. Hoffe mer, kucke mer, ob dat eppes gëtt. Et funktionéiert an anere Gemengen – oft awer méi ländleche Gemengen a manner Stadgemengen, wéi dat hei ass.

Dat war den Tour vu menge Ressorten. Vläicht, als lescht Wuert: No engem Joer Schäffin hei op der Gemeng kann ech soen, dass et definitiv eng spannend an interessant Aarbecht ass. Wou een ugewisen ass op eng gutt Zesummenaarbecht, souwuel am Schäfferot, ech mengen awer och am Gemengerot. Wou ëmmer erëm Iddie kommen. Wat ech immens flott fannen, wa se kommen an ech se kann opgräifen, fir dorausser eppes ze maachen.

Ech hunn eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat menge Servicer hei an der Gemeng. Awer och mat de Presidenten aus de Schoulen – oder Presidentinnen, muss ech bal soen, et si bal just Dammen. Souwéi mat der Regionaldirektioun vun der Schoul an natierlech och mam Personal aus de Maison-relaisen an hire Responsabelen. Wou mer wierklech ganz gutt zesummegeschafft hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Mangen, w.e.gl, Dir d'Wuert.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hoffen, Dir hutt nach e bësse Gedold. Et wäert ganz kuerz sinn. Fir d'éischt am Beräich vun de Senioren: Säit Mëtt dëses Joers hu mer eng Assistante sociale, déi als hallef Tâche schafft an ons Senioren an der Gemeng betreit.

Dat si Leit am Alter vu 60+. Ech gi kuerz op d'Zifferen an: Vu 60 bis 75 hu mer 2.700 Awunner an onser Gemeng. A vu 75+ 1.500. Do verstitt Der, datt eng hallef Tâche sécherlech net duergeet, fir déi Leit hei ze betreien. Dofir hu mer entscheet, eng Persoun voll Tâche anzestellen, fir déi Assistante sociale ze ënnerstëtzen.

Datt mer ons Déngschtleeschtunge bei deenen eelere Leit ausbaue kënnen. Zum Beispill, d'Leit an hire Wunnenge besiche goen, hinne bei administrativen Ufroen hëllefen, Analyse maachen, spezifesch Besoinen, déi verschidden Alterskategorie brauchen.

D'Opstocke vum Personal erlaabt ons, verschidden Aktivitéiten unzebidden. Wéi zum Beispill erëm eng Foire fir den drëtten Alter. Awer ënner enger anerer Form. Haaptsächlech, well mer dat ëmmer nëmme mat engem spezifeschen Thema maachen. Wéi zum Beispill Sport am Alter oder Tourismus oder Gesondheet. Dee Posten ass dëst Joer mat 30.000 Euro dotéiert.

De Club Senior gëtt weiderhi vun onser Gemeng an den Nopeschgemengen ënnerstëtzt, mat engem liichte Plus vu 55.000 Euro.

De Budget fir d'Aktiv Seniore war déi lescht Jore laang op 25.000 Euro plafonnéiert. Mir hu se e bëssen erhéicht, ëm 5.000 Euro. Wat ons erlaabt, aner Aktivitéiten duerchzeféieren, wéi Ausflich an der Natur, Bildungsreesen, de Speed-Dating, de Senior Art, dee mer versichen dëst Joer an Zesummenaarbecht mam Jugendhaus ze organiséieren.

Wéi schonns ugedeit virdrun, hu mer 30.000 Euro virgesi fir e Parc de détente fir Senioren zu Uewerkuer.

Ech hätt gären e puer Ureegunge vun Iech a vun äre Parteien iwwer verschidde Budgeten. Mir hu fir d'Rentnerfeier Kaddoe virgesinn, normalerweis ëm déi 10 Euro op de Kapp. Ech fannen dat relativ bëlleg a wär frou ze wëssen, wéi déi verschidde Parteien dat gesinn. Oder d'Ënnerstëtzung vum Journée du Grand Âge, wou aktuell 14 Euro op de Kapp virgesi sinn. Wéi een dat eventuell kéint upassen an a wat fir engem Sënn.

Leider hunn ech eng schlecht Noriicht. Mir mussen d'Tariffer vu Repas sur roues un d'Deierecht adaptéieren. Deen Tarif geet ëm een Euro an d'Luucht, vun 13,30 Euro op 14,32 Euro.

Am Soziale gesitt Der am Budget eng Erhéijung bei de Personalkäschte vun der AIS Kordall. Dat ass bedéngt duerch d'Astellung vun enger Assistante sociale, déi d'Familljen an dësem Beräich ënnerstëtze soll. Wat sécherlech sënnvoll ass.

Laura Pregno fera de son mieux pour la soutenir. Ce projet existe déjà dans d'autres communes plus rurales.
Laura Pregno est échevine depuis un an. Elle doit dire que ce travail est passionnant. Sa réussite dépend de la collaboration avec les autres échevins, mais aussi avec le conseil communal. Elle se réjouit des idées qu'apportent les conseillers communaux et qu'elle essaie ensuite de mettre en pratique.
La collaboration avec les services communaux, les présidents des écoles, la direction régionale et le personnel des maisons relais se passe bien aussi.

ROBERT MANGEN (CSV) *va se montrer très bref.*
Depuis mi-2018, une assistante sociale à mi-temps encadre les séniors de la commune de plus de soixante ans. Deux-mille-sept-cents habitants ont entre soixante et soixante-quinze ans et mille-cinq-cents habitants ont plus de soixante-quinze ans. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de soutenir l'assistante sociale par une tâche à plein temps. Parmi les missions du service figurent des visites à domicile, une aide administrative des analyses… Il sera aussi possible d'organiser à nouveau la foire du troisième âge. Chaque foire portera sur un thème comme le sport, le tourisme ou la santé.
Le Club Senior sera soutenu avec 55 000 €.
Le budget pour «Aktiv Senioren» augmente de 5000 € pour passer à 30 000 € afin de réaliser des excursions, des voyages, du «speed-dating», des activités avec la maison des jeunes…
Trente-mille euros sont destinés au parc de détente à Oberkorn.
Le budget prévoit 10 € par habitant pour le cadeau de la fête des retraités et 14 € par habitant pour la fête du grand âge. Robert Mangen trouve que c'est peu. Il voudrait avoir l'avis du conseil communal et espère que ces sommes pourront être adaptées.
Le tarif des repas sur roues passera malheureusement de 13,0 € à 14,32 €.

Les frais de personnel de l'AIS Kordall augmentent. En effet, une assistante sociale a été recrutée.
L'allocation de solidarité sera augmentée de 50 000 €. Le collège échevinal présentera les détails début 2019.
Le CIGL sera soutenu avec 300 000 €. À cette somme s'ajoutent 200 000 € pour la remise en état de la maison Lommel et notamment l'installation d'un chauffage.
M. Liesch a mentionné le projet des serres à légumes. Ce projet a une moustache aussi longue que celle de M. Ruckert.
(Rires)
Robert Mangen espère que les 250 000 € prévus pourront enfin être investis.
Il passe à la résidence pour jeunes sur le Funiculaire comprenant 37 appartements à des tarifs raisonnables. Le projet coute 11 millions d'euros et il est subventionné par l'État à hauteur de 75 %. L'encadrement et la gestion seront effectués par la Croix-Rouge.
0,25 % des recettes ordinaires, soit 300 000 € sont destinés à des projets dans les pays du tiers-monde. Ces projets seront réalisés par des ONG actives dans ces pays. Ils sont aussi subventionnés par l'État. Robert Mangen mentionne des projets en Afrique concernant les femmes et les enfants.
L'échevin passe à la question de la sécurité. Une réunion publique animée, mais productive a eu lieu récemment. Robert Mangen en profite pour remercier la police de Differdange. Le collège échevinal soutiendra sa demande auprès du gouvernement pour davantage de personnel. La présence d'agents sur le terrain est un pilier de la sécurité publique. Actuellement, le manque de personnel est un véritable problème.
Le budget prévoit 430 000 € pour des caméras de surveillance dans la rue Michel-Rodange, dans le parc Gerlache, sur le parking du contournement et dans le cimetière d'Oberkorn. Trente-mille euros sont destinés à l'éclairage des parcs. Cinquante-mille euros sont alloués au gardiennage. Robert Mangen parle de deux personnes employées par une société privée. Il s'agira

Fir 2019 plange mer eng Upassung vun der Allocation de solidarité. Do ass eng Erhéijung vu 50.000 Euro am Budget virgesinn. Dee genauen Detail, wéi d'Upassung gemaach gëtt, wäerte mer Iech am Ufank vum Joer am Gemengerot virstellen, nodeem mer d'Avise vun der Sozial- an der Finanzkommissioun ageholl hunn.

Selbstverständlech gëtt de CIGL weiderhi mat 300.000 Euro vun onser Gemeng ënnerstëtzt als Aide au réemploi. Dëst Joer mat zwee spezifesche Projeten, déi nach zousätzlech dotéiert ginn. Als éischt ëm 200.000 Euro, fir d'Haus Lommel erëm a Stand ze setzen, virun allem eng Heizung dran ze setzen. Datt d'Fiichtegkeet aus dem Haus erausgeet an d'Raimlechkeeten eventuell och deelweis kënne benotzt ginn.

Den Här Liesch huet de Projet vun de Geméiszäre schonn ugesprach. Dëse Projet huet scho bal esou e laange Schnurrbaart wéi dee vum Här Ruckert.

(Gelaachs)

Ech hoffen, datt déi 250.000 Euro, déi virgesi sinn, endlech kënnen agesat ginn. Ech leeën d'Hoffnung op déi nei Ministeren.

Doniewent hunn ech awer och eppes Erfreeleches ze beriichten – dat ass schonn ugesprach ginn –, d'Jugendhaus um Funiculaire. E ganz flotte Projet, wou 37 Wunnunitéite fir Jugendlecher bereetgestallt ginn. Dat zu engem relativ gënschtegen Tarif. Mir kréien dee Projet, deen ëm déi 11 Milliounen Euro kascht, zu 75% vum Staat subsidéiert. Soudatt mer dat de Kanner, oder de Jugendlechen, kënne weiderginn.

Déi Jugendlech gi betreit. Dat gëtt vum Roude Kräiz iwwerholl, déi Erfarung an dësem Beräich hunn. Mir hunn en Ofkommes mat hinnen ofgeschloss, dee mir Ufank d'nächst Joer am Gemengerot wëlle virstellen.

Eng Neiegkeet am Budget fir dëst Joer: Dir gesitt, mir hu relativ uerdentlech Recetten an onsem Budget. Den Här Buergermeeschter huet dat schonn ugesprach, mat 0,25% vun deene Suen, déi mer do hunn – dat ginn ongeféier 300.000 Euro –, wëlle mer Projeten an Drëttweltlänner ënnerstëtzen.

Déi Suen, déi mir do zur Verfügung stellen, gi wahrscheinlech vun ONGen, déi Projeten do lancéieren, duerchgezunn. Déi Projete gi vum Staat nach zousätzlech subsidéiert. Also et bleift net nëmme bei där Zomm, déi mir ginn, mä déi gëtt vum Staat nach duerch d'ONGen erhéicht. Wou ee vill Projete lancéiere kann. Haaptsächlech an Afrika. Virun allem bei Fraen an och bei Kanner, déi do nach e bësse benodeelegt sinn.

Den drëtte Beräich, dee scho vill diskutéiert ginn ass, ass de Problem vun der Sécherheet an onser Gemeng. Virun e puer Wochen hate mer eng ganz interessant Versammlung mat onse Bierger. Et war deelweis eng animéiert Diskussioun. Mä et gouf awer och ganz konstruktiv Virschléi.

Virop wëll ech der Polizei vun Déifferdeng ee grousse Merci soe fir hir Diskussiouns- an Hëllefsbereetschaft. Mir wäerte si ënnerstëtzen, wann déi nei Regierung steet, fir méi Personal op Déifferdeng ze kréien. Et ass sécherlech fir d'ëffentlech Sécherheet e wichtege Pilier, wann d'Präsenz vun de Beamten um Terrain gewärleescht ass. Mat deem wéinege Personal, wat se elo hunn, mengen ech, kënnt ee si ënnerstëtzen, fir méi Leit zur Verfügung gestallt ze kréien.

An onsem Budget ass fir 430.000 Euro virgesinn, Kameraen opzestellen op verschiddene Sitten. An der rue Michel Rodange, am Park Gerlache, um Parking Contournement an um Kierfecht zu Uewerkuer. Des Weidere gëtt fir 30.000 Euro d'Beliichtung, virun allem am Park Gerlache an anere Parken, nogebessert, datt do eng besser Siicht ass.

Eng weider Moossnam, déi mat 50.000 Euro am Budget chiffréiert ass, dat ass e Gardiennage, deen duerchgefouert gëtt. Wahrscheinlech zwee Leit, déi vu private Firmaen ugestallt ginn. Haaptsächlech emol um Parking Contournement, wat schonn ugesprach ginn ass, mam Lift. Datt do eng Persoun ass, déi d'Leit och ka begleede vum Parc Gerlache oder vum Zentrum vun der Stad aus op de Parking. Datt vun där Säit aus keng Problemer sinn.

An eng Persoun, wa méiglech mat Hond, déi duerch déi verschidde Parke geet, fir do fir d'Sécherheet ze suergen,

ënner anerem am Park Dune, Park de la Chiers, datt vun där Säit aus keng Problemer sinn.

D'Madamm Pregno huet et schonn ugeschwat, den eventuelle Projet vu Streetworker gëtt mat 12.000 Euro ënnerstëtzt, fir déi Situatioun e bëssen ze beliichten. Wann dat sënnvoll ass, wäerte mer zousätzlech Moossnamen aféieren.

Et muss een e bësse Gedold hunn, mir wëssen elo net, wéi déi verschidde Mesuren do gräifen. Dat gëtt natierlech analyséiert. Wann et néideg ass, méi Kameraen opzestellen, da musse mer kucken, datt mer dat virgesinn. Mä ech mengen, et ass emol en Ufank, dee mer maachen. An et muss een emol fir d'éischt kucken, wat dat vu Resultat bréngt.

Da wëll ech kuerz zum Tourismus e puer Wuert soen. De Minettpark Fond-de-Gras gëtt weiderhin ënnerstëtzt mat engem Zouschoss vun 3,5 Euro pro Awunner. Dat mécht ongeféier 94.000 Euro dëst Joer aus.

De Site brauch ech net virzestellen. Mir gesinn elo vir, mir sinn ons eens, fir e Besucherzentrum op dësem Site opzerichten. D'Plaz, déi virgesinn ass, ass vis-à-vis vun der aktueller Gare, wou d'Mauer ass. Datt mer do e Gebai hisetzen. Et war net einfach, fir déi Plaz duerzestellen, well et si vill Acteuren, déi a Fro kommen. Fir d'éischt emol déi zwou Gemengen. De Sites et Monuments, well et ass als Naturzon klasséiert, datt een do muss froen, fir Saachen ze bauen.

Dee Besucherzentrum soll e bëssen d'Entwécklung vun deem Site erklären. Dee soll ufänke bei de Kelten, déi jo net wäit vun deem Site ewech waren, den Dagebau erklären, d'Dampmaschinnen an d'Eiseproduktioun. Mer profitéieren, fir an de Raimlechkeete Sanitäranlagen ze installéieren, déi dréngend néideg sinn um Site.

2019 wäert d'Demande vu Pro-Sud finaliséiert gi fir ons Kandidatur als Südgemengen am Programm „Man and Biosphere“ vun der UNESCO. Fir dëse Projet si 50.000 Euro virgesinn. Een Haaptphare vun dësem Projet ass en Hardrock-Trail, dee virgesinn ass. Hei sollen déi verschidde Wanderweeër a Vëlosweeër vun deenen diversen Naturreservaten am Süde verbonne ginn.

Mat der Kreatioun vu Gîtes d'hébergements op verschiddene Plazen. Déi kënnen definitiv oder temporär sinn. Et sollen deelweis einfach Wunngeleeënheete ginn. Dat an Zesummenaarbecht mat der Gastronomie, de Betriber a Geschäfter vun deene jeeweilege Stied. Dës Weeër solle kombinéiert gi mat Konscht, sou eng Aart Land-Art, mat Musek, wéi och eng Valorisatioun vun den archeologeschen an den architektonesche Plazen, déi op deene Weeër sinn.

All dës Erneierunge solle geplangt gi mat Virsiicht op déi geplangten Aktivitéite fir 2020. Déi verschidde Sitte kënnen eventuell weiderhi gebraucht ginn. Anerer, déi a Gréngzonen opgebaut ginn, wäerten duerno erëm mussen ofgebaut ginn.

Nach e ganz e bësse Gedold. Kuerz e Wuert iwwert de Culte. No der Trennung tëscht Kierch a Staat, déi elo Mëtt dëses Joers vollzu gouf, wäerten all déi Fraisen, déi ufalen – Heizkäschten, Elektresch vun de Kierchen – elo vun der Par St. François d'Assise iwwerholl ginn. Déi Rechnungen, déi mir als Gemeng kréien, ginn hinnen da weidergeleet.

D'Kierch vu Lasauvage, dat ass schonn ugesprach ginn, wäert renovéiert ginn zu engem Käschtepunkt vun ongeféier zwou Milliounen Euro. Mat enger Ënnerstëtzung vu Sites et Monuments vu 450.000 Euro, wou mer nach versichen e bësse méi do erauszekréien.

Zum Schluss wollt ech nach e Punkt uspriechen, dee beweist, datt wann e Staat oder eng Institutioun ze vill reguléiert oder Gesetzer mécht, déi net vernënfteg duerchduecht sinn, dat sech och negativ op d'Bevëlkerung auswierke kann.

De Service BabyPlus war e Service, deen an onser Gemeng mat 50 bis 60% – dat muss ee sech virstellen – Erfolleg hat. Wou d'Elteren dee Projet do ugeholl hunn. Wou eng Persoun heemkomm ass an de Leit gehollef huet. Ech mengen, dat ass en uerdentlecht Resultat. Dee Service gouf bis elo vun onser Gemeng benoriichtegt, wat fir eng Kanner gebuer gi sinn. Dat kënne mer elo,

d'assurer la sécurité sur le parking du contournement, mais aussi d'accompagner les gens du parc Gerlache vers le parking. Une deuxième personne munie d'un chien circulera dans le parc Edmond-Dune et dans le parc de la Chiers.

Le projet de «streetworking» sera soutenu à hauteur de 12 000 €.

Robert Mangen est conscient qu'il faudra du temps avant que ces mesures fonctionnent. Si nécessaire, la commune installera plus de caméras.

En ce qui concerne le tourisme, la commune continue de soutenir le Minettpark Fond-de-Gras avec 3,5 € par habitant, soit quelque 94 000 €. Un centre pour visiteurs va être aménagé en face de la gare. Le projet est complexe en raison des nombreux acteurs: les deux communes, mais aussi les Sites et Monuments. Le centre retracera l'évolution du site, des Celtes à la production de fer. Des installations sanitaires seront aménagées.

La demande de candidature des communes du sud au programme «Man and Biosphere» de l'UNESCO sera finalisée en 2019. Cinquante-mille euros sont prévus. Un «Hardrock-Trail» reliant les sentiers de promenade et de cyclisme des réserves naturelles du sud et comprenant des gites d'hébergement. Une collaboration avec la gastronomie, les commerces et les entreprises est prévue. Les sites archéologiques et architecturaux seront mis en valeur. Ces projets sont à voir dans le contexte de 2020. Les activités prévues dans les zones naturelles devront être supprimées ensuite.

À la suite de la séparation entre l'Église et l'État, les frais de fonctionnement des églises sont financés par la paroisse Saint-François-d'Assise.

L'église de Lasauvage sera rénovée pour deux-millions d'euros. Les Sites et Monuments soutiendront le projet à hauteur de 450 000 €.

Robert Mangen passe à un point démontrant les conséquences négatives d'une surrégulation de la part d'un État ou d'une institution. Le projet Baby Plus encadrait jusqu'à présent 50 % à 60 % des parents ayant eu un bébé. Malheureuse-

ment, la commune ne pourra plus communiquer les naissances au service à cause de la protection des données. Dorénavant, le bourgmestre, qui écrit toujours une lettre aux parents ayant eu un bébé, les informera de l'existence de Baby Plus.
Robert Mangen conclut en souhaitant beaucoup de succès et d'humanité au nouveau gouvernement duquel son parti politique ne fait pas partie.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate qu'il a oublié de dire qu'un million d'euros sera placé dans le fonds de réserve au cas où l'économie ralentirait dans les années à venir. La réserve se montera donc à deux-millions d'euros en tout.*
Roberto Traversini remercie Carole, Romaine, Jojo et Henri de s'être occupés du budget. Celui-ci est durable, orienté vers l'avenir, juste et social. Le bourgmestre se réjouit des débats du 14 décembre. Il passe au budget de l'office social. Il cède la parole à M. Mangen, qui en a été longtemps le président. Il souhaite un bon rétablissement à M. Goffinet, l'actuel président.

ROBERT MANGEN (CSV) *a discuté du budget avec M. Goffinet, mais il n'est pas préparé à 100 %. Deux conseillers communaux font partie de l'office social. Ils pourront compléter les informations qu'il fournira.*
Les dépenses se montent à 3,8 millions d'euros. Elles se composent de frais de personnel de 1,8 million d'euros et d'aide aux nécessiteux de 2 millions d'euros. Les avances s'élèvent à 65 000 €, la gestion à 920 000 € et le secours à 560 000 €.
Comme les années précédentes, certains postes sont relativement élevés — notamment les honoraires de médecins, les factures de pharmacies, les loyers et l'alimentation. Deux postes et demi ont été créés pour gérer le Revis sous la direction de l'office social. Ces personnes seront installées non pas dans le centre médicosocial, mais dans l'ancien bâtiment de BIL.

no dem Dateschutz, leider net méi als Informatioun weiderleeden.

Mir hunn awer elo eng Léisung fonnt. Den Här Buergermeeschter schreift ëmmer e Bréif, wann e Kand gebuer gëtt. Datt en d'Leit hei ureegt, datt si sech da kënne melle bei BabyPlus. Datt mer dat e bëssen ënnerginn, well mer dat als Gemeng leider net méi kënnen duerchféieren.

Zum Schluss, och wa meng Partei elo net an der Regierung ass, wënschen ech der neier Regierung vill Erfolleg a Mënschlechkeet fir all Bierger a Biergerinnen an onsem Land bei der Ausféierung vun hirem Amt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Mangen. Mer si bal um Schluss ukomm. Ech hat virdrun eppes vergiess, ech wëll dat awer nohuelen. Dëst Joer wäerte mer eng Millioun Euro an de Fonds de Réserve setzen. Wann et engem gutt geet, soll een deenen hëllefen, deenen et net esou gutt geet. A mir sollen och kucken, eng Mouk op der Säit ze hunn, wann et an den nächste Joren eiser Wirtschaft eventuell net esou gutt géif goen. Dat heescht, eis Mouk wäert dann op zwou Milliounen eropgesat ginn.

Dem Carole, dem Romaine, dem Georges an dem Heng, déi sech intensiv mat dësem Budget ausenanergesat hunn. An och deenen, déi d'Chifferen aus eise Servicer gesammelt hunn, e grousse Merci.

Dir hutt gesinn, mat deenen Erklärungen, datt deen hei Budget nohalteg ass, zukunftsorientéiert ass. En ass gerecht, sozial, wäitsiichteg. A mir investéiere wierklech an d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger a Matbiergerinnen. An ech freeë mech elo schonn op eis Debatt vum 14. Dezember.

An da géife mer weider zum Ordre du jour vun der haiteger Sitzung kommen. Dat wier den Office social, deen huet och säi Budget. De Rectifié 2018 an 2019. De President hätt e sollte virstellen. Mir sprangen dann elo an, dat heescht den Här Mangen, dee laang President vum Office social war. An ech versichen dann, déi puer Saachen nach ze ergänzen, wann en eppes sollt vergiess hunn. Vun dëser Plaz aus wënschen ech dem Här Goffinet eng gutt Besserung. Här Mangen, w.e.gl.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hat d'Geleeënheet, mech mam Här Goffinet iwwert de Budget auszetauschen. Ech hu mech elo net honnertprozenteg drop virbereet. Ech wëll kuerz e puer Eckdate ginn. Mir hu jo och zwee Leit hei am Gemengerot, déi am Office social sinn, déi kënnen ons zousätzlech Informatioune ginn.

De Budget gesäit eng Ausgab vir vun 3,8 Milliounen Euro. Dat deelt sech deelweis op d'Personalkäschte vun 1,8 Milliounen Euro op an op zwou Milliounen Euro fir d'Hëllef fir déi bedürfteg Leit. D'Depensë ginn opgedeelt, grob, an Avancen: 605.000 Euro. Dat sinn déi Suen, déi mir virstrecken, déi d'Leit normalerweis mussen erëm zréckbezuelen.

Gestioune vun de Leit fir 920.000 Euro. Dat si Suen, déi den Office social kritt. Leit, déi net richteg mat de Suen eens ginn. Wou den Office social d'Sue verwalt an d'Rechnunge bezilt, sech ëm déi finanziell Situatioun këmmert.

Bei de Secoursen hu mer 560.000 Euro dëst Joer. Secoursen, dat si Suen, déi den Office social ausgëtt, déi d'Leit net méi mussen zréckbezuelen.

Et fält op, datt verschidde Posten, wéi déi Jore virdrun, relativ héich sinn. Dat sinn d'Dokteschrechnungen an d'Apdikteschrechnungen, d'Loyeren, wat och ëmmer bekannt ass, an d'Alimentatioun.

Ënnert dem Office social sinn déi Leit, déi elo fir de REVIS zoustänneg sinn. Ech mengen, et sinn zwou an hallef Persounen, déi bäikommen. Déi mer net méi an de Gebailechkeete vum Office social an der Groussstrooss kënnen ënnerbréngen. Déi ginn am BIL-Gebai ënnerbruecht, awer ëmmer ënnert der Leedung vum Office social.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Mangen, et ass alles gesot. Ech brauch do näischt bäizefügen. Ech maachen d'Ronn op. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre, ech selwer sinn am Office social am Moment. Wat ech ka soen dat ass, dass d'Prekaritéit ëmmer méi eropgeet hei zu Déifferdeng. Dat gesäit een och un den Zuelen. D'Zuel vun de Cliente geet erop. An et gëtt immens grouss Problemer, wat de Logement ugeet, wat den Accès zu de Logementer ugeet, an dass d'Präisser immens héich sinn.

Wat och nach opfält, ass, dass ëmmer méi gesondheetlech Problemer en charge geholl gi vum Office social. An dass eng Liste d'attente vu plus ou moins 200 Leit do ass vun der AIS Kordall. Déi drop waarden, fir eng Wunneng ze kréien.

Et gi vill kommunal Taxe vum Office social bezuelt. An et muss ee leider soen, dass elo zum Schluss vun dësem Joer festgestallt muss ginn, dass d'Bezuelmoral net ëmmer déi bescht ass, wat d'Avancen ugeet. An dat spigelt sech dann och an den Zuelen erëm vum Budget vum Office social.

Leider kënnen net all Déngschtleeschtungen … Et gëtt nach vill méi Problemer. An déi hëlt den Office social am Moment net an Optrag. Ech denken, dass et wichteg ass, dass déi gutt Aarbecht, déi am Moment do gefouert gëtt, weidergefouert gëtt. An dass se néideg ass a gebraucht gëtt hei zu Déifferdeng. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass vill gesot ginn, bal alles, vum Här Mangen, Schäffen, an och vun der Madamm Brassel-Rausch. Ech wëll just deene Leit felicitéieren a Merci soen. Dat ass dem President, a mat Iech alleguer zesummen, dem Conseil d'Administration, Madamm Rausch. Awer och där ganzer Equipe, deem ganze Service. Déi hu keng einfach Aufgab, a si meeschtere se ganz gutt.

Ech war och e puer Joer an deem Conseil. An do konnt ech dat appreciéieren, déi ganz Aarbecht, déi do gemaach gëtt. Natierlech, eis Gesellschaft wär besser drun, wa mer den Office social net bräichten. Dat hu mer jo schonn oft hei gesot. Mir gesinn awer, dass et éischter an déi aner Richtung geet, hutt Der elo selwer och gesot.

Mir si frou, dass et déi Aide aux nécessiteux gëtt. Déi zwou. Déi eng, déi Geld virgestreckt kréien. Déi aner, déi non remboursable Secourse kréien, wat och heiansdo wichteg ass fir eng Famill. Fir dass se erëm e bësse Sauerstoff kritt an eng Zäit iwwerbrécke kann.

D'Zilsetzung ass jo – an dat muss een ëmmer erëm soen – de Leit ze hëllefen, erëm op hir Been ze kommen. Dat heescht, dass se an den zukünftege Jore selwer hiert Akommes, hire Budget meeschteren. An esou fir sech selwer suergen a sech iwwer Waasser halen.

Fir de Rescht ass eng nei Situatioun duerch d'AIS Kordall. Doduerch, dass elo och d'Logementer iwwert den Office social kommen, ass natierlech och en neie grousse Service bäikomm. Deen elo net grad esou kräfteméisseg besat ass, mä awer eng ganz grouss Déngschtleeschtung, e Service un de Leit ass. Ech soen nëmmen: Chapeau fir déi ganz Organisatioun vum Office social!

D'LSAP stëmmt op jidde Fall dee Budget ganz gär. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate que M. Mangen a tout dit. Il n'y a rien à ajouter.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
est aussi membre de l'office social et signale que la précarité ne cesse d'augmenter à Differdange. Le nombre de clients de l'office social grimpe. Les problèmes liés à l'accès au logement sont énormes à cause des prix élevés.
Par ailleurs, de plus en plus de problèmes de santé sont pris en charge par l'office social.
Deux-cents personnes attendent un logement de la part de l'AIS Kordall.
Le cas échéant, l'office social prend aussi en charge les taxes communales, mais ne peut pas résoudre tous les problèmes. Pour Christiane Brassel-Rausch, l'office social doit poursuivre son travail, car il est nécessaire à Differdange.

ERNY MULLER (LSAP) *félicite le président de l'office social, le conseil d'administration et toute l'équipe. Leur travail n'est pas facile. Erny Muller a fait partie du conseil d'administration il y a quelques années et sait apprécier ce travail à sa juste valeur.*
Bien entendu, idéalement, l'office social ne devrait pas être nécessaire. Mais dans la pratique, Differdange a besoin de l'aide aux nécessiteux, c'est-à-dire à la fois des avances pour payer les factures et des secours, qui, eux, n'ont pas besoin d'être remboursés et qui constituent une bouffée d'oxygène pour les familles. L'objectif est de permettre aux gens de se remettre sur pied pour qu'ils puissent maitriser leurs budgets à l'avenir.
Erny Muller tire son chapeau à l'office social pour son organisation.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *félicite à son tour l'équipe de l'office social et son conseil d'administration pour leur engagement social et le travail compétent accompli tous les jours au service des citoyens.*
Le budget 2019 s'inscrit dans la continuité, mais comprend aussi quelques nouveautés, notamment avec le Revis, qui a remplacé le RMG et qui se compose de deux mesures.
Le SRAS devient quant à lui l'ARIS. Il encadrera les personnes touchant le Revis, mais qui ne sont pas aptes à intégrer le marché de l'emploi.
Le personnel sera renforcé par 2,5 postes. Comme l'a expliqué M. Mangen, les employés du SRAS seront installés dans l'ancien bâtiment de BIL.
L'aide aux nécessiteux s'inscrit dans la continuité des années précédentes et concerne des domaines comme la santé, les loyers, les garanties de loyer, les meubles, l'électroménager… Des bons pour l'épicerie sociale sont distribués. Comme signalé dans la presse, le salaire minimum net de 1764 € par personne ne suffit pas pour vivre — en tout cas pas à deux. Ce sont des exemples de «working poor», c'est-à-dire des gens qui travaillent, mais qui sont pauvres malgré tout. Il s'agit souvent de jeunes, dont le travail n'est pas encore suffisamment respecté et rémunéré. Les familles monoparentales sont aussi à risque. Le RMG s'élève, quant à lui, à 1362 € net.
Le nouveau gouvernement souhaite augmenter le salaire minimum de cent euros et construire plus de logements sociaux. Christiane Saeul salue des projets comme celui de la Société nationale des habitations à bon marché dans la route de Pétange à Niederkorn.
Christiane Saeul annonce que le DP approuvera le budget, avant de préciser qu'il s'agit de celui de l'office social.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait qu'il pensait qu'il s'agissait de l'autre.*

CHRISTIANE SAEUL (DP) *répond qu'elle a fait attention.*
(Rires)

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, zum Budget rectifié 2018 an initial 2019 wéilt ech emol als éischt, wéi meng Virriedner, dem Staff vum Office social a sengem Conseil d'Administration felicitéieren. A Merci soe fir déi kompetent Aarbecht, déi si all Dag maachen, am Sënn vun hirem sozialen Engagement fir de Bierger. A wënsche mir och weiderhin déi gutt Zesummenaarbecht.

E Budget fir 2019 vun der Kontinuitéit an awer mat Neierungen. Duerch d'Ausschaffen an d'Aktualiséiere vum RMG, dem zukünftege REVIS, zum Beispill. Beim RMG war pro Stot nëmmen eng Mesure méiglech. Dat heescht, eng Persoun huet den RMG kritt. Fir méi gerecht Behandlung gi beim REVIS elo zwou Mesuren aktivéiert. Dat heescht, den Här an d'Madamm oder d'Madamm an den Här kënne béid do opgeholl ginn.

De SRAS, de Service régional d'action sociale, gëtt elo 2019 ARIS. Zum Beispill Leit, déi de REVIS kréien an awer net fit si fir op den Aarbechtsmarché, ginn zum ARIS fir eng weider Begleedung op dem Aarbechtsmarché. Och fir se op den Aarbechtsmarché ze kréien.

Eng Opstockung vun 2,5 Poste Personal ass virgesinn. Wéi den Här Mangen scho gesot huet, ginn déi Leit vum SRAS an d'Gebai vun der fréierer Interbank gesat.

Am Budget 2019, ënner Aide aux nécessiteux, hu mer oft sollicitéiert Posten, déi sech an der Kontinuitéit wärend dem Joer eraushiewen. Dee ganze Beräich Santé, iwwer Dokter, Part patient, Kiné, Apdikt oder Spidol. Zweetens: Aide au logement, Hëllef bei de Loyeren a Garantië fir Loyer, Aarbechten, Miwwelen, Électroménager. Épicerie sociale: D'Frais d'Alimentation ginn ënnerstëtzt mat Bonge fir Alimenter an Épicerie sociale.

Wéi an de Medie geschwat oder an der Press ze liesen ass, geet de Mindestloun – brutto 2.048 Euro, netto 1.764 Euro fir eng Persoun – net méi duer, fir ze liewen. Fir eng Persoun tout juste. Awer net fir zwou Persounen. E Beispill vu Working Poor. Obwuel si schaffen, si si aarm. Et geet oft hei ëm jonk Leit, welch nach net an der Aarbechtswelt feste Fouss fonnt hunn an deenen hir Aarbecht net genuch respektéiert a bezuelt gëtt. Och monoparental Familllje sinn dësem Risiko ausgesat.

Den RMG geet scho guer net duer: brutto 1.436 Euro, netto 1.362 Euro. Wéi vill brauch de Mënsch, fir dezent ze liewen? Gebraucht gëtt dee richtege Wee, fir dës sozial Schiflag an d'Riicht ze kréien. Eis nei Regierung wëll jo emol fir 2019 de Mindestloun ëm 100 Euro hiewen. A méi Sozialwunnengen bauen, wou e groussen Nohuelbedarf besteet.

Mir begréissen do déi Projeten, déi schonn ugefaange sinn oder an der nächster Zukunft an de Bau kommen. Ech denken do un de Projet fir 2019/2020 am Péitenger Wee zu Niderkuer vun der Société Nationale d'Habitations à bon Marché. Positiv bleift weiderhin am Joer d'Dotatioun vun der Lotterie Nationale aus der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'Demokratesch Partei gëtt e positiven Avis of zum Budget, zum Office-sociales-Budget. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat scho geduecht fir deen aneren.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ech hunn dës Kéier ganz gutt opgepasst.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hätt dat da schonn aktéiert, Madamm Saeul. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll am Numm vun der

CSV Déifferdeng der ganzer Equipe vum Office social Merci soe fir déi Aarbecht, déi si leeschten. Et ass wichteg, datt mer esou ee Service hunn, dee gutt funktionéiert a fir d'Leit an Nout do ass. Mer gesi leider, datt dës Zuel steteg wiisst.

Dofir si mer frou ze gesinn an de Personalkäschten, och wann dat eng Pai méi ass, datt ee weidere Poste geschaaft gouf. Soudatt d'Personal Zäit huet fir hir Clienten, déi oft an enger ganz prekärer Situatioun sinn. Dat ass meeschtens net just ee Mënsch, nee, oft sinn et ganz Familljen, déi ënner esou Situatioune leiden.

Et gëtt vill verschidden Ursaachen, firwat Leit, Familljen an Nout geroden, an dat queesch duerch d'Bevëlkerung. Héich Wunnengspräisser, Liewenskäschten, Accident, Krankheet, Aarbechtslosegkeet, Scheedung, Stierffäll an der Famill, Iwwerverschëldung an esou weider. Et ass wichteg, datt dëse Leit gehollef gëtt. Dofir wäert d'CSV selbstverständlech dëse Budget matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei mat engem traurege Kapitel ze dinn. Net well den Office social eng gutt Aarbecht mécht a well ville Leit gehollef gëtt, mä well mer et hei mat engem Kapitel ze dinn hunn, deen eng Folleg ass vu politeschen a wirtschaftlechen Entscheedungen, déi am Land getraff ginn. Well Aarmut zu Lëtzebuerg, dat ass jo net d'Folleg vun enger Naturerscheinung.

Mir stelle fest: Déi Räich ginn nach ëmmer méi räich an déi Aarm méi aarm zu Lëtzebuerg. An déi Entwécklung kann een an de leschte 15 Joer feststellen. Mä besonnesch – dat huet d'Chambre des Salariés nach virun engem Mount an enger Untersuchung festgestallt –, besonnesch an de leschten dräi Joer ass d'Aarmut zu Lëtzebuerg gewuess. Dat heescht, dass net déi Entscheedunge geholl gi sinn um politeschen an ekonomeschen Niveau, déi dat verhënnert hätten.

Mer hunn hei eng Rei Chiffere kritt. Den Här Schäffen huet eis gesot, dass besonnesch bei den Dokteschrechnungen an den Apdikteschrechnunge vill Leit net méi nokommen. Och dat huet indirekt eppes mat politeschen Entscheedungen ze dinn. An zwar, well an de leschte Joren och d'Eegebedeelegungen an deem Beräich ëmmer méi grouss gi sinn. A well nach ëmmer den Tiers payant net agefouert ginn ass. An deen och nach net kënnt an den nächste Joren. Dat ass net virgesinn am Regierungsprogramm, dass den Tiers payant kënnt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Eppes dertëschent awer.

ALI RUCKERT (KPL):

Jo, dertëschent ass net datselwecht.

An dann, dat ass och schonn ugeschwat ginn, sinn d'Léin ze niddreg zu Lëtzebuerg. Vill Leit, déi schaffe ginn, déi aacht Stonne schaffe ginn, déi schwéier schaffe ginn, sinn nach ëmmer aarm. Et ass gesot ginn, de Mindestloun huet 2.048 Euro de Moment. Dat ass däitlech ënnert der Aarmutsgrenz. An och, wann en nach erhéicht gëtt, da si mer nach net wäit driwwer. Well et ass jo net esou, wéi wann en esou géif erhéicht ginn, dass d'Leit vill dervun hätten.

Wann et géif recht hiergoen, da misst ee soen – wéi och d'Chambre des Salariés dat berechent huet a wéi d'Kommunistesch Partei dat fuerdert –, dass beim Mindestloun en Nohuelbedarf do ass. Ech schwätze vun engem Nohuelbedarf, net strukturell Verbesserunge fir d'Zukunft, mä en Nohuelbedarf vun 20%. Da géif et de Leit besser goen, wann een dat géif maachen.

Esou muss een erëm dat feststellen, wat all Joer festzestellen ass: Dës Gemeng, dëse Schäfferot, mä och d'Regierung, déi verwalt, déi geréiert den Aarmut, mä se ass net drop aus en ze besäitegen.

JERRY HARTUNG (CSV) *remercie à son tour l'équipe de l'office social au nom du CSV. Il est important que ce service fonctionne comme il faut pour aider les gens dans le besoin. Le nombre de clients croît. Jerry Hartung salue le fait que le personnel soit renforcé et qu'il aura donc plus de temps à consacrer aux clients. Il ne faut pas oublier que souvent, il ne s'agit pas de personnes seules, mais de familles entières.*
Les causes de la pauvreté sont multiples: le prix des appartements, les couts de la vie, un accident, une maladie, le chômage, un divorce, un décès, l'endettement…
Le CSV approuvera ce budget.

ALI RUCKERT (KPL) *constate que ce chapitre est particulièrement triste. Certes, l'office social fait du bon travail et aide beaucoup de gens. Mais les problèmes sont la conséquence des décisions politiques et économiques prises par le pays. Car la pauvreté n'est pas due à un phénomène naturel.*
Au Luxembourg, les riches deviennent de plus en plus riches et les pauvres de plus en plus pauvres. On constate cette évolution depuis 15 ans, mais la Chambre des salariés indique que la tendance s'est particulièrement renforcée au cours des trois dernières années.
Le collège échevinal a expliqué que les gens n'arrivent plus à payer les médecins et les médicaments. Cela est dû au fait que la participation aux frais médicaux a augmenté au cours des dernières années. Le tiers payant n'a toujours pas été introduit et le programme du gouvernement ne le prévoit pas.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *réplique que le gouvernement prévoit une solution alternative.*

ALI RUCKERT (KPL) *ajoute que les salaires sont trop bas. Beaucoup de gens travaillent huit heures par jour et sont pourtant pauvres. Le salaire minimum de 2048 € se situe en dessous du seuil de pauvreté. L'augmentation prévue est insuffisante. Le parti communiste exige une adaptation de l'ordre de 20 % sur base des calculs de la Chambre des*

salariés. Cela permettrait d'améliorer la situation de ces personnes.
Ali Ruckert constate que la commune, le collège échevinal et le gouvernement gèrent la pauvreté, mais n'entendent pas l'éliminer.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *n'est pas du tout d'accord.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *explique que l'office social réalise un travail important visant à éliminer en partie et temporairement les inégalités dues à certaines situations. Malheureusement, les rapports du STATEC et de la Chambre des salariés indiquent que la pauvreté est en augmentation.*
C'est le résultat d'une politique sociale inégalitaire favorisant les riches grâce à des instruments comme les fonds d'investissement leur permettant de payer moins d'impôts que certains clients de l'office social. Cette situation n'est pas le fruit du hasard. Il faut donc combattre une politique produisant de plus en plus de pauvres et de moins en moins de riches.
Ce phénomène n'est pas limité au Luxembourg, mais le Luxembourg y contribue à travers une série de mesures fiscales. Le nouvel accord de gouvernement n'y changera rien. Cette politique produit des «working poor». En effet, beaucoup de gens touchent un complément de RMG. Cela signifie qu'ils travaillent, mais ne gagnent pas assez pour joindre les deux bouts. Il faudra voir ce que le Revis apportera. Il pourrait y avoir des nouveautés pour l'office social.
Gary Diderich répète que l'office social réalise du bon travail. En tant que président de la commission du loyer, il constate que la commission traite relativement peu de demandes. Mais de nombreuses demandes sont gérées par l'office social, qui ne se contente donc pas de distribuer des aides. Il soutient également ses clients dans leurs démarches. Il s'agit par exemple d'adapter les loyers à la loi. Parfois, la différence peut atteindre 200 € par mois. Alors que la politique sociale contribue à plonger les gens dans la pauvreté, il est important de veiller à ce que les droits de tous soient respectés.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech sinn natierlech absolutt net Ärer Meenung. Mä dat ass jo scho méi laang esou. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass scho villes gesot ginn, wou ech net an den Detail ginn. Mä wou ech einfach ënnersträichen, dass et, in der Tat, hei beim Office social ëm eng ganz wichteg Aarbecht geet, nämlech déi Ongläichheeten opzefänken zum groussen Deel. Zum Deel och Schicksaler, déi aus eenzelne Situatiounen entstinn, temporär opzefänken. Leider bleift et awer net dobäi. A mir mierken, dass d'Aarmut an d'Luucht geet. An dat weisen déi rezent Rapporte vum Statec, awer och vun der Chambre des Salariés.

An dat ass, in der Tat, d'Resultat vun enger sozial ongläicher Politik. Wou déi, déi vill hunn – där gëtt et der ëmmer manner –, ëmmer méi entlaascht a favoriséiert ginn duerch Instrumenter wéi d'Fonds d'investissements spécialiés. Wou mer Leit erméiglechen, déi ebe ganz vill hunn an déi sech dat kënne leeschten, fir esou eng Konstruktioun en place ze setzen, guer keng Steieren ze bezuelen oder manner Steiere ze bezuele wéi verschidde Cliente vum Office social.

Dat heescht, dat ass eng Politik, déi gemaach gëtt. Dat ass kee Produit vum Zoufall. Et ass am allerwichtegsten, déi ze bekämpfen. An ze kucken, dass et net ëmmer méi Aarmer gëtt, wat am Moment de Fall ass, an ëmmer manner Räicher. Dat ass schematesch. Dat kléngt vereinfacht, mä dat ass d'Realitéit, déi ee kann observéieren, déi all Rapport beweist.

Dat ass net nëmmen e Phenomen zu Lëtzebuerg. A Lëtzebuerg ass bei wäitem awer net onschëlleg un där Entwécklung. Well mer duerch eng ganz Rei Steiermesuren dozou bäidroen, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä an Europa an an der ganzer Welt. Do däerfe mer eis näischt virmaachen. An dat gëtt och duerch dëse Koalitiounsaccord, vun der neier Regierung, net geännert. Esou éierlech muss ee sinn.

Dat produzéiert dann och bei eis zu Lëtzebuerg Phenomener vu Working Poor. In der Tat vun deene meeschten, déi en RMG oder elo an Zukunft REVIS kréien, kréie ganz vill Leit e Complément vum RMG. Dat heescht, déi schaffen, mä déi kréien duerch hir Aarbecht net genuch a kréien da vum RMG nach drop geluecht, fir dass si iergendwéi iwwert d'Ronne kommen. Et muss een nach kucken, wat déi Reform vum REVIS an Zukunft bréngt. Dat ass elo am Gaang, en place gesat ze ginn. Dat wäert dann och fir den Office social vläicht déi eng oder aner Ännerunge bréngen.

An deem Kader mécht den Office social eng wichteg an eng gutt Aarbecht. Ech wëll och als President vun der Mietskommissioun ënnersträichen: Et ass zum Deel an anere Gemengen d'Fro opkomm, firwat do keng Demanden un d'Loyerskommissioun gestallt ginn, a firwat mer zu Déifferdeng pro Joer siwen, aacht, néng Demanden hunn. E groussen Deel vun deenen Demandë kommen iwwert den Office social.

Dat heescht, den Office social mécht seng Aufgab am Sënn vun net nëmmen Aidë ginn, mä och d'Leit ze ënnerstëtzen an hiren Demarchen. Och hir Rechter gülteg ze maachen. Do kréie verschidde Leit och erëm dëst Joer gehollef, einfach doduercher, dass hire Loyer dem Gesetz ugepasst gëtt an an deem Sënn erofgeet. Dat sinn heiansdo 100, 200 Euro, déi da méi do sinn de Mount. Dat ass ganz wichteg. Well et ass ganz wichteg, dass et net nëmmen ëm Aidë geet an enger Sozialpolitik. Wou d'Politik d'Leit quasi bedürfteg mécht, an da musse se froen, fir gehollef ze kréien. Mä et geet och virun allem drëm, dass all Mënsch Rechter huet an déi assuréiert sinn.

An deem Sënn ënnersträichen ech de Besoin vun engem Tiers payant généralisé an net nëmmen engem Tiers payant social an engem Tiers payant volontaire. Et ass wichteg, dass mer de generaliséierten Tiers payant kréien.

Am Logement ass et wichteg, dass einfach jiddereen erëm bezuelbar wunne kann. Do mussen d'Efforte verstäerkt ginn. Do hu mer Zäit verluer. Et gëtt Méiglechkeeten, fir méi schnell virzegoe wéi just selwer ze bauen. Mir kënne bestoend Haiser kafen als Gemeng.

Och do kréie mer all déi Subsiden. Mir kënne lounen a weiderverlounen. Dozou hat ech jo och schonn eng Motioun hei abruecht, déi leider keng Ënnerstëtzung fonnt huet.

Et ass haut geschwat gi vun Albausanéierung. Och do …

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wëll Iech wierklech net stéieren, mä hutt Der net besser, dat alles ze hale fir d'nächst Woch bei der Budgetsried?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech si bal fäerdeg, Här Traversini. Ech wëll dat do an ee Kontext setzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir héieren dat do d'nächst Woch nach eng Kéier. Ech hu jo kee Problem …

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech widderhuelen hei wéineg vun …

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kënnt och déi sämtlech Motiounen nach eng Kéier opzielen. Kommt, mer kucken, fir hei iwwert den Office social ze schwätzen. Ech weess jo och, wou d'Problemer hierkommen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech schwätzen iwwert den Office social.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Maja.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Den Assainissement och fir Locatairen, do gëtt et nach net wierklech e Modell, well dat geet och an d'Käschte fir d'Leit. Do gräifen eis Subside leider net.

Da geet et och drëm, Aarbecht ze schafen. An do ass d'Économie solidaire an d'Ausbildung ganz wichteg. Dozou hate mer eng Initiativ, déi ech och ënnerstëtzt hunn hei zu Déifferdeng. Wou den Office social finanziell mat erageklommen ass, dat ënnerstëtzt huet. Ech wollt nofroen, wou mer do dru sinn. Mir haten hei schonn iwwert de Klenge Casino geschwat. Do ass elo kee Suivi méi komm zënter där Sëtzung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat heescht, mir sinn elo an der Froestonn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir sinn hei beim Budget vum Office social. A mir hunn hei mat de Sue vum Office social ze dinn. Ech mengen, do si mer op der richteger Plaz. Wou si mer dru mat deem Projet? Wéi hu mer dat fäerdegbruecht, fir sécherzestellen, dass déi Leit eng Ausbildung maache kënnen, dass dat e soziale Projet ass? Ass dat mëttlerweil eng SIS? Hu mer d'Garantien, dass d'Sue benotzt gi si fir deen Zweck, wou et am Ufank geduecht war?

Ech gesinn do d'Gefor, dass mer dat ze schnell ugaange sinn an dass mer déi Garantien net hunn. Et ass wichteg, dass dat an Zukunft muss séchergestallt gi bei esou Projeten. Net nëmme fir dee Projet, och fir aner esou Projeten. D'Saachen dann a Fro gestallt gi fir esou Initiativen. Dat wär dat falscht Signal. Mir mussen esou Initiative ganz duerchduecht ugoen an net iwwerstierzen, wéi ech fäerten, dass dat hei de Fall war. A sécherstellen, dass dat eben och am Sënn vun der Aarbecht vun engem Office social benotzt gëtt an am Sënn vun de Leit hei zu Déifferdeng. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Nach Wuertmeldungen? Da géife mer zum Vott kommen.

Gary Diderich souligne ensuite l'importance du tiers payant généralisé et non d'un tiers payant social ou volontaire.
Pour ce qui est du logement, il reste du pain sur la planche. Il n'est pas toujours nécessaire de construire des logements soi-même. La commune peut aussi en acheter pour ensuite les louer. Gary Diderich a déjà présenté une motion dans ce sens.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ne veut pas déranger M. Diderich, mais lui rappelle que les débats budgétaires auront lieu la semaine prochaine.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *a presque fini. Il ne fait que placer ses propos dans un contexte.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *suppose que M. Diderich reviendra sur ce thème la semaine prochaine.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *ne fait que répéter…*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que M. Diderich peut énumérer toutes ses motions. Mais il ferait mieux de se concentrer sur l'office social. Le bourgmestre sait d'où viennent les problèmes.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rétorque qu'il parle de l'office social. Les subsides communaux pour l'assainissement des maisons ne fonctionnent pas.*
Il faut aussi créer des emplois. L'économie solidaire et les formations jouent un rôle important. Gary Diderich soutient les initiatives de l'office social dans ce domaine. Il en profite pour demander où en est le Klenge Casino.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ironise sur le fait que M. Diderich en est aux questions au collège échevinal.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *réplique qu'il est question de l'argent de l'office social. Par conséquent, il est en droit de poser ces questions. La commune s'assure-t-elle que ces personnes sont formées? Le Klenge Casino est-il une SIS? L'argent de*

l'office social est-il dépensé pour ce qui avait été prévu initialement?
Gary Diderich craint que la commune n'ait agi trop rapidement et que ces garanties n'existent pas. Ce genre d'initiatives doivent être bien ficelées dès le départ, sans précipitation. L'argent doit être utilisé conformément au travail d'un office social et avec l'objectif de soutenir les Differdangeois.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe aux servitudes pour la protection des façades. Il a été question récemment des propriétaires ayant été informés en retard. Roberto Traversini propose d'attendre le PAG au début de l'année prochaine.*
Il passe au vote.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *souhaite expliquer le vote des démocrates. Ceux-ci soutiennent la protection de certains bâtiments differdangeois méritant d'être préservés. Il rappelle que le 21 juin 2017, la procédure pour protéger 1200 éléments a été lancée. En octobre 2017, la Commission nationale de l'aménagement a proposé de classer 400 maisons supplémentaires en se basant sur un dossier de 2009. Or en 2009, les propositions n'avaient pas été retenues, car elles étaient trop restrictives.*
Le 24 janvier 2018, le conseil communal a soumis ces 400 objets à une servitude valable jusqu'à l'approbation du nouveau PAG. C'est cette servitude qu'il s'agit de prolonger aujourd'hui.
François Meisch reste d'avis que certaines bâtisses doivent être protégées, mais que la liste va trop loin. Les maisons doivent pouvoir être modernisées. Il faut s'assurer que les quartiers où cela est nécessaire pourront se développer. François Meisch rappelle que l'interdiction de démolir les maisons unifamiliales et la protection des façades et des bâtisses limitent la modernisation de certains quartiers.
La ville doit évoluer. Maintenir des bâtisses anciennes n'est conforme ni à une ville des chemins courts ni à une ville écologique. Le patrimoine doit être préservé en se limitant aux bâtisses ayant de la valeur.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié 2018 et le budget initial 2019.

Villmools Merci. Dat hei ass ee Punkt, wou mer d'leschte Kéier vum Ordre du jour geholl haten, d'Servituden op de Schutz vun de Fassaden. Wou mer d'Leit nodréiglech informéiert hunn. Mer géife waarden, bis de PAG fäerdeg ass. Dat misst ufanks d'nächst Joer sinn. Dofir froe mer nach eng Verlängerung vun engem Joer. Bis dat dann och an der Rei ass.

Da kéinte mer do zum Vott kommen.

(Interruptioun)

Jo, Här Meisch, ganz gären.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech muss eise Vott awer erklären. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffena Gemengerot, wéi scho virun enger Zäit op dëser Plaz gesot gouf, begréisst d'Demokratesch Partei d'Initiativ, fir gewëssen erhalenswäert Gebaier an eiser Gemeng ze schützen, sief dat als Ganzt oder just d'Fassad.

Den 21. Juni 2017 gouf vum Gemengerot hei d'Prozedur lancéiert, fir eng 1.200 Elementer ze schützen. Am Oktober 2017 proposéiert déi staatlech Commission de l'Aménagement an hirem Avis, méi wéi 400 Haiser zousätzlech ze klasséieren. Dat, well se op een Dossier vun 2009 zréckgegraff huet. An der Zomm ass dat fir eis extrem restriktiv an anengend. Et war 2009 net de Wonsch, fir alles ze streng ze handhaben. Dofir ass dat deemools och net esou ëmgesat ginn.

De 24. Januar dëst Joer gouf hei am Gemengerot eng Servitude op déi 400 zousätzlech Objete geluecht, bis den neie PAG da soll iergendwann Ufank d'nächst Joer gestëmmt ginn. Déi Servitude soll elo verlängert ginn.

Mir bleiwe bei eiser Meenung. Mat verschiddenen Inhalter vun der Lëscht kënne mir absolutt averstane sinn. Mä plazeweis geet se eis ze wäit. Eng méi differenzéiert Virgoensweis wär fir eis ubruecht. Eng Protektioun vun erhalenswäerter Substanz ass ok. Awer eng Upassung un d'Zäit muss méiglech bleiwen.

Mir denken, datt et wichteg ass, am Bléck ze behalen, a wéi enge Quartieren et néideg ass, datt et Méiglechkeete gëtt, sech modern weiderzeentwéckelen. Ech denken do engersäits un de Verbuet, fir d'Eefamilljenhaiser ofzerappen, an anerersäits un de Schutz vun de Fassaden an/oder de ganzen Haiser. Zesummen erlaben dës Mesuren op ville Plazen net méi, datt déi sech moderniséieren.

Mir wëllen, dass eis Stad sech entwéckelt an net, dass ganz Quartiere stoe musse bleiwen. Et ass net am Sënn vun enger Stad mat kuerze Weeër. Et ass net am Sënn vun enger energiespuerender Stad, wann ee seng vereelzte Bausubstanz ze vill wëll schützen an doduerch den alen Energiestandard bäibehält.

Et ass wichteg, säi Patrimoine ze schützen. Awer et soll ee sech op dat beschränken, wat schützenswäert an erhalenswäert ass. D'DP, als Partei vun den individuelle Fräiheeten, fäert, dass hei ze vill mam Droit de propriété vun de Biergerinnen a Bierger gespillt gouf.

Dëst gesot, widderhuelen ech, dass d'DP-Fraktioun am Prinzip net dergéint ass, eisen erhalenswäerte Patrimoine ze schützen. Dass mir awer vill méi nuancéiert virgaange wären, virun allem mat Bléck op eng modern an nohalteg Stadentwécklung.

Aus dëse genannte Grënn, enthale mir eis, sou wéi och schonn am Januar. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch. Ech sinn, wéi och an eisem Koalitiounsaccord ganz kloer, komplett anerer Meenung wéi dat, wat Dir gesot hutt. Mir sinn der Meenung, datt de Schutz vun den Haiser, den Eefamilljenhaiser, dat Bescht ass, wat deen heite Gemengerot an deene leschte Joerzéngte gemaach huet, wou d'Liewensqualitéit an de Quartieren erhale bleift.

An ech mengen och, datt dat ee vun deene grousse Grënn war, firwat déi eng oder déi aner Partei gestäerkt ginn ass. Ech mengen, datt d'Leit ës genuch hunn, datt niewendrun an hire Quartieren Haiser ofgerappt a Këschten opgeriicht ginn. Op alle Fall, soulaang ech däerf hei Buergermeeschter spillen, wäert dat doten ni méi op enger Dagesuerdnung sinn, fir dat réckgängeg ze maachen.

Au contraire, si mer am Gaang, ze iwwerleeën, fir aner Stroosse mat eranzehuelen. Well et ass net normal, datt Haiser an Haiser ofgerappt ginn, och nach op Zoufaartsstroossen, fir grouss Këschten dohinner ze setzen. Mir verléieren do wierklech Liewensqualitéit. Mir verléieren do Parkplazen. Mir verléieren do alles.

A fir sech hanner energetescher Sanéierung ze verstoppen, mengen ech, datt et hautdesdaags och do Méiglechkeete gëtt. An do hëllefe mer jo ganz vill mat Subsiden, Fassadesubsiden. Mir si bal op 10.000 Euro, wou mer kënnen hëllefen.

Natierlech, déi Servitude op deene 400 gëtt nach eng Kéier gekuckt, wou et sënnvoll ass a wou net. Mä ech sinn do honnertprozenteg net Ärer Meenung. Au contraire. Ech fille mech do wierklech op engem ganz anere Bord, wat d'Liewensqualitéit ugeet a wat schützenswäert ass fir eis Stad.

Jo, ganz gären, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt just soen, dass ech als Schäffe sengerzäit ganz staark an deem do Projet engagéiert war. Ech war awer deelweis iwwerrascht, wéi op eemol 600 zousätzlech Objete komm sinn. Mir haten zesummen e ganze Koup Sitzungen, wou mer eng aner Approche haten. Mä ëmmer an där Richtung, wou Dir gesot hutt, Här Buergermeeschter. Do ass fir eis als LSAP guer keng Diskussioun.

Duerfir mengen ech, dass mer vläicht eng Kéier dozou kommen, dat wäert den Här Liesch d'nächst Joer eis och nach accordéieren, dass mer dat awer nach eng Kéier analyséieren. Ob de Gesamtbestand esou erhale bleift oder ob mer do nach e puer Ofstrécher maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hunn dat jo gemaach, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, ze reklaméieren. Dat heescht, wa mer dat gemaach hätte virun engem Joer, wat mer hätte kéinte maachen, dann hätte mer de Leit d'Reklamatiounsrecht ewechgeholl.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass absolutt richteg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An duerch déi Servitude, wou mer hei gemaach hunn, musse mer herno, wa mer de PAG virstellen, genau dat maachen. Datt d'Leit kënne reagéieren, ob si dat wëllen oder ob se et net wëllen. Dat war den Haaptgrond, Här Muller, an Dir wësst dat ganz gutt, …

ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Well ech mengen, dat war och an Ärem Sënn, fir dat esou ze maachen.

Madamm Rausch, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wëll dozou soen, dass ganz Stroosse vergiess gi waren, déi elo bäikomm si bei deene 400. Dat erkläert, firwat dat esou héich ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass eng aner Meenung. Här Ruckert, w.e.gl.

Le DP, le parti des libertés individuelles, craint que l'on joue avec le droit de propriété des citoyens. Les démocrates ne sont pas contraires à la protection du patrimoine, mais ils se seraient montrés plus nuancés. C'est pourquoi ils s'abstiendront lors du vote comme en janvier.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il ne partage pas du tout le point de vue de M. Meisch. Il trouve que la protection des maisons unifamiliales est la mesure la plus importante prise par le conseil communal au cours des dernières décennies. Il est convaincu que c'est la raison pour laquelle certains partis ont été renforcés lors des élections. Les gens en ont assez de voir des maisons remplacées par des boites. Tant qu'il sera bourgmestre, Roberto Traversini ne fera pas machine arrière. Au contraire, le collège échevinal prévoit même d'étendre l'interdiction. Le remplacement de maisons par des résidences réduit la qualité de vie des habitants et le nombre de places de stationnement. Pour ce qui est l'assainissement énergétique, des solutions existent. Les subsides peuvent se monter à 10 000 €.*
Pour ce qui est des servitudes, il faudra voir où cela est nécessaire. Mais pour Roberto Traversini, la qualité de vie prime.

ERNY MULLER (LSAP) *a contribué à ce projet quand il était échevin. Il a été surpris de l'ajout de 600 objets. Les socialistes ont une approche différente, mais allant dans la direction de ce qu'a dit le bourgmestre. L'année prochaine, il faudrait analyser la liste une nouvelle fois pour voir s'il ne faut pas supprimer quelques bâtisses.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que les propriétaires ont eu l'occasion de réclamer.*

ERNY MULLER (LSAP) *répond que c'est vrai.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute que lorsque le PAG sera présenté, les propriétaires pourront réagir et dire ce qu'ils pensent du*

classement de leurs maisons. Mais M. Muller sait tout cela.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *précise que des rues entières avaient été oubliées. Grâce aux 400 ajouts, ce n'est plus le cas.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que c'est une façon de voir les choses.*

ALI RUCKERT (KPL) *approuvera ce projet. L'initiative prise par le collège échevinal et le conseil communal était la bonne.*
Le seul reproche qu'Ali Ruckert a à faire est que les voies d'accès ont été exclues de l'interdiction de démolir les maisons unifamiliales. Ces routes vont se retrouver confrontées aux problèmes que connaissaient les centres des localités. Mais le conseil communal reviendra sans doute sur ce point.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate que parfois, M. Ruckert et lui sont du même avis.*
(Vote)
Roberto Traversini passe à l'acquisition d'un terrain dans la route de Pétange. Il s'agit d'une partie de jardin derrière une maison, que la commune revendra à la Société nationale d'habitations à bon marché.
(Vote)
Roberto Traversini passe à une convention pour la mise en place d'une servitude pour Creos.
(Vote)
Roberto Traversini passe à un contrat de location dans la Grandrue. Il est question d'un parking, qui n'a pas pu être construit à cause de problèmes avec le propriétaire.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rappelle que la convention fixait la date à laquelle le parking devait être fini. Comme le maitre d'ouvrage a pris du retard, la banque a exigé des pénalités à cause de cette date. Le promoteur a alors demandé au collège échevinal de modifier l'article en question. Le collège échevinal a répondu que ce point serait débattu par le conseil communal une fois le chantier entamé. C'est désormais le cas. Georges Liesch propose de reculer la date*

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech dat do stëmme wäert. Dat war eng ganz gutt Initiativ, déi de Gemengen- a Schäfferot geholl huet.

Deen eenzege Virworf, deen ech dem Schäfferot maache muss, dat ass, wéi mer déi éischt Diskussioune gefouert hunn, dass d'Zoufaartsstroossen direkt ausgeschloss goufen. Do wäerte mer erëm nei Problemer kréien, déi mer soss matten an den Uertschaften haten. Doriwwer musse mer eis nach eng Kéier ënnerhalen, wéi mer do virginn an där Saach.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz gären. Heiansdo si mer och enger Meenung, Här Ruckert.

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 2 abstentions de prolonger les servitudes portées sur des immeubles proposés dans l'avis de la Commission d'aménagement dans le cadre du projet de modification du PAG dénommée «secteurs et éléments protégés d'intérêt communal/protection».

Villmools Merci. Ech hoffen, datt de PAG am Laf vum éischten Trimester kënnt.

De fënnefte Punkt ass en Terrain, dee mer am Péitenger Wee kafen. E Stéck Gaart hannert engem Haus, wat mer der Habitation à Bon Marché erëm weider verkafen. Dir gesitt de Präis, dee mer dofir bezuelen. Mir wäre frou, wann Der eis géift erlaben, deen Terrain ze kafen.

Mir géifen dann zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'un terrain de 2,36 a situé au lieudit «route de Pétange» à Niederkorn.

Merci. Deen nächste Punkt ass eng Konventioun fir eng Servitude fir Creos, fir hir Stellen do opzestellen. Ech mengen, dat ass näischt Neits. Ech mengen, hei kéinte mer direkt zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les conventions de servitude avec CREOS Luxembourg aux lieudits «Route de Pétange» à Niederkorn, «Avenue du Parc-des-Sports» à Oberkorn, «Parc Gerlache» à Differdange et «In der Neuwies» à Oberkorn.

Merci. Da komme mer zu engem Contrat de location an der Groussstrooss. Am Fong geholl hätte mer scho sollte virun engem Joer ufänken, fir Parkhaiser mat Wunnengen ze schafen. Dat ass net zustane komm wéinst verschiddene Problemer vum Proprietär. Do hu mer eng Léisung fonnt. Här Liesch, kéint Der eis d'Erklärungen dozou ginn, w.e.gl.?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass esou, an der Konventioun stoung en Datum, bis wéini dat Parkhaus misst fäerdeg sinn. Vu dass de Bauhär Retarden hat, huet d'Bank Problemer gemaach wéinst der Finanzéierung, well deen Datum drastoung, mat Penalitéiten. Doropshin ass de Promoteur un eis erugetrueden, fir deen Artikel ze änneren. Mir hunn du gesot, fir d'éischt géife mer gär wëssen, wéini et ufänkt, a mir géifen dat net an de Gemengerot bréngen, bis de Chantier am Gaang wär.

De Chantier huet elo ugefaange virun enger décker Woch. Soudass mer Iech dee Passus, op dee mer eis scho gëeenegt haten, proposéiere kënnen. Dat heescht, mir géifen den Datum no hanne réckelen. Soudass dat Parkhaus fir

den 1. Mee 2020 au plus tôt an den 31. Dezember 2020 au plus tard misst operationell sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP wollt ech soen, dass mer wierklech frou sinn, dass et elo endlech lassgeet mat deem Projet. E war e bësse kontrovers diskutéiert ginn. Mä dat war haaptsächlech iwwert d'Exploitatioun vun deem Parkhaus.

Mä op där anerer Manéier, gestalte mer do 140 Parkplazen direkt un den Zentrum. Dat ass immens wichteg. Ech hoffen, dass mer schonn Optiounen huelen, fir deen een oder anere Raum. Mir hate schonn driwwer geschwat, fir direkt vis-à-vis vun eisem Centre médico nei Espacen ze kreéiere fir gewësse Servicer. Dat ass e ganz flotte Projet, dee gutt an d'Terrasses de la Ville passt. An ech mengen, d'Fassad bleift och geschützt an erhalen a gëtt mat integréiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hoffentlech.

(Gelaachs)

ERNY MULLER (LSAP):

Si ass op jidde Fall bis elo nach net ëmgefall, well soss hätte mer en neie Buergermeeschter kritt. A mir hu jo nach ëmmer keen Neien.

(Gelaachs)

Ech soen Iech Merci. Mir stëmmen dat do selbstverständlech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert zréck, well hien huet am Fong geholl dat Wichtegst vergiess bei där ganzer Konventioun.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Net grad dat Wichtegst, mä trotzdeem wichteg. Wou mer den Datum verlängert hunn, hu mer vum Promoteur eppes verlaangt fir dee Retard. An zwar ee Joer Gratuitéit vun der Exploitatioun. Dat heescht, dat éischt Joer sinn d'Exploitatiounskäschte fir eis null Euro. Dat ass de Präis, dee mer gefrot hunn, fir déi Verlängerung ze akzeptéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat mécht awer 140.000 Euro aus.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et mécht schonn eppes aus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de location et à la convention d'exploitation d'un parking public au lieudit «Grand-rue» à Differdange.

Contrat-d'artisten ass deen nächste Punkt. Do hu mer zwee nei Bailen respektiv aler, déi mer nei geschriwwen hunn. Här Ulveling w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, mir hunn zwee nei Baile substanziell an d'Luucht gesat. Am Artikel 4 sinn d'Charges locatives, do ass och d'Botze mat dran. Dat konnt een net méi zu deem Präis.

du 1er mai 2020 au 31 décembre 2020.

ERNY MULLER (LSAP) *demande la parole.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *signale à M. Liesch qu'il a oublié le plus important.*

ERNY MULLER (LSAP) *se réjouit que ce projet soit enfin lancé. La controverse portait sur l'exploitation du parking.*
Cent-quarante places de stationnement seront créées dans le centre.
Erny Muller espère que la commune réservera quelques locaux pour les services du centre médico-social.
Le projet est beau et il est adapté aux Terrasses de la Ville. La façade sera préservée.
(Rires)
Erny Muller annonce que les socialistes approuveront le projet.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *constate qu'il a oublié un élément important. Pour prolonger le délai, le collège échevinal a exigé du promoteur la gratuité de l'exploitation pendant un an.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *précise que cela représente 140 000 €.*
(Vote)
Roberto Traversini passe à des contrats de bail pour les artistes.

TOM ULVELING (CSV) *explique que deux baux ont été augmentés et passent de 200 € à 300 € et de 250 € à 500 €.*

Il était devenu impossible de maintenir le prix initial.
Tom Ulveling ajoute que les artistes doivent tenir une porte ouverte et participer à une exposition de la commune une fois par an. Ils ont aussi le droit d'organiser des expositions dans leurs ateliers.
En contrepartie, ils sont exempts de la taxe à payer lors de la vente d'une œuvre dans une exposition organisée par la commune. C'est pourquoi l'augmentation du loyer est justifiée.
Differdange dispose encore de quatre locaux libres et lance un appel aux conseillers communaux au cas où ils connaitraient un artiste. Si la moitié des locaux est inoccupée, les échanges entre artistes sont forcément réduits.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe aux règlements communaux et annonce une nouvelle convention. Le collège échevinal souhaite soutenir les personnes réalisant des travaux dans les maisons protégées par les Sites et Monuments. Il souhaite donc créer un nouveau subside à hauteur de 50 % de la somme versée par les Sites et Monuments et plafonné à 5000 €.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *précise que le règlement est rétroactif. Les personnes ayant entamé des travaux depuis le 1er janvier 2018 peuvent en bénéficier.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *ajoute que pour pouvoir bénéficier d'un subside, il faut d'abord contacter les Sites et Monuments pour réaliser une expertise des lieux. En effet, le propriétaire doit se tenir à des conditions.*
De son côté, la commune exige des photos de l'objet ainsi que l'accord des Sites et Monuments. Le subside de la commune est de 50 % du subside de l'État plafonné à 5000 €.

Deen ee war 200 Euro, dee gëtt elo 300 Euro. An deen anere war 250 Euro, dee gëtt 500 Euro. Den initiale Präis konnt een net halen.

Ech wëll awer soen, déi Leit, déi sech do engagéieren, mussen éischtens eng Porte ouverte maachen, wou d'Leit eemol am Joer kënnen hir Ateliere besiche goen. Si mussen un enger Expo deelhuelen, déi mir organiséieren, eemol am Joer. A si mussen, si kënnen a si däerfen och an hirem Lokal Expositiounen organiséieren.

En Contrepartie si si exempt vun enger Tax, déi se musse bezuelen, wann op enger Expositioun, déi mir organiséieren, Wierker géife verkaf ginn. Dat justifizéiert déi Erhéijung vun de Präisser, déi awer nach an der Rei sinn.

Wann Der iergendee kennt, mir hunn nach véier Lokaler, déi net besat sinn. Wann Der een Artist kennt, deen interesséiert wär, wäre mer frou, wann Der eis dee géift vermëttelen. Dat dréit jo och dozou bäi, dass eng Communautéit entsteet, wou d'Leit sech ënnerteneen austausche kënnen. A wann nëmmen d'Halschent vun de Lokaler besat sinn, da fënnt deen Austausch net statt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Kéinte mer zum Vott kommen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail pour des ateliers d'artistes.

Zu de Règlement-communauxen. Mer féieren eng nei Konventioun an. Wann en Haus geschützt ass, och vu Sites et Monuments, huet een d'Méiglechkeet, Subsiden ze kréien, wann ee Saache virun der Dier mécht oder bannendran, e Stuck-Plafong oder eng flott Trap. Wann een de Patrimoine ënnerhale wëll, sollt een dat ënnerstëtzen.

Dofir wëlle mer een neie Subsid kreéieren. Mir géifen op dat, wat de Sites et Monuments gëtt, 50% drop leeën respektiv plafonnéieren op 5.000 Euro. Dat, fir ze weisen, datt de Patrimoine eis wichteg ass, datt mer versichen, d'Leit ze ënnerstëtzen.

Den Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Just eng Präzisioun. Dat Reglement gëtt retroaktiv applizéiert op de Januar 2018. Dat heescht Leit, déi schonn en cours de route sinn, kënnen och heivunner benefisséieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, ganz gären.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Bestinn do Restriktiounen? Datt een dat muss accordéiert kréie vun der Gemeng, wat een do mécht, ier een dee Subsid ka kréien?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, et ass esou: Deen deen dovunner profitéiere wëll, muss fir d'éischt emol mat Sites et Monuments a Kontakt trieden, dass déi eng Expertise des lieux maachen, fir ze kucken, ëm wat et geet. Dass si dat kënnen accordéieren. Si gi jo Prescriptiounen – ech huelen emol als Beispill en Trapenhaus –, wéi dat da muss an d'Rei gesat ginn.

Mir verlaangen natierlech dann d'Fotoe vun deem Objet, dee soll restauréiert ginn. An natierlech den Accord vum Sites et Monuments, dass si eng Zomm X do ginn. A mir leeën dann, wéi de Buergermeeschter gesot huet, 50%, plafonnéiert op 5.000 Euro, nach eng Kéier do drop.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et ass ganz wichteg an deem ganzen Dossier, fir d'Leit besser ze informéieren, wat se vu Subventiounen zegutt hunn. A wéi se un d'Subventioune vu Sites et Monuments kënne kommen. Ech hunn déi Artikele gelies, déi iwwert d'Subventiounen do bestëmmen. En Haus, wat klasséiert ass duerch d'Gemeng, gëtt automatesch vun de Sites et Monuments subventionéiert zu 25%, op deenen Objeten, déi virgesi sinn, vum Trapenhaus bis zur Fassad.

Dat kënnen awer och ganz grouss Zomme si bei esou Haiser. Mir plafonnéieren op 5.000 Euro. Mä dat kann awer, wann een elo wierklech eng Sanéierung mécht vun engem wäertvollen Haus, vun enger wäertvoller Fassad, e wesentleche Betrag do driwwer ginn.

D'Gemeng mécht eng Subventioun. Sites et Monuments gëtt bei deenen netklasséierten Haiser 25% Subventioun. Do kommen dann nach Sue vun der Gemeng bäi. Bei klasséierten Haiser, och fir dat ze soen, déi vu Sites et Monuments als „classé monument national“ oder „proposé au classement“ oder „comme inventaire supplémentaire“ sinn, kënne 50% Subventioune vum Staat kommen. A souguer méi wéi 50% vum Staat als Subventioun, wann et „classé monument national“ ass.

Dat ass ganz wichteg, well mer ganz wäertvoll Haiser, vun der Architektur, am Déifferdenger Zentrum oder an eiser Uertschaft hunn. Mer mussen de Leit d'Prozeduren nobréngen. Well do gëtt et Delaien, déi anzehale sinn. Do däerf een net virdrun ufänken. Et muss een en Dossier erareechen. An et däerf een déi Delaien herno och net verpassen.

Et ass ganz wichteg, dass do iwwer all Haus, wat mer definitiv herno am PAG klasséieren, d'Leit wierklech eng gutt gemaachten Informatiounsfiche kréien, wat d'Subventiounen ubelaangt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Dir hutt absolutt recht. Wann ee Subside mécht – an ech hat och mam Här Diderich geschwat, dat war beim Volet virdrun –, ass et wichteg, d'Proprietären iwwer hir Rechter opzeklären. Datt een dem President vun der Mietskommissioun eventuell am Magazin déi eng oder déi aner Säit géif ginn, fir déi ze erklären.

An hei ass et d'selwecht. Wou een de Leit soll erklären, datt et zimlech einfach ass, u Suen ze kommen. Hei ass et zimlech einfach. Bei der Energiesanéierung, do ass eppes aneschters gefrot.

A wéi gesot, dat ass cumulable. Dat heescht, et ass net, wann een déi eng net kritt, datt een déi aner vun der Face net kritt. D'Face ass e separate Volet. Dat hei ass wierklech e ganz neie Subsid. Wann een dann eng Face mécht, d'viischt Trapenhaus oder d'viischt Dier, da kritt een awer eng substanziell Hëllef.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt als Vertrieder vun déi Lénk ënnersträichen, dass mer dat doten ënnerstëtzen. Patrimoine ass e Kulturgutt, wat eiser Gesellschaft gehéiert. Do si Privatleit, déi eppes ënnerhalen, wat eis alleguerten zegutt kënnt. Dofir ass et wichteg, dass mer als Gemeng an eben och als Staat finanziell hëllefen, fir dass dat méiglech ass. Dass déi Leit dat och kënne maachen. An net dofir, souzesoen, bestrooft ginn, dass se dee Bien publique mat erhalen.

Dofir ass dat nëmme kohärent, dass mer méi Fassaden a méi Patrimoine schützen. Leider hu mer an de leschten zéng Joer e wichtege Patrimoine verluer, op d'mannst zwee, dräi Objeten. Ech hoffen, dass mer, elo duerch deen Ëmschwong hei, mat deem Schutz, dee mer decidéiert hunn, an den Ënnerstëtzungen, déi mer de Leit ginn, e Wee fannen, dass dat net méi de Fall ass.

Mir hunn nach ëmmer Beispiller, wou och zum Deel d'Fassad geschützt ass. Mä wann de Proprietär näischt mécht, dann delabréiere se trotzdeem. An do sinn eis Moyenen am Moment nach begrenzt, fir do awer eng Handhab drop ze hunn. An ech hoffen, dass mer eis do an Zukunft Mëttele ginn. Ech soen Iech Merci.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *estime qu'il est important d'expliquer aux gens à quelles subventions ils ont droit et comment les obtenir. Des travaux sur les objets prévus dans une maison classée sont automatiquement subventionnés par les Sites et Monuments à hauteur de 25 %. Parfois, il peut s'agir de sommes extrêmement élevées. C'est pourquoi la commune plafonne sa subvention à 5000 €.*
Frenz Schwachtgen répète que la subvention de la commune s'ajoute à celle des Sites et Monuments.
Les bâtisses classées monument national ou répertoriées dans l'inventaire supplémentaire peuvent obtenir des subventions de l'État à hauteur de 50 % ou plus. Differdange compte des maisons à haute valeur architecturale. Il s'agit d'expliquer les procédures en détail, car il y a des délais à respecter, notamment pour l'introduction du dossier.
Frenz Schwachtgen propose de publier dans le magazine une fiche d'information bien faite.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *donne raison à M. Schwachtgen. Si l'on crée des subsides, il faut fournir les explications nécessaires aux gens. Il avait déjà proposé à M. Diderich une ou deux pages dans le magazine sur les loyers.*
Il ajoute que les différents subsides sont cumulables. On peut donc par exemple obtenir une subvention pour la façade, une pour l'escalier et une pour la porte d'entrée. Bref, le montant peut être substantiel.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *soutient le nouveau subside. Le patrimoine est un bien culturel appartenant à la société. Des particuliers entretiennent un objet dont la communauté bénéficie. C'est pourquoi il est important de les soutenir financièrement.*
Malheureusement, au cours des dix dernières années, Differdange a perdu au moins deux ou trois objets intéressants. Gary Diderich espère que ce ne sera plus le cas. Car une façade a beau être protégée. Si le propriétaire ne l'entretient pas, elle finira par se délabrer. La commune est impuissante pour le moment. Elle devra se doter de nouveaux moyens.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il n'y a pas beaucoup de maisons où la façade tombe en ruine. Ce n'est jamais une bonne chose, mais il ne faut pas croire qu'il s'agit d'une façade sur deux. De son côté, le bourgmestre ne peut intervenir que s'il y a des problèmes de sécurité. Mais Gary Diderich a raison: ce type de situations sont difficiles à gérer.*

ERNY MULLER (LSAP) *salue la nouvelle prime et espère qu'elle fonctionnera mieux que les autres subsides. Il signale que la subvention ne porte pas que sur la façade, mais surtout sur les éléments intérieurs. Les rénover n'apporte pas nécessairement une plus-value à l'habitant, si ce n'est qu'il vit dans une maison historique.*
Erny Muller ne sait pas combien de dossiers sont en attente, mais il espère que de nombreux subsides pourront être distribués.

JERRY HARTUNG (CSV) *rappelle que tout à l'heure, le conseil communal a approuvé la prolongation de la protection de certaines bâtisses. Il se réjouit de la création d'un subside pour aider les propriétaires lors de travaux. Ce subside sera rétroactif au 25 janvier.*
M. Schwachtgen a expliqué la différence entre les maisons protégées par la commune ou par l'État pour ce qui est subsides. Les conditions sont plus strictes pour les maisons protégées par l'État.
Il est important de fournir les informations nécessaires aux gens quant aux procédures et aux délais.
Accorder 50 % de la prime de l'État est la solution la plus simple. De cette façon, les demandeurs n'ont pas besoin de remplir deux questionnaires différents. Il s'agit d'une simplification administrative. Les primes pour les façades peuvent être cumulées aux primes d'amélioration ainsi qu'à la nouvelle prime.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *explique que le plus important est de ne pas commencer les travaux avant d'avoir effectué la demande. La commune a constaté l'inflexibilité des Sites et Monuments lorsqu'elle a fait rénover l'une ou*

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech wëll just soen, datt déi Fäll, wou d'Facen zesummefalen, datt dat net extrem vill sinn. Déi, déi et gëtt, dat ass net gutt. Mä et ass awer elo net esou, datt bei all zweet Face, déi geschützt ass zu Déifferdeng, d'Steng am Gaang wären erofzefalen. An deene Fäll kann de Buergermeeschter, soubal et ëm d'Sécherheet geet, natierlech eppes maachen. Mä Dir hutt recht, bei verschiddenen ass et ganz, ganz schwéier. Dat ass richteg.

Den Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

D'LSAP begréisst déi nei Primm. Mer hoffe just, dass et bei de Prozeduren, net esou ausgeet wéi mat deenen aneren. Dat wär eng Katastroph.

Dat hei geet jo iwwert d'Fassad eraus. Hei geet et haaptsächlech ëm déi Elementer bannen am Haus. Dieren, ganz speziell Elementer, Kachelen, de Stuck hat de Buergermeeschter gesot. Alles, wat erhalenswäert ass. Wat am Fong net direkt eng Plus-value fir dee bréngt, deen dra wunnt. Ausser dass en an engem schéinen historeschen Haus wunnt. An dee soll jo ënnerstëtzt ginn.

Ech weess net, wéi vill Dossiere schonn en attente sinn, ech hoffen et sinn der schonn e puer. Op där anerer Manéier wäre mer frou, wa mer dat nächst Joer kéinte soen, mir hunn eng ganz Partie där doter Ënnerstëtzunge konnten ausdeelen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Häre, ënnert dem Punkt véier vum haitegen Ordre du jour hu mer d'Verlängerung vum Schutz vun den erhalenswäerte Gebaier an onser Gemeng, wou viru ronn engem Joer e ganze Katalog erstallt gouf. Ech si frou, datt mer haut den entspriechende Subsid stëmmen, datt d'Leit, déi an hire Privathaiser Aarbechte wëllen ugoen, entspriechend gehollef kréien. An dëst réckwierkend op de 25. Januar, wou dat deemools gestëmmt gouf.

Den Här Schwachtgen hat et ugeschwat, mam staatleche Subsid gëtt en Ënnerscheed gemaach, ob d'Haus national oder kommunal geschützt ass. Dozou muss ee gutt halen, datt wann en Haus national geschützt ass, nach vill méi Oploe bestinn.

Wat en och ugeschwat hat, an deem stëmmt d'CSV voll zou, dat ass, datt mer de Privatleit déi richteg oder déi néideg Informatioune musse ginn, wat d'Prozeduren an d'Delaien ugeet, fir an de Genoss vun deene Primmen ze kommen.

Mir fannen, datt dës Approche, fir 50% op de staatleche Subsid bäizeginn, fir d'Privatleit déi einfachst Léisung ass. Well esou brauchen d'Leit net op zwou Plazen zwee verschidde Questionnairen auszefëllen. Mä froen einfach de Subsid beim Staat un a mat deem Ziedel, dee se do kréien, kréie se zousätzlech 50% hei op der Gemeng. Wat, mengen ech, och eng Simplification administrative ass.

Ech hat nach eng Fro opgeschriwwen, mä déi huet den Här Buergermeeschter mëttlerweil beäntwert, datt effektiv nach d'Prime de façade an och d'Prime d'amélioration zousätzlech zu dëser kënnen ugefrot ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg. Den Haaptproblem ass, et däerf een net ufänken, bis een d'Demande gemaach huet. Si sinn net esou kulant wéi den Här Liesch, datt een et retroaktiv op den 1. Januar kritt. En hat do eng exzellent Iddi. Mä soubal de Sites et Monuments mierkt, datt een ugefaangen huet, dann ass d'Dier zou.

Mir haten déi Erfarung bei där enger oder aner Galerie, déi mir mam CIGL renovéiert haten, well mer et gutt gemengt hunn. Ech hoffen, datt Sites et Monuments vläicht an Zukunft awer e bësse mat sech schwätze léisst. Datt ee seet, retroaktiv ass vläicht och eppes dran, wann et natierlech am Sënn och ass vu Sites et Monuments. Well et

muss een awer vläicht och eise Bierger a Biergerinnen e bëssen entgéintkommen. Mä wichteg ass: Et muss een et ufroen, soss hat ee Pech.

Mir kéinten zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement concernant la subvention des frais de travaux pour les immeubles protégés.

Exzellent. Dann d'Règlements temporaires de circulation. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et sinn déi üblech dobäi. Ech géif just zwou wëllen eraushiewen. Déi eng, e bëssen eng Gréisser, ass déi fir déi Saachen, déi mer musse maache fir de Chrëschtmaart, dee jo schonn aktiv ass. Do sinn e bësse méi Saachen dobäi.

An déi aner, déi ech wëllt eraushiewen, ass de Chantier, dee mer plangen – wat och am Budget steet –, déi Haiser, déi mer ofgerappt hunn an der Avenue de la Liberté. Um Eck ënnen, wou et bei d'Spidol geet. Dass mer deen Terrain wëlle propper maachen. Am Moment gesäit dat jo net ganz attraktiv aus. Deen Terrain wëlle mer propper maachen.

Dir gesitt, et ass eng Zon agezeechent ënnen um Parking fir den Entrepreneur, deen déi Aarbechte wäert maachen. Fir säi Material ze stockéieren, seng Bennen, fir deen Terrain propper ze maachen. Ech wollt dat eraushiewen, well vill Nidderkuerer awer frou sinn, wann deen net esou schéinen Eck dann awer elo méi flott gëtt. Soudass mer kënnen eng Kéier diskutéieren, wat mer an Zukunft dorobber plangen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Eng ganz kuerz Interventioun dozou. Mir haten deemools mam Fierschter zesummen eng ganz Rei Beem hannert deene Gebaier do klasséiert a virgesinn, dass déi sollen erhale bleiwen. Et misst ee bei deenen Aarbechten drop oppassen, dass do dee richtege Schutz ubruecht gëtt. Net, dass se vläicht dann zoufälleg ewechgeseet ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Et ware keng Froen ugemellt. Da soen ech Iech Merci. Zur Informatioun, och fir d'Press, de 14. hu mer eis normal Sitzung. Déi fänkt um aacht Auer un. Géint Mëtteg géife mer eng kleng Paus maachen. Géifen dann och Bréidercher komme loossen, eppes Klenges iessen, datt mer nach Energie hunn, datt och jiddwerengem nogelauschtert gëtt.

Well d'Erfarung war déi lescht Joren, datt op eemol, no fënnef, sechs Stonnen, de Mo gegrommelt huet, an da si mer driwwer ewechgeflunn. Ech fannen, dass et eng wichteg Sitzung ass. En plus si ganz vill Devisen dobäi, wou mer d'ganzt Joer wëllen investéieren. Dofir maache mer eng kleng Paus, datt et e bësse méi agreabel ass wéi déi Jore virdrun. Probéiere mer op alle Fall. Villmools Merci.

(Interruptioun)

Wann Der eng Fro hutt, Här Diderich, ganz gären.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat geduecht, ech kéint déi ënnert dem Punkt vum Budget vum Office social stellen. Ech hu se och gestallt, d'Fro, wou mer do dru si mam Projet Klenge Casino. Ob mer déi Ofséche- *l'autre galerie par le CIGL. Roberto Traversini espère que les Sites et Monuments se montreront moins intransigeants à l'avenir. Car parfois, il est nécessaire d'aller à l'encontre des citoyens.*
(Vote)
Roberto Traversini passe aux règlements temporaires de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *insiste sur deux règlements. Le premier concerne le Marché de Noël et l'autre concerne le nettoyage du terrain où les maisons ont été démolies dans l'avenue de la Liberté. Une zone est prévue sur le parking pour le stockage du matériel de l'entrepreneur qui réalisera les travaux. Les habitants de Niederkorn sont certainement contents d'apprendre que ce coin de leur localité sera amélioré.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *rappelle que la commune et le garde forestier ont classé des arbres derrière les bâtiments. Il faudra donc les protéger pendant les travaux.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *annonce que la séance du 14 décembre commencera à 8 h. Une pause est prévue vers midi, car les autres années, au bout de cinq ou six heures, les conseillers communaux commençaient à avoir faim et survolaient les points. Les débats budgétaires sont importants. C'est pourquoi une pause est nécessaire.*
Roberto Traversini clôture la séance.
(Interruption de M. Diderich)
Roberto Traversini cède la parole à M. Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rappelle qu'il a posé une question concernant le Klenge Casino. Ce projet ira-t-il dans le sens d'une SIS comme cela était prévu? Où en est-on?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rappelle qu'il en a déjà été question dans une séance à huis clos. Il espérait que M. Diderich aurait suffisamment de tact pour comprendre pourquoi le bourgmestre n'a pas répondu. Il s'agit d'une SARL. Roberto Traversini ne fournira pas plus de détails dans la séance publique. Il reviendra sur cette question dans la séance à huis clos, mais il ne sait pas non plus comment se portent les autres commerces de Differdange.
Il clôture la séance.

rungen hunn, dass dat an déi Richtung wäert goen, wéi dat virgesi war, dass dat eng SIS gëtt. Wou mer do dru sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hate jo schonn an der Netëffentlecher driwwer geschwat, dofir hat ech geduecht, Dir hätt esou vill Taktgefill a verstanen, firwat ech virdrun net geäntwert hunn. Ech fannen, mir sollen dat an d'Netëffentlech huelen. Et ass eng Sàrl. Ech ginn elo keng weider Detailer, wat an där Sàrl am Gaang ass ze geschéien. Ech wäert an der Netëffentlecher soen, wat ech weess. Mä ech weess och net, wéi déi aner Butteker hei zu Déifferdeng fonctionnéieren.

Déi ëffentlech Sitzung ass fäerdeg. Merci.

MODIFICATION DU PAG ET DES PAP

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est notifié que les modifications au plan d'aménagement général et aux plans d'aménagement particuliers suivants ont été publiées:

Dénomination	Entrée en vigueur
Modification PAG secteurs et éléments protégés d'intérêt communal	23.10.2018
PAP Op de breeden Dréischer	6.9.2018

DEMANDE DE CERTIFICATS

Les certificats suivants sont disponibles au bureau de la population sur présentation de la carte d'identité ou de la carte de séjour/attestation d'enregistrement/titre de séjour:

- Certificat de résidence;
- Certificat de résidence élargi;
- Certificat de vie;
- Certificat d'inscription aux listes électorales;
- Certificat d'autorisation parentale.

Les enfants mineurs partant à l'étranger sans être accompagnés par leurs parents peuvent demander une autorisation parentale. Ce certificat est établi par le bureau de la population. À cet effet, un des parents de l'enfant doit se présenter personnellement au bureau de la population en fournissant les renseignements suivants:

- Date de départ et date de retour de l'enfant;
- Destination de l'enfant (pays et localité);
- Nom de l'accompagnateur (doit être majeur).

Il est impératif que l'un des parents se présente en personne au bureau de la population puisque sa signature devra être légalisée. L'enfant devra garder sur soi cette autorisation et la présenter sur demande ensemble avec sa carte ou son titre d'identité.

Les certificats de résidence élargie et d'inscription aux listes électorales peuvent aussi être demandés par e-mail avec copie d'une pièce d'identité annexée à biergeramt@differdange.lu.

INSCRIPTIONS ET DÉMÉNAGEMENTS

Changement d'adresse

Le changement d'adresse doit se faire dans les huit jours de l'arrivée sur le territoire de Differdange. Les documents à présenter sont:

- une pièce d'identité valable;
- l'attestation d'enregistrement, l'attestation de séjour permanent ou la carte de séjour;
- les actes de naissance des enfants (ou le livret de famille);
- le livret de famille ou l'acte de mariage;
- la preuve écrite d'un logement (contrat de bail/autorisation d'habitation).

Après la déclaration d'arrivée, veuillez vous présenter auprès du service clients pour faire la demande pour les poubelles ainsi que pour l'obtention d'une carte de recyclage.

Les détenteurs de chiens doivent obligatoirement déclarer leur chien auprès du service clients. Un certificat d'une compagnie d'assurances attestant la couverture des garanties de responsabilité civile ainsi que le certificat d'un vétérinaire agréé sont nécessaires pour la déclaration. Pour la déclaration des chiens susceptibles d'être dangereux et reconnus comme tels par la loi (loi et règlements du 1.6.2008), une procédure spéciale règle la déclaration en deux phases.

Changement d'adresse sur le territoire de Differdange

Tout changement de résidence à l'intérieur de la commune de Differdange est à déclarer impérativement au service Biergeramt sur présentation d'une pièce d'identité valable, le cas échéant, de l'attestation d'enregistrement ou de la carte de séjour de membre de famille d'un citoyen de l'Union européenne, et d'une preuve écrite de logement (contrat de bail/autorisation d'hébergement).

À noter que pour un déménagement à l'étranger, la déclaration de départ dans notre commune reste obligatoire.

COPIES D'ACTES D'ÉTAT CIVIL

Les copies d'actes de naissance, de mariage ou de décès sont délivrées sur présentation d'une preuve d'identité valable par le service état civil de la Ville de Differdange.

Ces copies peuvent également être envoyées au domicile de l'intéressé(e) sur simple demande par e-mail à etatcivil@differdange.lu avec une pièce d'identité annexée.

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT STADHAUS
Differdange

DEVA MAHAL

MARCH 20TH, 2019
21H00 | 20 €
AALT STADHAUS

WWW.STADHAUS.LU

AUTOPSY

E Séile-Striptease
mam
Michèle Turpel

Text a Regie
Jemp Schuster

Aalt Stadhaus

31. Mäerz 2019

17h00 | 10 €

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT STADHAUS
Ettelbrück

www.stadhaus.lu